n°1/ 2026








# Gemengeninfo

Rapport du conseil communal
du 13.2.2026

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# Composition du conseil communal


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Loullingen,
conseillère LSAP


Walter Berettini,
conseiller LSAP


Roby Goergen,
conseiller LSAP


Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP


Diogo Costa,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Claude Martini,
conseiller CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng


Marc Meyer,
conseiller DP


Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR


Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: C. Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°1/2026 - Parution: mai 2026 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# Sommaire

Rapport sommaire en français 5

**1. Correspondance** **8**

**2. Circulation** **9**

2.1. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation – rue Louis Rech
2.2. Modification du règlement général de la circulation du 13 juillet 2018 – rue Louis Rech
2.3. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation – rue G.D. Adolphe, rue Bannent, rue de l'Hôpital, rue de la Libération, rue St Martin et route de Volmerange
2.4. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation – rue Boitenberg, rue du Commerce, rue Edison, rue de l'Eglise, rue Dominique Lang et rue Lentz
2.5. Approbation d'un règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux de mise en conformité des passages pour piétons dans la route de Zoufftgen
2.6. Approbation d'un règlement temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de mise en conformité des passages pour piétons/cyclistes dans la route de Luxembourg

**3. Urbanisme** **11**

3.1. Approbation d'un projet de lotissement/morcellement de la parcelle cadastrale N°3218/10532 de la section C de Dudelange sise 90, rue Grand-Duc Adolphe en 2 parcelles cadastrales
3.2. Approbation d'un devis estimatif relatif à la construction de logements abordables situés au site de l'ancienne école « Echerdahl », sise rue Grand-Duc Adolphe
3.3. Mise en procédure du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – parties écrite et graphique, concernant le site du PAP ZAE Wolser – PAP NQ SD-31 [Dossier 10]

**4. Finances** **26**

4.1. Présentation et discussion du plan pluriannuel de financement des exercices 2027-2029
4.2. Approbation du tarif d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et les modifications à apporter au chapitre XIV : Gaz – du règlement-taxes général
4.3. Approbation du règlement communal relatif à la subvention pour la promotion à la participation sportive des enfants en situation de précarité
4.4. Approbation de la convention avec l'association Diddelenger Geschichtsfrënn a.s.b.l. concernant un ensemble de locaux, sis au hall polyvalent, route de Bettembourg
4.5. Approbation du devis estimatif relatif à divers travaux de rénovation – travaux de réparation et d'entretien, vitraux, polychromie, échafaudage, orgue – de l'église St Martin
4.6. Approbation du devis estimatif relatif à l'acquisition d'un banc d'essai avec fosse pour voitures et camions pour les ateliers communaux
4.7. Emprises – approbation d'actes de vente notariés
- 4.7.1. Époux Hansen-Naegelen – rue Mme Mayrisch de St Hubert
- 4.7.2. Époux Poeckes-Origer – An Hinnefen
- 4.7.3. Monsieur Patrick Moes – rue Ribeschpont
- 4.7.4. Consorts Bonvini, Hirschler – rue Tattenberg

4.8. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite résultant d'une convention sous condition au sujet de trois parcelles de terrain sises à Dudelange, route de Burange et rue Pierre Theis
4.9. Allocation de subsides extraordinaires

**5. Organisation scolaire** **44**
Approbation des modifications à apporter aux ressorts scolaires dans l'organisation scolaire de l'enseignement fondamental de l'année 2026-2027

**6. Personnel de l'Office social** **45**
- 6.1. Aval à donner à la décision du conseil d'administration de l'Office social portant création d'un poste d'employé communal, relevant du groupe de traitement C1, administratif
- 6.2. Aval à donner à la décision du conseil d'administration de l'Office social portant création d'un poste de fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement B1, administratif
- 6.3. Aval à donner à la décision du conseil d'administration de l'Office social portant création d'un poste d'employé communal, relevant du groupe de traitement A2, éducatif et psycho-social

**7. Personnel** **46**
- 7.1. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho social (service éducation et accueil)
- 7.2. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho social (service jeunesse, famille et senior)
- 7.3. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement A2, administratif (gaz – gestion administrative et relation clients)
- 7.4. Conversion d'un poste vacant de fonctionnaire communal à tâche complète relevant du groupe de traitement D1, attributions particulières en poste de fonctionnaire communal à tâche complète relevant du groupe de traitement C1, technique (service des sports)
- 7.5. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, administratif (service éducation et accueil)

**8. Service hivernal sur les axes cyclables principaux** **47**
Motion soumise par la fraction Déi Gréng relative à la priorisation du service hivernal sur les axes cyclables principaux

**9. Projet Sportbox** **52**
Motion soumise par la fraction CSV Motion relative à la participation au projet « Sportbox – App and Move » et à la mise en place d'une installation pilote

**10. Questions au collège des bourgmestre et échevins** **55**

# Rapport sommaire

**Présents :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception du point numéro 3.3 de l'ordre du jour), échevins. Madame Semiray Ahmedova (à l'exception du point numéro 5 de l'ordre du jour) ; Messieurs Walter Berettini, Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen (à l'exception des points numéros 4.7 et 4.8 de l'ordre du jour) ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen (à l'exception du point numéro 4.6 de l'ordre du jour) ; Monsieur Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo (à l'exception du point numéro 5 de l'ordre du jour) ; Monsieur Yves Steffen; Madame Carole Thoma, conseillers. **Absent :** Monsieur Claude Martini, conseiller communal, excusé. Messieurs Yves Goergen, secrétaire communal adjoint, Paul Nosbusch, chef du service des ressources humaines. **Délégations :** Monsieur Claude Martini, conseiller communal a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale pour tous les points figurant à l'ordre du jour.

**1 – Correspondance**

Monsieur le bourgmestre porte les informations suivantes à la connaissance du conseil communal :

• en date du 3 février 2026, le collège des bourgmestre et échevins et la Fédération Générale de la Fonction Communale (FGFC) ont signé une Charte de coopération et de qualité du service public. La charte formalise un cadre partagé pour garantir un dialogue social régulier, la transparence dans la gestion du personnel, et la promotion du bien-être au travail ;

• en date du 12 février 2026, le collège des bourgmestre et échevins et le OGBL- Onofhängege Gewerkschaftsbond Lëtzebuerg ont signé une Charte de coopération de coopération et de qualité du service public. Cette seconde charte, similaire dans son esprit, renforce davantage la participation du personnel et la responsabilisation des représentants syndicaux ;

• le collège échevinal s'est adressé par sa lettre du 22 janvier 2026 à Monsieur le Ministre de la Culture au sujet de la vocation de la Chapelle Saint-Éloi. Le collège échevinal sollicite le Ministre pour initier une réflexion commune quant à la vocation future de cette chapelle classée Monument national, située au coeur du site en transformation Schmelz / NeiSchmelz.

**2 – Circulation**

2.1 Confirmation du règlement d'urgence – rue Louis Rech. Le conseil confirme à l'unanimité la décision du collège des bourgmestre et échevins du 19 décembre 2025 permettant la prolongation de la ligne TICE 4 jusqu'au Laboratoire National de la Santé. Cette prolongation nécessitait des mesures de signalisation urgentes, justifiées par la communication tardive de l'exploitant et par les impératifs de sécurité des usagers.

2.2 Modification du règlement général de la circulation – rue Louis Rech. Le conseil adopte à l'unanimité la création de deux arrêts d'autobus officiels à hauteur du n°1 de la rue Louis Rech. Cette mesure pérennise les dispositions temporaires introduites lors de la phase d'urgence et intègre définitivement l'extension de ligne dans le dispositif communal.

2.3 Confirmation du règlement d'urgence – rues G.-D. Adolphe, rue A Bannent, rue de l'Hôpital, rue de la Libération, rue St Martin, route de Volmerange. Les travaux liés au projet NeiSchmelz imposent de profondes modifications de circulation : déviations, interdictions de tourner, feux tricolores temporaires, priorités inversées. Le conseil confirme l'ensemble de ces mesures, indispensables au déroulement du chantier et à la sécurité des piétons, automobilistes et riverains.

2.4 Confirmation du règlement d'urgence – rue Boitenberg, rue du Commerce, rue Edison, rue de l'Église, rue Dominique Lang et rue Lentz. Ce règlement encadre les travaux de mise en conformité des passages pour piétons, imposant des interdictions temporaires, routes barrées et modifications de sens. Les impacts sur la circulation sont importants, notamment en raison de la densité commerciale du secteur. Le conseil confirme unanimement ce règlement d'urgence.

2.5 Approbation du règlement temporaire – route de Zoufftgen (CR160). Adopté à l'unanimité, ce règlement organise la circulation durant les travaux prévus à partir du 9 mars 2026. Il comprend : routes barrées, voies sans issue, feux tricolores temporaires, interdictions de tourner, arrêts de bus déplacés, restrictions >3,5 t. Ces mesures permettent de maintenir la fluidité du trafic vers les quartiers résidentiels et scolaires.

2.6 Approbation du règlement temporaire – route de Luxembourg. De même, l'ensemble du secteur de la route de Luxembourg sera réorganisé durant les travaux. Les interventions concernent un axe majeur de transit, justifiant une signalisation dense : arrêts de bus neutralisés ou déplacés, voies barrées, déviations en direction de Burange ou du centre. La décision est adoptée à l'unanimité.

**3 – Urbanisme**

3.1 Lotissement/morcellement 90, rue Grand-Duc Adolphe. Le projet prévoit la division de la parcelle en deux lots pour accueillir deux maisons unifamiliales jumelées et une habitation légère. La procédure est conforme au PAG (zone HAB-2) et au PAP Quartiers existants. Le conseil approuve le projet à l'unanimité.

3.2 Logements abordables – Site Echerdahl. Le devis de 3,1 millions d'euros couvre le gros-oeuvre, la structure bois, les équipements techniques, les aménagements extérieurs et les honoraires. Ce projet répond à la forte croissance de la demande en logements à loyer abordable. Le crédit disponible au budget 2026 permet d'engager les

travaux sans délai. Le projet est approuvé à l'unanimité.

3.3 Modification ponctuelle du PAG – PAP ZAE Wolser. Cette modification vise la densification raisonnée de la zone nationale Wolser B et l'harmonisation des règles de stationnement avec la commune de Bettembourg. L'avis environnemental confirme l'absence d'impact notable et fixe une hauteur maximale de 30 m. Le conseil autorise la mise en procédure à l'unanimité.

**4 – Finances**

A l'exception de la décision sub 4.5. de l'ordre du jour, toutes les autres décisions relatives aux finances communales sont prises à l'unanimité. La décision sub point numéro 4.1 n'est pas soumise à un vote :

4.1 Plan pluriannuel de financement 2027–2029. Le collège échevinal présente les perspectives financières, incluant les investissements majeurs (logement, infrastructures, mobilité douce, équipements scolaires). Les échanges permettent d'évaluer la soutenabilité de la trajectoire financière.

4.2 Tarifs gaz naturel 2026. Les nouveaux tarifs tiennent compte de l'évolution des coûts d'exploitation et du cadre national. Ils distinguent plusieurs classes (G4 à G400), prévoyant une composante capacité prévoient des redevances mensuelles adaptées.

4.3 Subvention « participation sportive des enfants en précarité ». Le conseil communal adopte un règlement instituant une subvention destinée à favoriser la participation sportive des enfants issus de familles en situation de précarité, conformément à l'action 5.6 du Plan local santé. Cette aide vise à promouvoir l'égalité des chances, l'intégration sociale et le développement global des enfants, en prenant en charge, sous conditions, les frais d'inscription à un club sportif fédéré. La subvention s'adresse aux ménages domiciliés à Dudelange bénéficiant de l'allocation de vie chère ou reconnus dans le besoin par l'Office social, pour les enfants âgés de 3 à 18 ans. Elle est plafonnée à 150 € par enfant et par an, pour une seule activité sportive. Le dispositif est financé par le budget communal 2026, avec une participation équivalente de l'Office social, soutenue par un cofinancement de l'OEuvre Grande-Duchesse Charlotte. Les modalités de demande, de contrôle et de remboursement sont fixées par le règlement, applicable rétroactivement au 1er janvier 2026

4.4 Convention avec Diddelenger Geschichtsfrënn. Le conseil communal approuve la convention conclue le 4 décembre 2025 avec l'association Diddelenger Geschichtsfrënn a.s.b.l. relative à la mise à disposition de locaux communaux situés dans le hall polyvalent, route de Bettembourg. Cette convention, conclue pour une durée de dix ans à compter du 1er janvier 2026, prévoit l'octroi d'un bail à l'association pour un loyer symbolique, en vue de soutenir ses activités d'intérêt général liées à la préservation et à la valorisation du patrimoine historique de la Ville. Elle organise la collaboration entre la Ville et l'association pour la mise à disposition du public d'expositions, de recherches, de collections et d'archives, tout en garantissant l'accès de la Ville aux ressources de l'association dans le cadre de la Mémoire Collective. La convention précise également les conditions d'utilisation des locaux, la prise en charge des charges par la Ville, ainsi que les modalités de transfert des collections à la Ville en cas de dissolution ou d'incapacité de gestion de l'association.

4.5 Travaux à l'église Saint-Martin. Le conseil communal approuve, avec 18 voix pour et 1 contre, le devis estimatif du 7 janvier 2026 d'un montant total de 200.000 € TTC relatif à divers travaux de rénovation de l'église St Martin à Dudelange. Ces travaux comprennent notamment la mise en place d'un échafaudage, la restauration de la polychromie, la dépose et restauration des vitraux, des honoraires techniques, la rénovation de l'orgue, ainsi que l'installation d'une connexion Wifi et divers travaux annexes.

4.6 Banc d'essai pour les ateliers communaux. Le conseil communal approuve le devis estimatif d'un montant de 310.000 € TTC relatif à la construction d'une nouvelle fosse technique pour le service garage mécanique.
Ce projet vise à remédier aux insuffisances de l'installation actuelle, notamment en matière de sécurité, de dimensions inadaptées, d'éclairage, d'ergonomie et de flexibilité d'utilisation. Le nouveau dispositif offrira de meilleures garanties de sécurité, une fosse moderne adaptée aux véhicules lourds et un outillage optimisé.

4.7 Approbation des actes de vente suivants relatifs à l'acquisition d'emprises : époux Hansen-Naegelen, terrains sis rue Mme Mayrisch de St Hubert ; époux Poeckes-Origer, terrains sis rue An Hinnefen ; Monsieur Patrick Moes, terrains sis rue Ribeschpont ; consorts Bonvini, Hirschler, terrains sis rue Tattenberg. Les parcelles concernent des emprises nécessaires à la voirie publique.
Chaque acquisition est justifiée par l'intérêt public et a fait l'objet d'une procédure commodo/incommodo sans réclamation.

4.8 Cession gratuite de trois parcelles (PAP route de Burange). Le conseil communal approuve l'acte notarié du 18 décembre 2025 portant cession gratuite par la société Roubur S.A. de trois parcelles de terrain situées à Dudelange, route de Burange et rue Pierre Theis. Cette acquisition, réalisée dans le cadre de la mise en oeuvre du PAP « Route de Burange », a pour objectif l'intégration des terrains dans la voirie publique communale à des fins d'utilité publique. Les parcelles concernées, d'une valeur estimée à 500 €, ont fait l'objet d'une enquête publique sans réclamation.

4.9 Subsides extraordinaires. Le conseil communal décide d'allouer des subsides extraordinaires à diverses associations, à savoir : 200,- € à l'association SCAP – Lëtzebuerger Aktionskrees Psychomotorik a.s.b.l. ; 500,- € au Centre d'information et de documentation femmes et genre ; 2'000,- € à l'Amicale vum Zenter Diddeleng a.s.b.l.,. et 100,- € à la Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung – La Canne Blanche a.s.b.l.

**5 – Enseignement fondamental**

Modifications des ressorts scolaires 2026-2027. Le conseil communal approuve, à l'unanimité, la modification de la répartition des ressorts scolaires de l'enseignement fondamental, applicable à partir de l'année scolaire 2026/2027. Cette adaptation s'inscrit dans le cadre de l'organisation scolaire et vise à ajuster les ressorts existants en fonction des besoins.

**6 – Personnel de l'Office social**

Les décisions suivantes, prises par le conseil d'administration de l'Office social en matière de personnel, sont, à l'unanimité, avisées favorablement :

6.1 la création d'un poste d'employé communal, relevant du groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif, afin de remplacer un départ prochain à la retraite ;

6.2 la création d'un poste de fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, afin de remplacer le secrétaire démissionnaire ;

6.3 la création d'un poste supplémentaire d'employé communal, conventionné, relatif aux projets d'inclusion sociale par le logement (PISL), relevant du groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social.

**7 – Personnel**

Toutes les décisions suivantes sont adoptées à l'unanimité par le conseil communal :

7.1 la création d'un poste d'employé communal, éducateur diplômé, relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du service éducation et accueil. Ce poste répond à l'augmentation du nombre d'enfants et aux besoins accrus de surveillance et d'encadrement ;

7.2 la création d'un poste d'employé communal, relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du service jeunesse, famille, senior et hub social ;

7.3 la création d'un poste de fonctionnaire communal, relevant du groupe de traitement A2, sous-groupe administratif pour les besoins du service gestion et maintien du patrimoine, gaz, gestion administrative et relation clients. Ce poste assure la gestion administrative du réseau gaz, secteur hautement réglementé ;

7.4 la conversion d'un poste vacant de fonctionnaire communal relevant du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières en poste de fonctionnaire communal relevant du groupe de traitement C1, sous-groupe technique, à tâche complète au service des sports ;

7.5 la création d'un poste de fonctionnaire communal relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif pour le service éducation et accueil, nécessaire suite à la réussite d'un agent à l'examen de promotion et à la suppression d'un poste d'employé communal.

**8 – Motion soumise par la fraction Déi Gréng – Service hivernal sur pistes cyclables**

Le conseil communal rejette, par 16 voix contre et 3 voix pour, la motion du parti déi Gréng visant à prioriser le service hivernal sur les axes cyclables principaux.

**9 – Motion soumise par la fraction CSV – Sportbox – App & Move**

Le conseil communal rejette, par 13 voix contre, 5 voix pour et 1 abstention, la motion du parti CSV visant à participer au projet « Sportbox – App and move » et à installer une installation pilote.

**10 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**

Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins :

(1) Déi Gréng – publication « Meng Stad » – recettes des restaurateurs ;
(2) Déi Gréng – feux d'artifice ;
(3) Déi Lénk – fermeture de chambres meublées ;
(4) CSV – fermeture de chambres meublées.

Le conseil communal prend acte que, conformément à la loi communale, le collège des bourgmestre et échevins répondra par écrit aux questions posées dans le mois suivant leur réception.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives au personnel de l'Office social et de l'administration communale sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. Fin de la séance vers 15.15 heures. •

# Gemengerotssëtzung vum vum 13. Februar 2026

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, schéine gudde Mueren an häerzlech wëllkomm. Ech begréissen och  d'Press déi haut de Mueren am Gemengerot ass wéi och d'Mataarbechterinnen a d'Mataarbechter, vun deene verschiddene Servicer, déi och schonn hei si bei verschiddene Punkten Fir konform ze si mat Regularie ronderëm de Gemengerot, do hu mer hei d'Procuratioun virleie vum Här Martini, an déi Procuratioun krut d'Madamm sKayser. Voilà, dann ass dem Gemengerot och do a senger Kompositioun komplett. Mir hunn e gutt geféllten Ordre du jour.

## 1. Korrespondenz

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Do waren e puer Punkten, déi ech Iech hei wollt matdeelen. Engersäits hu mer Iech Courrieren erageluecht, déi mer un de Kulturminister gemeet hunn, un den Här Thill, wat d'Eligius-Kapell Op der Schmelz ugeet. Mir hate jo hei am Gemengerot decidéiert, dass mer hei net wéilte Proprietär ginn, mee dass de Staat soll Proprietär ginn. An hei awer och no Gespréicher, déi mer mam Kulturministère haten, och hei e Courrier un de Kulturminister, dass d'Aarbechten, d'Renovatiounsaarbechten, respektiv d'Affektatioun vum Site, respektiv vun der Kapell, dat war jo och eng Diskussioun, déi mer hei am Gemengerot haten, dass déi an hirem historesche Kontext, an hirem architektonesche Kontext an awer och an hirer Fonctionnalitéit och dem Projet NeiSchmelz soll eng Plus-Value bréngen. An do och nach eng Kéier mat Nodrock op de Wee ginn, dass mer do och ganz kloer wëllen am Dialog an am Echange mam Kulturministère bleiwen, wat déi nei Affektatioun vun där Kapell ugeet. An dat hu mer hei ganz kloer am Courrier bekräftegt, an do ass och eng Ouverture säitens vum Kulturministère fir dat mat eis ze beschwätzen.

Dann déi zweet Informatioun, déi ech Iech hei wéilt ginn, dat hutt Dir och an Ärem Dossier leien, dat sinn déi zwou Kooperatiounschartë ronderëm d'Qualitéit am ëffentlechen Déngscht. Engersäits hu mer d'Charte ënnerschriwwe mam OGBL an och mat der FGFC, wou mer eis hei och gemeinsam asetze fir de Sozialdialog, fir d'Wuel vun eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter. An eis och géigesäiteg verflichten, eis e Règlement d'ordre interne ze ginn, wou mer eng gemeinsam Verantwortung als Employeur zesumme mat de Gewerkschaften droen, och wa jidderee säi Rôle deementspriechend huet, setze mir eis awer a fir eng gutt Aarbecht am ëffentlechen Déngscht. Wéi gesot, dës Charte ass kee Pabeiertiger. Déi richteg Aarbecht geet elo lass. Et ass am Fong keen Ofschloss, mee et ass e Startpunkt fir eng Rei Punkten, déi mer zesumme wëllen ugoen. Wéi gesot, de Schäfferot mat de Gewerkschaften, respektiv deenen zwou Delegatiounen, d'Beamtendelegatioun an och d'Salariatsdelegatioun. Dat, wéi gesot, déi zwee Dokumenter, déi Der och an Ären Dokumenter hutt.

An eng drëtt Informatioun, déi ech awer wollt ginn, dat war jo och Bestanddeel vun enger Diskussioun, déi mer eng Kéier hei haten. Mir hate jo d'Initiativ geholl fir un d'Generaldirektioun vun der Police ze schreiwen, fir eng Unité de Police locale hei ze kréien. A mir hate Mëtt Januar, do wollt ech de Gemengerot hei informéieren, eng Entrevue mat der Generaldirektioun vun der Police an och mam Diddelenger Kommissariat ronderëm d'Unité de police locale. Et ass jo sou, dass do eng Analys muss gemeet gi vun der Police. Mir haten do e ganz konstruktiven Echange ronderëm déi doten Unitéit an hunn do och eng Rei Echangen a Recommandatiounen un d'Generaldirektioun weiderginn, wat effektiv deen Espace kéint sinn, wou d'Unité de Police locale kéint hir Patrulle maachen zu Fouss. Dat hu mer lo weiderginn nieft dem Regionaldirekter och un de Generaldirekter vun der Police. Well et ass jo hien, dee schlussendlech d'Decisioun hëlt, ob déi Unitéit kënnt oder net. Mee ech kéint mer schlecht virstellen, dass keng géif kommen, grad eebe well Diddeleng déi véiertgréisst Stad hei am Land ass. Mee wéi gesot, hei huet nach ëmmer d'Initiativ an de Lead d'Police selwer, a wéi gesot, wa mer do och en offizielle Schrëftverkéier kréie vun der Police, dass se effektiv kann en place gesat ginn, datt mer natierlech och de Gemengerot doriwwer a Kenntnis setzen. Dat waren dräi Kommunikatiounen, Informatioune mengersäits. Ech kucken nach op d'Kolleege vum Schäfferot, ob si nach eppes hätten?  Dat ass net de Fall

## 2. Circulatioun

**2.1. Confirmatioun vun engem temporäre Règlement d'urgence – Rue Louis Rech**

**2.2. Modifikatioun vum Allgemenge Verkéiersreglement vum 13. Juli 2018 – Rue Louis Rech**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, ech begréissen dann de Pit an de Mica vun eise Servicer. Falls vun Ärer Säit nach méi technesch Froen herno zu de Punkte vun der Circulatioun si, si sinn natierlech hei. Fänke mer u mam éischte Punkt vum Ordre du jour. Dir wësst, datt zënter den Ännerunge vun den TICE-Linnen, déi de 4. Januar a Kraaft getruede sinn, fiert jo d'Linn 4 vun der Gare duerch d'Quartiere Brill a Bier eng zréck op d'Lëtzebuerger Strooss. An den Terminus, deen ass lo beim LNS an domadder ass och dee besser un den ëffentlechen Transport natierlech mat ugebonnen. Fir datt dee Bus awer kann do stoe bleiwen a Plaz huet, fir och ze waarden, do brauch en natierlech en Arrêt, e Busarrêt, an dofir hu mer eng Rei Parkplazen, natierlech an Ofsprooch mam LNS, an e Busarrêt ëmgewandelt. Dir hat e Plang dobäi leien an de Paul huet en och lo grad hei op eiser Leinwand projezéiert. Do gesitt Der dann och di genau Plazen.

Firwat hu mer hei e Règlement d'urgence geholl? Bon, et gouf nach bis Mëtt Dezember getest, wou déi ideal Plaz wär, fir eeben am Noutfall och kënnen direkt ëmzeswitchen, falls do de Bus net gutt d'Kéier kritt oder et awer net déi bescht Plaz wär fir stoen ze bleiwen. An dann hät-

te mer nach kéinten och rëm an Ofsprooch mam LNS op aner Parkplazen auswäichen. Fir datt dee Busarrêt awer lo kann do bleiwen, dee gëtt natierlech lo och scho benotzt, well ech sot, ab 4. Januar ass deen neie Plang a Vigueur, do muss eeben dat Règlement d'urgence elo approuvéiert ginn a gläichzäiteg muss natierlech och dee Busarrêt definitiv gestëmmt ginn an dofir läit dann och en Avenant op dat Generellt Verkéiersreglement bäi. Den nächste Punkt also. Et sinn also zwee Votten an, wann do lo nach Froe sinn, wéi gesot, dann ass natierlech fir d'Circulatioun de Pit Demuth hei. Voilà. Merci. Dat war et mol fir deen do Punkt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Claudia, fir déi néideg Erklärungen zu dësem Punkt. Remarken, Froen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Règlement d'urgence averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. Wien ass mam Avenant averstanen? ***Och dat ass da logescherweis unanime***. Ok, villmools Merci.

**2.3. Confirmatioun vun engem temporäre Règlement d'urgence fir de Verkéier – Rue G.-D. Aldophe, Rue Bannent, Rue de l'Hôpital, Rue de la Libération, Rue St. Martin a Route de Volmerange**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): An da komme mer schonn un den nächste Punkt. A Kader vun NeiSchmelz, do musse Reseausaarbechte gemaach ginn an der Rue de la Liberation an och an der Wuermerenger Strooss. Wann ech soe Reseauen, dann heescht dat ëmmer Gas, Waasser, CREOS, Post, jee, alles dat, déi musse verstäerkt ginn an och eebe vun der Säit vum Quartier Schmelz ugeschloss ginn, soudatt dee Site herno eeben och vun zwou Säite vum Quartier Schmelz an och vum Quartier Italien aus un déi besteeënd Reseauen ugebonne wäert sinn.

Fir genau ze sinn, sinn d'Aarbechten zwëschent dem Haus Nummer 15, Route de Wolmerange, bis an d'Rue de la Libération, Héicht Rue de l'Hôpital. An d'Aarbechte sinn awer op der Säit vun, also op der Stroossesäit vun NeiSchmelz.
Wärend den Aarbechten ass eng Säit den Trottoir an eng Fuerspuer och gespaart. Falls e provisoreschen Zeebrasträife gebraucht gëtt, ass deen och natierlech am Reglement mat virgesinn. De Chantier gëtt mat roude Luuchte gereegelt. Et gëtt och net ëmmer iwwert dee ganzen Tronçon zesumme geschafft, mee ëmmer nëmme stéckelchersweis, Stéck fir Stéck also. Ëmmer sou eng Distanz zwëschent 50 a 70 Meter all Kéiers. A prinzipiell soll de Verkéier dann ëmmer iwwert eng Spuer lafe wärend deene ganzen Aarbechten.

Op de Pläng, déi Der beim Reglement dobäi hat huet de Service Circulation probéiert, Iech all déi verschidde Casde-figuren an de jeeweilege Stroossen opzezeechnen. Se hunn eebe versicht, all potenziell Situatioun, déi beim Chantier ka virkommen, dorops e Reglement ze schreiwen. Domadder si mer méi flexibel wärend dem Chantier a mussen dann hoffentlech keng Règlement d'urgencë méi huelen. Ech wëll dann och awer nach eng Kéier betounen, alles, wat an deem Reglement steet, dat trëfft natierlech net alles zesummen a Kraaft, mee ëmmer nëmme selon Besoin du Chantier.



Dat heescht, et ginn ëmmer natierlech nëmmen déi Stroosse gespaart, déi musse gespaart ginn, an et ginn och ëmmer just déi Schëlter gesat, déi den Entrepreneur grad brauch, well dat doten ass ëmmer e bëssen overwhelming, wann Der dat gesitt. Dofir betounen ech dat hei all Kéiers. Firwat hu mer hei e Règlement d'urgence geholl? Bon, den Entreprener, deen huet eis am Januar iwwert de Chantier informéiert, dass en eebe gär am Februar lassleet. De 6. Februar huet en eis du matgedeelt, dass de Chantier soll den 12.02. lassgoen. De Pit huet mer awer lo gesot, datt d'Luuchten eréischt ab den 23.02. géifen installéiert ginn. A well et eebe sollt den 12. lassgoen, a mir eréischt de 6. Bescheed kruten, den 12. war gëschter, dofir huet de Schäfferot dann direkt och de 6.2. e Règlement d'urgence geholl. An dat Règlement d'urgence, dat musse mer eebe lo hei confirméieren.

De Chantier, deen dauert viraussiichtlech bis Enn Mee, dat heescht ronn dräi Méint also, a mir hunn dat doten och de Mëttwoch an der Circulatiounskommissioun alles virgestallt. Och do konnt jidderee seng Froe stellen. A voilà, wa lo awer nach Froe sinn, dann ass natierlech de Representant vun der Circulatioun do an ech soen Iech elo mol Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci och Claudia, fir déi doten Erklärungen. Si Froen, Remarken? Dat schéngt net zur Fall ze sinn. Dat heescht, et ass alles kloer wat d'Ausféierunge vun deem dote Projet ugeet. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dem Règlement d'urgence temporaire averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.4. Confirmatioun vun engem Règlement d'urgence fir de Verkéier - Rue Boitenberg, Rue du Commerce, Rue Edison, Rue de l'Eglise, Rue Dominique Lang a Rue Lentz**

**2.5. Approbatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement fir d'Aarbechte fir d'Mise en conformité vun den Zebrasträifen an der Route de Zoufftgen**

**2.6. Approbatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement fir d'Aarbechte fir d'Mise en conformité vun de Passagë fir Foussgänger a Vëlosfuerer an der Route de Luxembourg**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Da kéime mer zum Punkt 2.4., 2.5. an 2.6.. Vu datt et grosso modo dat Nämmlecht ass, géif ech alles an enger Kéier virstellen. Et sinn natierlech herno dräi eenzel Votten an iwwert all

Punkt kënnen natierlech och Froe gestallt ginn. Mir hunn dat och e Mëttwoch alles schonn an der Verkéierskommissioun, dat Verkéiersreglement, virgestallt zu deenen dräi Projeten. Dir wësst datt mer am Kader vun der Mise en conformité des Passages de piétons, also eise Foussgängeriwwergäng bei de Kräizunge Rue Lentz, Rue Edison, do si mer schonn amgaang. Route de Zoufftgen, Rue des Genêts, Rue Kräizbierg an och Route de Luxembourg, Rue Abbé Lemire, Rue Jean Simon, datt mer déi konform amenagéieren an och bauen. An an engems gëtt dann och de Vëlo an deem Amenagement mat consideréiert an, wéi gesot, fir net e puermol dat nämmlecht lo hei mussen ze erzielen, huelen ech déi dräi Reglementer zesummen.

Wat bedeit et, wann ech soen, mir wëllen d'Zeebrasträife konform maachen an deene genannte Stroossen a se och konform amenagéieren? Ma den Iwwergang, dee gëtt konform gemaach fir d'Foussgänger engersäits a fir d'Vëlosfuerer. Se si beliicht, d'Bordüre ginn erofgesat an den Trottoir gëtt ugepasst mat enger Bande pododactyle, wéi dat heescht laut dem Gesetz eebe vum 07.01.2022 betreffend och d'Accessibilitéit am ëffentleche Raum an an ëffentleche Gebailechkeeten, dat heescht, d'Iwwergäng, déi ginn och PMR-gerecht gemaach. De Projet, oder besser gesot déi dräi Projeten, déi si schonn am Detail an der Verkéierskommissioun virgestallt ginn den 1. Juli 2024, an den Devis fir d'Aarbechten, deen hu mer hei och schonn den 11.11.2024 am Gemengerot gestëmmt.

Op de Pläng, déi bei der Deliberatioun dobäilouchen, och do huet de Service Circulatioun erëm eng Kéier probéiert, wéi ech beim Punkt virdru scho sot, op all Cas de figurë bei de jeeweilege Stroossen alles anzezeechnen, a se hunn eebe wéi gesot gekuckt, ob all potenziell Situatioun dann och d'Reglement direkt ze schreiwen. Och hei nach eng Kéier, net alles dat, wat do steet, trëtt gläichzäiteg a Kraaft, ëmmer just dat, wat gebraucht gëtt, an et ginn och ëmmer nëmmen déi Schëlter gesat, déi dee Moment vum Entrepreneur néideg sinn.

E klengen Iwwerbléck vläicht iwwert d'Chantieren. Komm, mer fänke vläicht bei der Rue Lentz, Rue Edison un, well mer do schon e bësse méi laang amgaang sinn. D'Rue Lentz, an der 50er Zon, déi huet musse wärend den Aarbechten oder muss wärend den Aarbechte gespaart ginn, och wéinst de Reseausaarbechten, Bordüren an natierlech och Trottoiresaarbechten. Fir déi Leit, déi déi Strooss kennen, déi wëssen, datt déi Strooss net breet genuch ass, fir e Passage nach fir de motoriséierte Verkéier ze garantéieren, wärend mer do buddelen. D'Aarbechte sinn den 12. Januar, also ronn virun engem Mount, lassgaange, an d'Route barrée ass fir zirka aacht Woche virgesinn. No spéitstens deenen aacht Wochen, dat wär dann Ufank Mäerz, wäert d'Strooss fir de Verkéier rëm op, mee ech bremsen direkt. Den Trottoir, dee bleift nach zousätzlech zwou bis dräi Woche méi laang zou, well mer dann d'Finitiounsaarbechten do fäerdeg maachen, mee och déi Aarbechte wäerte Mëtt Mäerz 2026 dann ofgeschloss sinn a wéi gesot, de Verkéier, dee kann ugangs Mäerz warscheinlech scho rëm do duerchlafen.

Wéisou handelt et sech ëm Règlement d'urgence? Bon, ech hunn Iech et gesot, de Chantier, deen huet schonn ugefaange. Ma mir hunn d'Informatioun vum Start vum Chantier vum Entrepreneur réischt de 15. Dezember kritt. An de Schäfferot huet dunn, wéi dat d'Gesetz eebe virgesäit, den 19. Dezember e Règlement d'urgence geholl, soudatt den Entrepreneur eeben direkt am Januar konnt lassleeën.

Da kommen ech zum zweete Chantier, dat ass d'Zoufftgenstrooss, d'Rue des Genêts an um Kräizbierg. Am Mäerz also, wann d'Aarbechten hei fäerdeg sinn an der Lentz-Edison, da fänke mer an der Route de Zoufftgen un a wärend deenen Aarbechte muss jeeweils eng Spuer gespaart ginn, jee nodeems op welcher Säit da geschafft gëtt. De Verkéier gëtt dann déi Zäit am Sens unique gereegelt. De Sens unique, dee géif Richtung Autobunn goen, dat heescht de Verkéier aus Richtung Zentrum kënnt bis bei de Rond-point an och duerch de Rond-point, Richtung Autobunn eeben, an de Verkéier Richtung Zentrum, dee muss eng Deviatioun iwwert d'Rue Mayrisch de Saint-Hubert/Rue de la Forêt a Rue du Parc fueren. Klamer op: Dat ass genau déi nämmlecht, Deviatioun, déi mer och haten, wou mer am Shared Space amgaang waren an déi huet deemools gutt fonctionéiert.

D'Rue des Genêts an d'Rue Kräizbierg, déi musse fir e puer Deeg gespaart ginn op der Héicht vun der Route de Zoufftgen, fir eebe kënnen eng Traversée ze maachen. Eng Traversée, Dir wësst dat, dat ass, wa mer Leitunge vun där enger Säit op déi aner Säit musse leeën, an dat muss och hei gemeet ginn. Fir déi reschtlech Aarbechten awer an der Rue des Genêts an um Kräizbierg, do muss d'Strooss wierklech just punktuell verengt ginn, an den Accès ass natierlech och ëmmer hei garantéiert. Déi Aarbechten hei solle sechs bis aacht Wochen daueren. Fir deen dote Chantier huele mer en normaalt Verkéiersreglement hei am Gemengerot. De Chantier ass jo nach net amgaang a mir wëssen et eng gutt Zäit am viraus. Well bis eeben de Bagger dann hei wäert rullen, do huet de Ministère genuch Zäit, fir dat Reglement dann hei ze approuvéieren, zumindest hoffe mer dat mol.

An da kommen ech zu deem leschte Projet, dat ass d'Lëtzebuergerstrooss, d'Simonsstrooss an och d'Abbé-Lemire-Strooss. Do soll de Chantier viraussiichtlech den 9. Mäerz lassgoen. Deen doten Datum, dee muss awer nach vum Entrepreneur confirméiert ginn, dat heescht, neelt mech lo net op dee genauen Datum hei fest. Niewent der Mise en conformité hei vum Zebrasträife gëtt och den Accès zum ëffentlechen Transport hei verbessert a geséchert, andeems en och, wéi ech virdru scho sot, PMR-gerecht amenagéiert gëtt. Dir gesitt dat an hutt et op de Pläng gesinn, déi Iech virlouchen. Dobäi kënnt dann och nach en zousätzlechen Zebrasträifen an d'Rue Jean Simon bei der Tankstell, fir datt och d'Leit do sécher iwwer d'Strooss kommen. Ugefaange gëtt mam Chemin mixte zwëschent der Rue Abbé Lemire an der Rouder Luucht an der Lëtzebuerger Strooss. Dowéinst gëtt déi Spuer a Richtung Zentrum liicht ageengt. An duerch d'Ofbéispuer, déi mer an d'Rue Jean Simon hu bleift eebe genuch Plaz, fir am Double-Sens kënne weider an der Strooss ze fueren.

Viraussiichtlech dann an der Ouschtervakanz, wann ech soen Ouschtervakanz, da wësst Der, datt do normalerweis vill manner Trafick ass, fänkt dann den Entrepreneur domat un, d'Insel an der Mëtt an der Route de Luxembourg zwëschent der Rue de Laboratoire an der Rue Jean Simon ewechzerappen. A wärend deenen Aarbechte kann de Verkéier am Double-sens awer gréisstendeels erhale bleiwen. Eventuell, beim Ewechhuele vun der Insel, an ech soen eventuell, well dat muss ee kucken, wéi et um Chantier ass, kann eng Spuer gespaart ginn. A wann dat de Fall misst sinn, da géinge mer dat natierlech mat roude Luuchte reegelen.

D'Rue Jean Simon, déi muss wärend e puer Deeg gespaart ginn op der Héicht Route de Luxembourg. Erëm eng Kéier, wéi gesot, fir eng Traversée ze maachen, dat heescht Leitunge vun där enger Säit op déi aner Stroossesäit ze leeën, an d'Deviatioun geet hei, dat kënnt Der Iech warscheinlech denken, iwwer d'Lëtzebuerger Strooss an d'Route de Burange. Fir d'Rue Abbé Lemire, do misste mer normalerweis laanscht eng Route barrée de ganzen Zäit vum Chantier kommen. Fir de Rescht gëtt d'Strooss just punktuell, hat ech virdru scho gesot, verengt, a mer kucken eebe beschtméiglech, datt de Verkéier de ganzen Zäit, wann et nëmme méiglech ass, am Double sens ka garantéiert ginn. D'Dauer vun deem Chantier hei ass zwee bis dräi Méint. Et ass och geplangt, datt ausserhalb vun de Spëtzestonnen, also zwëschent 09h00 a 16h00 Auer, soll geschafft ginn, fir eebe sou wéineg wéi méiglech Repercussiounen op de motoriséierte Verkéier ze hunn. Mir wëssen, hei si mer op enger Haaptachs. A well ech soen et ass eng Haaptachs, a well ech soen et ass eng Nationalstrooss, hu mer hei och mussen en Accord préalable hu vun der staatlecher Verkéierskommissioun. An deen hu mer och de 6. Februar kritt, deen Dag, wou Där den Dossier fir de Gemengerot kritt hutt, soudatt mer et nach konnte mat op den Ordre du jour huelen.

A fir all weider d'Froen zu deenen dräi Projeten, déi mer wéi gesot virgestallt hunn an der Verkéierskommissioun, hei scho gestëmmt hunn, den Devis scho gestëmmt hunn an och d'Verkéiersreglementer an der Circulatiounskommissioun nach dës Woch haten, si wéi gesot de Pit vum Service Circulation, mee awer och de Mica vum Travaux publics hei. Voilà, merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Och merci fir d'Erklärungen, och fir d'Erklärungen an der Verkéierskommissioun lo an der Woch. Ech fannen, also een, deen oft kritiséiert, dat hei ass jo e Vëlosiwwergang, muss och luewe kënne, wann et gutt leeft, an ech fannen dat wierklech eng super Saach, dass dat do lo u sech esou getimet ass, dass et fir d'Fréijoer/Summer wäert notzbar sinn. Dat heescht, dass een do dräi sécher Iwwergäng geschaf huet. Och déi ganz Kollaboratioun vum Service mat Vëlo Diddeleng, wou mer iwwer d'Pläng gekuckt hunn an sou war wierklech super an ech freeë mech richteg drop, fir dat heiten als e séchere Schoulwee och kënnen herno ze gesi wéi d'Kanner dat doten wäerte gebrauchen. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Steffen. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Gutt, quitte dass d'Claudia déi dräi Reglementer separat, also am Ganze presentéiert huet, musse mer awer all Kéiers e separate Vott maachen. Da géif ech do mam éischte Vott ufänken.



Wien ass mat der Confirmatioun vum Règlement d'urgence averstanen? ***Dat ass unanime.*** Wien ass mat der Approbatioun vum Règlement temporaire averstanen? ***Dat ass och unanime.*** An dann, dee leschten, a mir hunn dann den nächste Règlement temporaire eeben, dat ass mat de Passages pour piétons et cyclistes. Wien ass mat verstanen? ***Och dat ass der logescher Suite dann unanime.*** Villmools Merci fir d'Explikatiounen a villmools Merci och dem Pit Demuth an dem Mica da Silva fir hir Presenz.

# 3. Urbanismus

**3.1. Approbatioun vun engem Projet de Lotissement/ Morcellement vun der Kadasterparzell N°3218/10532 vun der Sektioun C vun Diddeleng op 90, Rue Grand-Duc Adolphe an 2 Kadasterparzellen**

**3.2. Approbatioun vun engem Devis estimatif fir d'Constructioun vu Logements abordables op dem Site vun der fréierer Schoul «Echerdahl» an der Rue Grand-Duc Adolphe**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dofir géif ech mam éischte Punkt ufänken, an dat ass mam Projet Eecherdall, wou am Fong zwee Punkten um Ordre du jour sinn. Engersäits wou mer mussen de Morcellement hei guttheeschen, fir dass de Projet dann eng Realitéit gëtt. An dann natierlech och den Devis estimatif fir de Projet selwer. An dofir begréissen ech dann och hei an eiser Ronn vu Werkbund den Här Schares a vun eise Servicer, d'Cathy Marmbourg an de Pir Glesener. Ëm wat geet et hei? Hei geet et ëm de Projet Eecherdall. Dat ass am Fong e Projet, wou mer als Stad Diddeleng e Punkt vun eiser Schäfferotserklärung weider ëmsetzen an och en e weideren Invest an och e weidert Engagement maachen a Schafe vun erschwénglechem, abordabelem Wunnraum hei zu Diddeleng.

Den Eecherdall, Dir kennt en, dee läit am Schmelzer Quartier. 1966 gouf do eng Schoul fäerdeggestallt. D'Gebai, do war souwuel eng Spillschoul wéi och Precoce, och emol deelweis d'Maison relais iwwert Joren. Mir hate jo hei d'Decisioun geholl, effektiv do d'schoulesch Aktivitéiten anzestellen. An dat war am Joer 2021, fir dat Schouljoer. An do war och nach, Dir kënnt Iech nach erënneren, dat

hate mer och hei am Gemengerot, vun November 2021 bis Februar 2024 war d'Gebai un d'Fondation Autisme jo och verlount, déi et temporär genotzt hunn. A mir hunn déi Zäit och genotzt, notamment, fir och ze kucken, wéi ee Projet dass dat doten och ka ginn um Eecherdall. A mir waren eis eens, dass mer do géife Logement abordable maachen, deen dann och zur Erweiderung vum ëffentlechen Immobiliepark vun der Gemeng och deementspriechend wäert bäidroen.

Déi éischt Diskussioune sinn do, wéi gesot, am Joer, 2023/2024 ugaangen. Mir haten och an eiser Kommissioun, am PAL, och de Projet deementspriechend virgestallt. An éier mer elo an den Detail vum Projet aginn, wëlle mer ganz kloer soen, dass et hei zwou Maisons unifamiliales ginn, mat Logements intégré, also Einliegerwohnung. Och dat ass jo en neien Dispositif, dee mer eis ginn hunn am Kader vun eisem PAG. An natierlech kënnt och en Tiny Haus dohin. An ech wäert no der Presentatioun nach op e puer Punkte ronderëm d'Tiny Haiser agoen. Also och e Projet, dee sech urbanistesch an de Quartier areit. Dat heiten ass natierlech och e Projet, dee mer och an enker Ofstëmmung gemaach hu mam Logementsministère. An, bon, ech kann hei elo scho mol soen, dass wann de Projet hei den Devis gestëmmt gëtt vun 3 ,1 Milliounen Euro, hu mer an enker Ofstëmmung. déi Réckmeldungen, mir hu se nach net schrëftlech, well mir mussen nach eng Kéier an de Gemengerot komme mat enger Konventioun, mee wat mer elo mol schrëftlech, respektiv mëndlech an der enker Ofstëmmung, da géife mer hei e Subsid kréien, viraussiichtlech, an ech betoune viraussiichtlech, vun 2 Milliounen Euro, da géife mer bei 74,8 % leien. Mir wësse jo dass de Maximum 75 % ass.

Mee wéi gesot, d'Viraarbecht ass dofir, dat betounen ech ëmmer erëm hei, ganz wichteg. D'Viraarbecht an déi enk Ofstëmmung mam Cahier de charges, mam Logementsministère, fir sou vill wéi méiglech Subsid ze kréien. An do si mengen ech eis Servicer ganz, ganz aktiv. A wann ech ka soen, dass mer dee Subsid hei kréien, heescht dat och, dass, nieft dem Logement abordable, Einliegerwohnung, och d'Tiny House subventionabel och deementspriechend wäert sinn. Och dat ass dann e Choix politique, dee mer hei an der Stad Diddeleng maachen, wéi och Choix politiquen an anere Gemengen, wou dann Tiny House net subventionabel ass. Ech mengen dat war eis awer wichteg, dass mer eis do gesamtheetlecht Konzept ginn, ronderëm d'Kreatioun vum Logement abordable. Dass dann och deementspriechend alles abordabel och ganz kloer ass. Dat als generell Intro, wat deen heite Projet ugeet. Ech géif elo dem Här Schares d'Wuert ginn, fir eng Kéier duerch de Projet ze féieren. An da géif ech no senger Presentatioun och op e puer Punkten agoen. Merci, Här Schares, Dir hutt d'Wuert.

EWALD SCHARES, WERKBUND SÀRL: Jo, villmools merci, datt Iech haut de Projet hei Iech e bësse virstelle kann. Ech wëll mech dann och direkt uschléissen, dass de Projet ëmfaasst dräi Gebaier, woubäi déi zwee Gebaier, Haus A an Haus B am Grond geholl dat héischt Gebai ass dat einfach gespigelt. Et handelt sech halt ëmmer jeeweils um en Eefamilljenhaus da mat enger Einliegerwohnung, soudatt mer mer pro Gebai zwou Wunneenheeten hunn. Et ass halt déi Wunnengen, déi si well vertikal ugeordnet, also si iwwerlagere sech net, dat war eis eigentlech ganz wichteg, datt mer do dat Problem sou mam Schallschutz hunn. An dann hu mer halt e Tiny House, wat dann, jo, als fräistoend Haischen op dem Terrain ugeordnet ass, mat dem Parking fir Autoen. Mir hunn de besteeënden Terrain deen do ass deementspriechend well opgedeelt, soudatt mir d'Tiny House mat op där enger Parzell vum Gebai B stoen hunn, wéi dat dann och hei virgesinn ass vun de Regularien hier.
Déi Implantatioun vun de Gebaier, dat kann ee sech hei emol grad esou ukucken. Mir hunn ënnen am Erdgeschoss hei ganz normal Kichen, Wunnraum, mir hunn awer och en Duschbad am Erdgeschoss a vir beim Agangsberäich, do mir hu jeeweils en Technikraum, dee virgelagert ass fir déi zwou Wunneenheeten.

Dat war eis och wichteg, datt mer am Grond geholl, wa mol un der Technik muss geschafft ginn oder et muss e Filterwechsel gemaach ginn un der Lëftungsanlag, datt mer net an d'Haiser era muss. Da kann ee vu baussen hei fräi zougoen an den Technikraum. D'Gerüst vun den Haiser, déi ass halt vu jidder Haus 271 Quadratmeter SUH, wat sech dann opdeelt an eng Wunneng vun 133 an 138, an dat, wéi gesot, dat widderhëlt sech, well déi Gebaier gespigelt sinn, an d'Tiny House, dat huet dann nach eng Kéier 39,3 Quadratmeter SUH. Hei hu mer ewell d'Erdgeschoss nochmal e bëssi genauer. Jo, wéi gesot, mer hunn ënnen och déi Dusch, déi zwee Bäder, dat war wichteg gewiescht, well mer awer déi Wunnengen, dat ass eng Typologie 4.6, dat heescht halt 4 Kummeren a 6 Bewunner, an da brauche mer dann och ënnen och dat zousätzlecht Duschbad. Hannenerzou hu mer dann eng kleng Terrass, och mat Ofstellméiglichkeeten da fir déi Terrassemiwwel, datt d'Leit sech dann e bëssen arrangéiere kënnen.

Mir hunn an deem Haus, wat da jeeweils zum Giewel läit, do hu mir am Dachgeschoss nach e separat Zëmmer gemaach, dat huet sech dann ugebueden, well mir do zur Giewelsäit sinn, an da konnte mir nach normal Fënsteren hei unuerdnen. Dat Haus, wat zur Mëtt léit, do hu mer dat net gemaach, do ass uewen d'Dachgeschoss komplett Ofstellraum. An dann hu mer op der rechter Säit, hu mer déi Daachansiicht, mir wäerten déi Haiser mat relativ vill Photovoltaikanlag beleeën, an déi Photovoltaikanlag ass an deem do Fall eng Innendachanlag, dat heescht, dass och gléichzäiteg d'Daachfläche, do ass well keen Zigel oder iergend eppes aneschters nach ënnert deem Module. Vun der Höhententwécklung hier, do gesäit een, datt mer do ganz komfortabel sinn. Am Grond geholl hätte mer dat Gebai souguer nach vill méi héich baue kënnen. Awer dat wär dann am Kontext vum Terrain, Parkplazen usw. hätt dat dann awer net funktionéiert. Awer mer soen et ass eigentlech ganz komfortabel. Et bënnt sech och sehr gut dann an déi besteeënd Architektur an där Strooss an.

Zum Tiny House, jo, do hu mer eis e bësse méi intensiv domat beschäftegt, well et gëtt op dem Marché einiges un Tiny Haiser, et gëtt an eisen Ae ganz gutt Saachen, et gëtt awer och Saachen, déi vläicht net esou honnertprozenteg funktionéieren. A mir hunn halt mol einfach gekuckt, wéi, wat fir Ufuerderungen hu mer wierklech un en Tiny House. An en Tiny House ass aus eiser Siicht halt bauphysika-

lesch net ganz einfach. Dir hutt eng relativ kleng Grondfläch, Wunnfläch, ze vill Ausseflăch, wat da bedeutet, datt déi Wunnfläch selwer an deem Sënn, wat de Feuchteaustausch ugeet, relativ staark belastet ass. An da musse mer alt kucken, datt esou e Gebai, och wenn et einfach gebaut ass, am Grond geholl keng Wärmebrécken huet. An do hu mir hei mol eppes entwéckelt op der Holzbaubasis, wat dann awer wierklech absolut wärmebréckefräi gebaut kéint ginn, wat awer vun der Gründung her och einfach nëmmen op Schraubfundamente steet, wat dann dee Virdeel bréngt, datt mer et och emol iergendwann nees ewechhuele kann an op eng aner Plaz bréngt. An déi Haiser, déi ginn och souwäit virgefäerdegt, datt, wann ee esou eppes dann op d'Plaz bréngt an d'Schraubfundamente si gesat, an d'Uschlëss si geluecht, da kann een esou eppes innerhalb vun een, zwee Deeg fäerdeg opbauen an dann ass et schonns ze bewunnen.

Dann hu mer dee ganze Projet och am Kader vun der Lëtzebuerger Nohaltegkeetszertifizéierung opgesat. Dat war eis och wichteg, datt mer hei wierklech mat nachwachsende Rohstoffen a Baustoffe schaffen. Un den Energiepass komme mer natierlech och doduerch, datt mer bei esou eng grouss Photovoltaikanlag hunn. Op där enger Säit hu mer eng A+ Energieeffizienz-Klass, awer och an der Wärmeschutzklasse leie mer bei A+. Dat Haus selwer huet Energiequoten vun iwwer 60 %. Dat heescht, mir brauchen nach 40 % letztendlech dann iergendwéi aus dem Reseau, aus dem Netz. Awer zu 60 % kënne mir eis selwer mat der Energie ofdecken, déi mer brauchen. D'Lenoz-Qualifizéierung, déi läit bei 65,3 %. Dat gëtt a Blätter ausgedréckt, dat sinn zwee Blätter, fir gutt Nohaltegkeet, a wann een dann awer och nach kuckt op d'Baumaterialien, dann hu mer souguer 81 % erreecht, wat hei scho sehr gutt ass.

Da kommen ech zu de Kosten. Hei hu mer grad d'Zesummestellung vun de Kosten. Déi muss natierlech nach e bëssen detailléierter opgestallt ginn an deenen Ordnungsnummeren. Dat kann ee sech dann ukucken. Do gëtt et eng zimmlech ëmfangräich Tabell. Awer, wéi schonns eeben erwäänt, leie mir mat de Bauniewekäschte bei ronn 3 Milliounen Euro. A vum Planning hier, vum zäitleche Planning hier, et war esou ugeduecht, datt mir dann iwwer 2026 bis Enn 2027 dann zur Fäerdegstellung kommen. Dat heescht, datt mer an dësem Joer méi oder wéineger nach déi Rohbauarbeite komplett meeschteren an d'nächst Joer geet da méi an den techneschen Innenausbau an an d'Fäerdegstellung vum Gebai. An da gëtt et nach als letzt Fro déi Zesummestellung, déi de Pir gemaach huet.

PIERRE GLESENER, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Jo, dee leschte Slide ass den offiziellen Devis estimatif, dee mir als Service vun der Gemeng Diddeleng erstallt hunn. Do stinn déi nämmlecht Zuele wéi déi vun de Planer plus eng kleng Reserv, déi mer eis gehalen hunn, an domadder hu mer eigentlech de Projet och schnell a grob ëmrass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci fir d'Presentatioun, d'Erklärungen. Fir verschidde Kolleeginnen a Kolleegen hei mengen ech, mir haten de Projet scho gesinn an der Kommissioun ronderëm Plan Action Logement. Ech mengen et war wichteg, dass awer och hei, wéi gesot, déi aner Kolleeginnen a Kolleegen, déi nach net d'Méiglechkeet haten, dëse Projet gesinn. Ech wëll nach vläicht op zwee, dräi Punkten agoen. Dat heiten ass jo e Projet mat fënnef Wunneenheeten. Dat heescht och fir 26 Occupanten. Ech mengen dat ass vläicht och eng wichteg Informatioun, déi een hei och wëll ginn. D'Stad Diddeleng gëtt jo hei Bauhär. An et muss ee soen, dass et hei am Fong den éischten, eisen éischten eegene Projet gëtt als Stad Diddeleng, wou am Fong déi nei Bauformen, déi mer eis duerch d'Refonte vum PAG ginn hunn an och déi rezent Upassungen, déi mer gemaach hunn, déi dann och hei an dësem Projet eng Realitéit ginn.

Mir maache Maison unifamilliales mat de Logements intégrés. An d'Terraine ginn am Fong, och an deem dote Wunnquartier, ginn zimmlech nohalteg an och effizient genotzt. A wéi gesot, mir kucken do wierklech, déi Parzell optimal ze notzen. An op där anerer Säit dréit et och zu enger, an ech mengen och dat war jo bei der Refonte vum PAG eis wichteg, zu enger harmonescher Verdichtung am Bestand och am Quartier bäi. Ouni elo d'Identitéit vum Quartier deementspriechend ze beaflossen. An och, nieft dem Logement intégré jo och Tiny House, och eng alternativ an innovativ Wunnform, déi deementspriechend och dobäi kënnt. Dat Ganzt ass natierlech och nieft dem Service Architecture et Domaines och mam Service Logement ofgestëmmt gewiescht. An natierlech och hei de Volet vun der sozialer Kohäsioun an och vun der Proximitéit am Quartier, deem mer och hei ganz kloer Rechnung droen.

Dee Projet gëtt jo och méiglech, well mer am Kader vun der Refonte vum PAP, a mir hunn den neie PAP jo säit 2022, ass am Fong jo déi doten Zon, déi virdrun eng BEP-Zon war, jo an eng Wunnzon ëmklasséiert ginn, soudass deen dote Projet och deementspriechend méiglech gouf. Dat e bësse par rapport zu der genereller Ausriichtung vum Projet en tant que tel, wou mir, wéi gesot, de Bauhär, de Maître d'ouvrage sinn a wou mer eng Rei Elementer, wéi gesot, matenee kombinéieren, wou mer eis iwwert den neie PAG d'Méiglechkeet och deementspriechend ginn hunn. Dat emol deen éischte Complement. Deen zweete Complement, deen ech nach wollt ginn, ass ronderëm d'Tiny Haiser selwer. An et ass jo esou, dass mer am Juni 2025 jo hei de Vott haten am Gemengerot fir d'Habitation légère am Kader vun der Modification ponctuelle vum PAG respektiv am Quartier existant fir d'Habitation légère.

Mir kruten am Januar 2026, do huet den Inneministère dat och guttgeheescht, da gëtt dann d'Publikatioun gemaach, soudass am Fong den 2. Mäerz 2026 déi Texter, déi mer am Gemengerot haten am Juni 2025 wäerten a Kraaft trieden. Wat heescht dat? Ma dat heescht, dass natierlech d'Gemeng selwer natierlech d'Tiny Haiser verwierkleche kann, an dat heiten ass jo dann e Beispill dovunner, mee och Privatleit, well mer jo och Privatleit d'Méiglechkeet ginn an engem gewëssene Kader op hirer Parzell Tiny Haiser ze maachen. Och Privatleit kënnen ab dem 2. Mäerz 2026, wéi gesot, Tiny Haiser och verwierklechen. An do steet natierlech eise Service Architecture et Domaines zur Verfügung, wa Leit, an do ass schonn emol deen een oder deen aneren, deen nogefrot huet an der Gemeng, wéi kann ech

dat maachen, bewierkstellegen? Wann ech do och deementspriechend drun interesséiert sinn, wéi kann ech dat maachen? Dat mengen ech par rapport zu generell den Dispositioune vun der Implantatioun vun den Tiny Haiser hei zu Diddeleng. Also och do en en zweete Complement, en zweeten och neie Moment, wat d'Habitation légère ugeet. A mengen ech den drëtte Complement, eis Kommissioun Plan Action Logement.

Mir hate jo d'lescht Joer eis och zesummegesat, fir ze kucken, well natierlech och d'Krittären deementspriechend si bei der Vergab, bei der Attributioun vun den Tiny Haiser, dass dat och soll Logement dédié sinn, do wou d'Gemeng jo Bauhär ass, dass et soll Logement dédié sinn, mat engem Suivi social. Dass mer d'Prioritéit ginn jo un Diddelengerinnen, un Diddelenger, déi wärend deene leschten zéng Joer op d'mannst dräi Joer hei gewunnt hunn, déi an engem Aarbechtskontrakt solle sinn, CDI oder CDD. Dass mer och eng Durée wëllen drasetzen, par rapport zu der Mise à disposition op fënnef Joer. Dass mer dat effektiv vis-à-vis vu jonken Erwuessenen, awer och vis-à-vis vu Senioren och dat deementspriechend virgesinn. An dass natierlech och do de Loyer soll definéiert och kënne ginn nom Logement abordable. Also mengen ech eng Rei Krittären, déi mer och an eiser Kommissioun festgehalen hunn.

An iwwerall do, wou d'Gemeng Tiny Haiser verwierklecht a wou se dann och deementspriechend Bauhär ass, do wäerten natierlech déi dote Krittären ugewannt ginn, eeben halt och an enker Ofstëmmung mam Service Logement an eeben och en fonctioun vun den Demanden, déi mer deementspriechend am Service virleien hunn. Ech mengen dat war nach e bëssen en drëtte Complement, eng drëtt Prezisioun par rapport dann zu der Verwierklechung vun deem dote Projet, mee och iwwert de Projet deementspriechend eraus. Dëst gesot, mengen ech, war ech méi wéi komplett. An, voilà, elo ass d'Diskussioun op, wa Stellungname sinn, Froe sinn. Voilà. Dofir si mer hei. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Gudde Moien. Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Fir d'Alleréischt natierlech merci fir déi Presentatioun a merci och, datt mer dat schonn am November, mengen ech war dat, am Kader vum Aarbechtsgrupp PAL presentéiert kruten an och konnten effektiv driwwer diskutéieren. Mir hätten awer hei e puer Froen. Mir verstinn net, firwat Der déi Definitioun gewielt hutt, datt mer zwee Unifamillialen hunn? Ech muss soen, mir dinn eis schwéier, well wann de Laie gesäit, zwee Unifamillialen mat engem Logement intégré, dann huet een awer eng aner Virstellung wéi trotzdeem véier Reienhaiser, déi unenee gebaut sinn. Ech muss soen, ech hunn do wierklech e puer Definitioune gesicht, fir dat och kloer ze verstoen, firwat mer eis fir esou eng Definitioun entscheet hunn. Et ass vläicht e minimalen Impakt, mee firwat hu mer zwee Maison unifamilliallen? Ech weess, per Definitioun, och um nationalen Niveau ass et esou, datt e Logement intégré net onbedéngt muss am Haus selwer dra sinn, mee et bleift awer trotzdeem dem Haapthaus ënnerleien.

Mir sinn hei Proprietär vun deem Ganzen, gell, dofir huelen ech un, datt mer eis dofir entscheet hunn, mee wann een d'Definitioun just kuckt, ass et "un Logement qui fait partie d'une maison de type unifamilial, c'est à dire une maison construite initialement pour une seule unité d'habitation. Il appartient aux propriétaires du logement principal. Il ne constitue pas une unité indépendante pouvant être vendue séparément". Mir si jo net am cas de figure fir eng Vente, mee fir eng Locatioun. Mee ech verstinn einfach net, firwat mer, wa mer elo schonn eppes Neies bauen, firwat mer net schonn direkt esou e Kader setzen, wou déi 4 Unitéite separat definéiert ginn. An dat ass och, an all Dokument kënnt dat vir, ech hat effektiv probéiert Kontakt opzehuelen, ech sinn och zréckgeruff ginn, mam Service Urbanisme, mee dee Moment effektiv hate mer net méi driwwer geschwat. Dofir, ech froen dat elo hei an der Sëtzung, mee ech hätt kéinten effektiv vläicht éischter dat froen. Wéi gesot, ech hunn den Echange probéiert ze kréien.

Dat Anert ass, vu datt mer déi zwee Punkten 1 an 2 beieneen huelen. Mir begréissen natierlech de Bau vun all nei, ëffentlech an abordabel Wunneng, mee mir mussen ëmmer kucken: Baue jo, mee zu wéi engem Präis? An dofir hu mer dat Ganzt ënner d'Lupp geholl. A fir déi 4 Reienhaiser ass et sécherlech eng Optimisatioun vun der Bauparzell, energeetesch gesinn, thermesch gesinn, baukäschteméisseg gesinn. D'Organisatioun bannen ass ganz funktionell, ouni grousse Schnickschnack, wierklech userfriendly. Dat soll och esou si wann ee vun abordabel Wunnenge schwätzt, an net mat der gëllener Klensch. Hu mer och d'Typologie ugekuckt an d'Konformitéit par rapport zum Cahier de charges vum Logementsministère verglach a mir wieren hei wierklech optimal, dat heescht fir ronn eng Gréisst vun 130 Quadratmeter pro Haus, hate mer véier Kummeren, dat heescht fir eng Famill mat dräi Kanner an eng Chambre parentale, dat ass optimal, also do si mer am grénge Beräich.

Wat d'Käschten ugeet fir déi véier Reienhaiser, ass et och immens interessant ze gesinn, datt mer hei fir 4.700 Euro de Quadratmeter wäerte bauen, wëssend, datt mer quasi 1.000 Euro manner sinn, wéi dat wat de Cahier de charges virgesäit, wierklech bravo. Par konter, den Deel Tiny House ass dann horrend deier. Effektiv hate mer am November eng Presentatioun gemaach kritt, wou mer de Prozentsaz opgedeelt kruten, also gewise kruten. A mir wieren, ma dat wat mer am November presentéiert kruten, dat war elo dës Kéier net an den Dokumenter dran, effektiv kann een net esou richteg novollzéien. Mee deemools war e Präis fir den Tiny House genannt gi vu 425.000 Euro, fir 39 Quadratmeter. Wann een dat héichrechent, si mer bei 11.000 Euro de Quadratmeter. Do si mer dann erëm immens wäit ewech vun deem, wat de Cahier de charge vum Logementsministère virgesäit.

Natierlech hutt Dir och déi Argumenter erkläert, datt mer hei an engem isoléierte Bau sinn, wat natierlech méi deier kascht wéi 4 Reienhaiser. Mee mir haten awer trotzdeem déi Fro, fir dat ze verstoen, wéi Der op dee Präis komm sidd? A beim Haus begréisse mer natierlech och datt et modulabel ass, datt Wärmebrécke betruecht goufen, datt natierlech den U-Wäert, also den thermesche Wäert, also Isolatioun vun de Wänn, respektéiert gouf. Mee trotzdeem, egal wéi mer dat dréinen a kucken, si mer bei 39 m2 Wunnfläch. An, jo, an dat konnte mer effektiv hei net

novollzéien. Huet dat sech vläicht geännert? Maacht Der elo en Equiliber vun, datt d'Haiser vläicht méi deier sinn an den Tiny House vläicht méi bëlleg? Hutt Der vläicht Offere gesicht, fir de Präis vum Tiny House esou ze definéieren? Well Tiny Haiser, dat geet vu bis. An ech betounen, eis ass et bewosst, datt mir hei vum modulabel Bauweis schwätzen, wat mer opbauen an erëm kënnen auserneebauen. Dat war och ëmmer eppes, wat mir gefuerdert hunn. Mee de Präis ass einfach horrend deier. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Also dat hei ass am Fong e flotte Projet. Dir hutt alles erkläert, wat do vu Positivem dran ass. Ech hat mer emol d'Méi gemaach, fir an deene leschten, soe mer emol 4, 5 grousse Projeten hei eng kleng Statistik opzeféieren. An et ass mer opgefall, dass am Fong, wann ech dann dräi Krittäre kucken, de Präis pro Kummer, de Präis pro Occupant, de Präis pro Meterkaree, dass eis Projeten ëmmer méi bëlleg gi sinn. Dat gëtt eng Kurv, déi geet dann esou rof. Dat ass ganz interessant. Dat hänkt vläicht heiansdo dovun of, ob et eisen Terrain war oder net. Mee do ware mer zum Beispill beim Bodry beim Meterkareespräis vun 8.900, an der Feldstrooss vun 8.000, an der Friddensstrooss bei 7.400, an der Lëtzebuerger Strooss 6.600. An hei kéime mer elo bei de Logementer, wann ech richteg gerechent hunn, aleng d'Logementer vum Eecherdall, kéime mer op 4.600, an dann, wat mir awer ganz kloer och, wat eis e bësse stutzeg gemaach huet, dat ass deen enorme Präis vun deem Tiny House, do fale mer dann op 11.800 de Meterkaree.

A bei den Occupatiounspräisser ass et änlech, dat geet Bodry 242.000 pro Occupant, Feldstrooss 185.000, Friddensstrooss 200.000, Lëtzebuerger Strooss 143.000, an dann de Logement beim Eecherdall 104.000, an da beim Tiny House 225.000 pro Awunner. Dat sinn alles Krittären, wann ech richteg gerechent hunn, ass dat jo interessant. Dat heescht, mir sinn an enger Phas iwwer e puer Joren elo schonn, wou mer et fäerdeg bréngen, abordabele Wunnraum bëlleg ze bauen. An da fällt eis awer effektiv do dee Präis an d'Ae vun deem Tiny House, oder haut muss ee soen Habitation légère, oder nenne mer et emol e winzegt Haischen op Lëtzebuergesch. An dat ass wierklech dann esou, dat sprengt de ganze Kader am Fong. An wann een dat kuckt, deen doten enorme Präis fir ee bis zwee Awunner, dat ass schonn impressionnant. Mir hu jo an der Kommissioun vum PAG-PAL och definéiert, dass mer bis elo zwee Sitten hätten, wou mer där Haisercher géife bauen. Deen een, dee wier am am Boujel, wou der zwee sollen hikommen an dann deen heiten am Eecherdall. Souwäit ech weess, huet d'Gemeng nach keng weider Sitte virgesinn.

Mee wéi gesot, de Marché ass awer elo op, och fir Privatleit. An ech hoffen, dass déi awer derbäi op eng Méiglechkeet kommen, fir dat méi bëlleg ze maachen. Ech ka mech erënneren, wou mer fir d'éischt vun deene winzegen Haiser geschwat hunn, do hu mer eis an de Bus gesat, mir sinn duerch d'Land gejuppelt a mir sinn d'Projete kucke gaangen zu Stroossen, do ware mer op op 70.000, zu Duelem, do ware mer op 160.000 fir eng Aart Zirkuswon an engem Gebai, an engem Terrain, deen natierlech den Eltere gehéiert huet, wou et méi einfach war. Ech weess nach, Här Buergermeeschter, dass Der deemools d'Hänn iwwert dem Kapp zesummegeschloen hutt. 160.000 Euro. Hunn déi se nach all? Dat ass jo wierklech net méi abordabel. An elo si mer hei op 450.000. An dat ass wierklech awer e Punkt, mol ofgesi vun all deenen anere Virdeeler, déi dat heiten huet. A wann den Trend wierklech deen ass, dass mer amgaange sinn, ëmmer méi bëlleg ze bauen, et ass just dat winzegt Haus hei, dat sprengt eis de Kader.

Ech weess och net, eng aner Fro, déi ech mer gestallt hunn, wéi ass et mat der Ubannung un den ëffentlechen Transport? Ech mengen an déi dote Strooss, do fiert logescherweis kee Bus eran, well dee kënnt net méi ganz eraus do. A wéi ass do d'Méiglechkeet vun der Ubannung un den ëffentlechen Transport? Well wann do keng ass, dann ass deen awer relativ wäit ewech ënnen an der Liberatiounsstrooss. Fir de Rescht ass dat hei eigentlech e flotte Projet. Mee et ass flott, dass mer esou Saache kënne maachen. Effektiv hat ech och déi Iwwerleeung mat der Einliegerwohnung. Ech hu mer dat ëmmer virgestallt, dat ass dann uewen ënnert dem Daach eng ganz kleng, an dann ass d'Haus onofhängeg. An hei sinn et am Fong Haiser, déi an zwee gedeelt sinn, mat eng Kéier der Haaptwunneng an eng Kéier der Einliegerwohnung. Dat ass vläicht einfach e Konzept, wou ee sech muss dru gewinnen. Ech wëll elo net vu vir era soen, dass dat schlecht ass. Mee et ass e bësse gewöhnungsbedürfteg.

Mee mir hunn eis och gewonnert, dass eeben elo, wou d'Opléschtung vun de Käschte koum, do war dat winzegt Haus net méi extra ernimmt, mat sengem Präis vu 425 bis 450.000 Euro, mee et war am ganze Kontext mat dran. An do hu mer eis och gefrot, wou dee Wandel do elo hierkéim vun der Presentatioun, wa mer et am PAG-PAL-Grupp nach separat opgelëscht kritt hunn. An elo op eemol hei gëtt et matenee verbonnen. Ech wëll elo net soen, also wann een elo en Esprit mal tourné wier, deen hätt vläicht da gesot, se probéiere sech ze rattrapéieren op dem winzegen Haus par rapport zu de Käschte vun dem Eecherdaller Logement. Mee stelle mer dat emol elo an de Raum. Also dat ass also deen eenzege Krittär, dee mer hunn, deen eis net gefält.

An hei ass och erëm déi Saach, wou ech flott fonnt hunn, scho bei engem Projet virdrun. Dat heescht, dass den Daach soll ganz bedeckt gi mat Photovoltaik, an dass een da keen extraen deieren Daach muss maachen, mee dass do am Fong d'Photovoltaikspanneauen den Daach duerstellen, wat eng Käschtelimitéierung gëtt a wat och dann eng optimal Ausnotzung vum ganzen Daach gëtt fir d'Energie ze produzéieren. A mer gesi jo hei, dass mer Wäerter hu vun der Energie, déi wierklech ganz presentabel sinn. An och domat si mer um gudde Wee. Net nëmmen, dass eis Logementer ëmmer méi bëlleg ginn, mee och doduerch, dass mer ëmmer méi kënnen op Niewekäschte reduzéieren. Ech mengen dann hätt ech alles gesot. Da soen ech Iech villmools Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, ech mengen ech zielen elo näischt Neies, wann ech soen, mir befannen eis an enger Wunnengs- a Baukris. An dofir begréissen ech et extreemst, dass mir als Gemeng ëmmer erëm beméit sinn, dëser schwéierer Wunnsituatioun entgéintzewierken. Dëst gesot, wëll ech

och eng Kéier vu menger Säit Merci soe fir d'Presentatioun vun deem flotte Projet. Ech hätt awer nach eng Fro zum Tiny House. Wann ech richteg leien, kënnen Tiny Haiser bis zu ronn 50 $m^2$ grouss sinn. Bei deem heite si mer op 39,40. An d'Fro ass, wuelwëssend, dass an all Wunneng ëmmer iergendwou e Meterkaree feelt, wéisou mer net probéiert hunn, fir e bësse méi no un déi 50 $m^2$ runzekommen?

Zum Präis vun 3,1 Millioun Euro. Ben, wann ech dat dividéieren op déi 26 Persounen, Här Buergermeeschter, déi hei wäerten ënnerbruecht ginn, da muss ech awer just soen, dass ech awer net weess, wou ech anerwäerts Wunnenge ka siche goen, déi pro Persoun dann awer esou gënschteg sinn, wa mer dat hei als ganze Projet kucken. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci och fir d'Wuert. Jo, also ech schléisse mech selbstverständlech un. Och mir sinn, dat wäert Iech elo wéineg iwwerraschen, ëmmer frou, wa mer abordabele Wunnraum bauen. A mir fannen dat heiten och wierklech e flotte Projet, wou mer d'Gefill hunn, dass den Terrain am Grondrëss, wierklech, do gouf de Maximum erausgeholl, dee gouf esou gutt genotzt, wéi et nëmme méiglech ass. Dann effektiv mam Tiny House. Jo, d'Tiny House ass net ganz bëlleg, dat ass richteg. Dowéinst, mir hunn och vun Ufank u gesot, Tiny House esou wéi hei, wou mer einfach den Terrain nach hunn, deen net anescht ka genotzt ginn, wéi dat doten, fir do nach e weidere Logement ze schafen. Och nach op déi Aart a Weis, wéi et elo virgesinn ass, mat de Logements dédiés, no soziale Krittären, dat kënne mir ënnerstëtzen.

Wat mir net wäerten ënnerstëtzen, dat ass wann en Tiny House op en Terrain gebaut gëtt, wou och kéint normale Logement gebaut ginn, wou da méi Leit kënne wunnen. A wat natierlech dann och präislech vill méi interessant wier, och fir d'Gemeng. Mee an dësem Fall fanne mer wierklech, okay, méi konnt een aus dem doten Terrain am Grondrëss warscheinlech net erausshuelen. Mir baue lo hei och Logementen, och dat ass awer mengen ech wichteg ze soen, fir Famillje mat dräi bis véier Kanner, wat och net esou selbstverständlech ass, dass Famillje mat e bësse méi Kanner Wunnraum kënne fannen. Mir hu souguer eng kleng Spillplaz. Bon, no der Lag hier versti mer selbstverständlech, dass déi privativ muss sinn. Elo ass et jo esou, dass de Moment schonn eng ëffentlech Spillplaz do ass. Ech mengen dat do ass en Terrain, dee virgesinn ass fir Logement ze bauen. Ech mengen dat ass normal.

Mir wollte just froen, ob de Schäfferot weess, ob déi ëffentlech Spillplaz do vill genotzt gi war an ob et do eng Alternativ gëtt? Well soss wär dat natierlech e bësse schued, dass elo d'Kanner aus der Noperschaft do keen Accès méi hunn. Mee vläicht ass dat och elo e faux Problème. A mir sinn awer frou, dass do zumindest dann awer eng kleng Spillplaz virgesinn ass. Et ass och en ekologesche Bau. Och dat wollte mer awer nach eng Kéier hei begréissen an de Servicer an dem Schäfferot felicitéieren. Et ass eng Photovoltaikanlag virgesinn. Et ass eng Wärmepompel virgesinn. Souguer de Bambestand ass respektéiert ginn, sou wäit wéi méiglech. Mir hunn eng Holzbauweis, wat natierlech erlaabt immens séier ze bauen. Also ech war och erëm iwwerrascht iwwert dee Planning, dee virgesinn ass. Mee mam Holz, modularen Holzbau geet dat eebe relativ schnell. An d'Terrassementer si limitéiert. Wat natierlech och ze begréissen ass, well éischtens geet et méi séier an zweetens geet et manner an de Portmonnie. Dat féiert natierlech dozou, dass keng Garage do ass.

Ech perséinlech fannen et ëmmer schued, wann een Terrain zoubaut mat Stellplaze fir Autoen. Mee bon, et kann een net alles hunn. Et kann een net soen, mir limitéieren d'Terrassementer. Dass an dëser Plaz elo guer keng Stellplaze fir Autoe virgesi wieren, dat versti mer och virun allem fir Kanner mat Familljen, wär dat awer komplizéiert. Här Gangler, de Busarrêt beim Spidol, deen ass op 200 Meter an do ass eng Trap fir den Accès. Jo, an deen ënnen, deen ass, mee wann een awer muss vum Busarrêt ënnen eroptréppelen, dat zitt sech awer e bëssen. Mee et geet awer. Also den Accès fir Bussen ass do. Mir verstinn awer, dass Stellplaze virgesi sinn. Fir mat Kanner ass dat awer vläicht net ëmmer esou ganz agreabel. A well déi Gréng dat elo net gesot hunn, et sinn och Vëlosstellräim virgesinn. Och dat huet eis immens gefreet. Bon, den eenzege Beemol, dee mir gesi bei dësem Projet ass, dass de PAP natierlech e Stack méi erméiglecht gehat hat. Et hätt een nach kéinte wierklech do drop bauen an e bësse méi Wunnraum schafen. Mir verstinn d'Argumenter, dann hätt ee vläicht och méi Parkplaze jee nodeem gebraucht.

Am GT ass gesot ginn, dass et net dann un d'Noperschaft ugepasst wier. Dat versti mer net esou ganz, well mir sinn awer hei um Enn vun der Strooss. Ech mengen am PAP ass dat dote jo bewosst eng Zon HAB 2 PS3 gemaach ginn, wou een hätt kéinte méi bauen. Dowéinst hu mer eis gefrot, ob een dat net nach hätt kéinten e bësse méi ausnotzen an e Stack drop bauen. Mir hunn eis allerdéngs awer och gefrot, muss ech fairerweis soen, ob een da Schiet gemaach hätt bei den Nopeschhaiser. Dat versti mer natierlech och, dass d'Noperen dann net esou frou gewiescht wieren.

Ursprénglech ware jo och am Plan pluriannuel financier 7,6 Millioune virgesi fir dëse Projet. Deemools war gefrot ginn, firwat deen elo erofgaangen ass. Do ass gesot ginn, dass den ursprénglleche Projet demesuréiert gewiescht wier. Mir ginn dovun aus, dass dann ursprénglech virgesi war, déi Bauféinster méi auszenotzen. An do géif eis dann einfach interesséieren, wat do ursprénglech virgesi war a wéi vill Wunnunitéiten do virgesi waren an ob do méi Leit, oder wéi vill méi Leit do hätte kënnen ënnerkommen. Einfach fir e bëssen ze wësse wat de Kontext ass a wéi de Projet evoluéiert ass.

Subsiden. Do si mer natierlech frou ze héieren an do felicitéiere mer dann och erëm eng Kéier dem Büro an de Servicer, dass mer do bei 74,8 % sinn. Dat bestätegt eis alt erëm eng Kéier, wou mer soen, dass en Invest an abordabele Wunnraum en Invest ass, dee sech selwer dréit eigentlech. Do gesi mer jo, dass dat awer, dass eis Servicer do wësse wat se maachen. Selbstverständlech ass dat vill Aarbecht. Mee wann ee weess, wéi ee sech uleet, da kann een do awer e ganz gudden Deel u Subsiden zréckkréien.

An dann hätte mer just nach eng Fro mat den Tiny Haiser elo. Et ass gesot ginn, déi sinn och subventionabel. Ech mengen et ass jo verständlech, dass wann een e klengt Tiny House baut, dass dat aner Meterkaree-Präisser huet, wéi elo e grousse Logement. Ass dat berücksichtegt bei de Subsiden? Ginn déi anescht berechent oder ginn déi genau d'selwecht berechent? A wësse mer, wat mer do vu Subside kréien op deenen Tiny Haiser? Villmools merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Vun eiser Säit och e grousse Merci, fir déi gutt Presentatioun. A merci, datt mir och dëse flotte Projet am Grupp PAL presentéiert kruten an och doriwwer konnten diskutéieren. Mir stëmmen d'Morcelement vum Terrain souwéi och den Devis estimatif fir de Projet Eecherdall mat. Mir si prinzipiell dofir, datt d'Gemeng Diddeleng an abordabele Wunnraum investéiert, fir datt Leit a Famille mat geréngerem Akommes zu Diddeleng kënne wunnen. Ech soe Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hu just dann nach eng Fro. Zum Tiny House ass jo scho vill gesot ginn, an en Tiny House ass jo par définition och eppes Amovibles an eppes Temporaires. An elo wollt ech awer froen, wéi eng Optioun hu mer dann duerno? Éischtens emol wéini musse mer dat ewechhuelen? A musse mer dat iwwerhaapt ewechhuelen? A kann een da scho soe wat op deem Terrain eventuell kéint entwéckelt ginn? Also mir hate gesot, gehat e richtegt Haus, soe mer mol esou, oder behale mer awer ëmmer dat Tiny House als definitiivt klengt Haischen? Okay. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll dann och hei eng Kéier Merci soen dem Här Scharres an dem Här Glesener an der Madamm Mambourg, fir d'Presentatioun vun deem Projet hei. Ech sinn och frou, datt mer hei an e weidere Projet investéieren, fir abordabele Wunnraum ze schafen. D'Nofro no bezuelbarem Wunnraum geet kontinuéierlech an d'Luucht. Dëse Projet bitt och eng konkreet Léisung zu qualitativen Einliegerhaiser mat 5 Wunnunitéiten. Hei gëtt den Terrain optimal ausgenotzt, wéi de Buergermeeschter dat virdru schonn erkläert huet.

Et ass e wichtege Projet mat am ganze +/- 580 $m^2$ abordabele Wunnraum, enger nohalteger Architektur mat enger moderner Technologie an enger héijer Energieeffizienz op eng exemplaresch Aart a Weis kombinéiert. Mir begréissen och, datt hei mat un eng Photovoltaikanlag geduecht gouf. Et ass och en innovative Projet, andeems an de Projet och de Bau vun engem Tiny House integréiert gëtt, fir deem neie Wunnraum gerecht ze ginn. Wann ech mech un de PAL erënneren, hate mer do vu 452.300 Euro, mengen ech waren et, fir déi Tiny Haiser, wat effektiv och relativ héich ass. Mee wann ech dat richteg elo gekuckt hunn, do si mer awer elo méi bëlleg ëm 300.000 Euro. Mee wéi gesot, ech si net den Architekt, an dat ass och e bëssen Neiland fir mech, mee ech mengen, ech hat dat awer do esou gelies.

Dëse Projet erfëllt awer och d'Krittäre fir d'Energieklass A+ a garantéiert staark reduzéiert Energiekäschten, minimal $CO_2$ -Emissiounen, eng laangfristeg Käschteneffizienz fir d'Bewunner an entsprécht der nationaler Strategie fir eng klimaneutral Zukunft. Mat deenen zwee Blieder vun der Lenoz -Zertifizéierung setzt de Projet awer och e kloert Zeeche fir déi ambitiéis nohalteg Qualitéitsstandarden. Dëse Projet representéiert eng Zukunftsvisioun, déi sozial, ökologesch an innovativ ass. Als LSAP wäerte mir och dëse Projet matdroen. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci och dem Här Goergen. Ech mengen dann hate mer den Tour gemeet. Et waren eng Rei technesch Froen, déi hei gestallt goufen, och ronderëm d'Definitiounen. Do géif ech dann dem Här Schares, der Madamm Mambourg an dem Här Glesener d'Wuert ginn, respektiv géif ech nach op e puer politesch Punkten agoen.

PIERRE GLESENER, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Merci fir d'Wuert. Wéi den Här Goergen scho gesot huet, leie mer net bei 450.000 Euro fir d'Tiny House. Mir hunn dës Kéier, par rapport zu der Commission PAL-PAG hu mer dës Kéier am Devis détaillé d'Positioune vum Tiny House eenzel ausgewisen an net méi e prozentuale Wäert. Also deemools am November hu mer vun eiser Projetausféierung nach vu globalen Zuele geschwat an hunn e Prozentsaz erausgeholl, dee mer op 15 % geschat haten. Hei hu mer wierklech d'Positiounen eenzel erausgeholl an am Devis détaillé, wann een elo zum Beispill bei der Positioun 3 vun den Erdarbeite kuckt, do steet d'Positiounen, all Kéiers mat engem klengen a) dran an do steet zougewisen zum Tiny House dobäi.

Wa mer all déi Positiounen elo zesummerechnen, kommen op 311.000 Euro, 31.393 fir ganz genau ze sinn, Euro TTC, wat d'Tiny House ugeet. Also 311.000, dat ass déi direkt Zouweisung zum Tiny House. Dovunner si Fraisen dobäi, déi bal 40.000 Euro sinn, wéi Raccordementsfraisen an esou weider, déi sinn eigentlech e bëssen egal wéi en Tiny House mer dohinner setzen. Also et wär nach onofhängeg, ob mer elo eis op eng aner Variant vun Tiny House géife konzentréieren. Et sinn och nach eng Kéier gutt 15.000 Euro, déi een elo vun enger Photovoltaik kéint aspueren. Wa mer d'Photovoltaik ewechhuelen, well mer eng Indach maachen a mir huelen déi ewech, misste mer awer eng aner Daachhaut maachen, misste mer erëm en Deel Daach investéieren, duerch dat wat hei als Photovoltaik ausgewisen ass zum Tiny House, do ass och en Deel Daachhaut dran.

Wa mer also géifen elo soen, mir huele reng d'Haischen ouni d'Photovoltaik an ouni elo d'Uschlëss eraus, da si mer bei 250.000 Euro, wou mer beim Tiny House leien. All déi Fraisen, ob mer elo Stroossen huelen oder aner Plazen, wou mer kucke waren, ëmmer déi Suen, déi genannt gi fir Tiny House, bezéie sech an der Reegel ëmmer just op d'Haischen an net op d'Raccordementsdénger. Déi hunn och keng Photovoltaik drop. An et muss een och soen, de Baustandard ass net ëmmer deen nämmlechten. Wa mer Niederanven hunn, déi hu vun iwwer 300.000 Euro geschwat, dat ass awer och hiert Haischen. Do ass och dat anert ronderëm net onbedéngt mat an de Fraisen dran, also fir et an d'Bild ze setzen zu aneren Dénger.

Wéi esou en Tiny Haischen ze bauen, ass d'office pro Meterkaree méi deier, den Här Schares ass schonn drop agaangen, et ass méi Baussenhaut, d'Raccordementsfraise si Raccordementsfraisen, de CREOS-Uschloss ass e CREOS-Uschloss, déi falen net ewech, et sinn einfach wéineg Meterkareeën, déi ee baut. Vu dass hei awer Terrainen op zwee ganz verschidden Niveaue leien ass net vill méi méi méiglech wéi en Tiny House dohinner ze bauen. Mir mussen d'Parzell souwisou jo schonn andeelen do fir de Morcellement. Wéisou Einliegerwohnung? Dat ass eigentlech mat och, fir dass mer en Tiny House kënne bauen. Also mir däerfe bei enger Bifamilial keen Tiny House op déi nämmlecht Parzell bauen. Et ass also méi eng textuell Ausleeung wéi eppes aneschters.

Mir probéieren och bei Einliegerwohnungen esou mann wéi méiglech d'Fläch ze verléieren, wa mir d'Einliegerwohnung iwwert dat anert Appartement leeën, also en Appartement uewen an en Appartement ënne maachen, wat hei och méiglech gewiescht wär. Mee da schafe mer communs-Flächen, déi erëm duerch d'Mietgesetz, d'Salubritéitsreglementer an aner Saachen och eenzel mussen anescht ofgetrennt ginn. Mee dat si verluere Fläsche fir de Wunnraum, soudass en eenzelnen Agang pro Wunneng definitiv déi optimiséiert Variant ass. An den Technikraum baussen ze hunn, ass eppes wat fir eis Service Entretienen immens wichteg ass, fir kënnen den Entretien ze maachen ouni an d'Privatflächen eranzekommen.

Da war d'Fro gestallt ginn zu de Subsiden. Jo, d'Tiny House ass subsidabel. Do si mer, also och nach dës Woch hate mer Entrevuë mam Ministère du Logement, si hunn eis elo, si wëllen éischter vun hirer Typologie op eng Persoun an d'Tiny House goen, wou mir elo mol am Ufank zwou ausgeluecht haten. Dat läit awer, do si mer nach elo am Ausschaffen, wat dat genau bedeit. Subsideméisseg huet dat kee wierklechen Impakt, well mer op déi eng Persoun an der Typologie leien, sou wéi dat ze sinn huet. Subsideméisseg gëtt et als gesamte Projet gekuckt. Et gëtt also net all eenzelt Haus als eenzelne Projet gekuckt, mee et gëtt dat Gesamt gekuckt. An da ginn déi gesamt Meterkareeën, déi een no hirer Typologie huet, zesummegeluecht an doraus eraus gi maximal Meterkareeë geholl, déi een däerf verbauen. Et wär also net schlëmm, wann elo am Tiny House een, zwee Meterkaree ze vill wären, soit disant, ze vill bei engem Tiny House ass eng léif Ausso. Mee, dat heescht, et gëtt als Gesamt gekuckt. Wa mer elo an engem aner Fall wär, wou mer just Tiny Haisercher bauen, dann ass dat e ganz klore Knackpunkt par rapport zu de Montant eligibelen, déi do sinn.

Da war och zu der Surface d'Fro gestallt ginn, déi 39,3 m2, déi Der erwäänt hutt, dat sinn d'habitabel Surfacen, also dat sinn déi an de Bannemauere bannendran. 50 m2, déi mer däerfe baue sinn, wat d'Buedemversigelung um Buedem ass, soi-disant. Ech soe lo, Buedemversigelung, well mer mat Punktfundamenter an esou Saache schaffen, mee dat heescht, baussenhülleméisseg d'Meterkaree geholl däerfen et 50 Meterkaree sinn. Mir sinn hei och op e Wee gaange vu Moduller, an do geet et och e bëssen drëm, wéi kënne mer den Transport transportéieren, liwweren, soudass mer op eng Variant gaange sinn, wou mer gesot hunn, mir wëllen net iwwert déi 3,50 Meter ënnen erausgoen. Mir sinn do och nach amgaangen ze kucken, ob een nach méi optiméiere kann a vläicht Richtung dräi Meter ka goe vun der Breet vum Module an dann an der Längt vläicht e bësse méi, soudass mir hei elo bei esou 49 bis 50 Meterkaree Buedemfläch sinn. Also mir si schonn déi 50 Meterkaree erauskëddele gaangen, déi no eisem Reglement och machbar sinn. D'Bauplaz hätt sécherlech och erlaabt, nach eng Kéier 10 Meterkaree méi ze maachen, mee da wäre mer net méi an eiser autorisabeler Variant dran. Eppes wat de Ministère du Logement eis och gefrot huet, ob mer net kéinten 10 Meterkaree méi bauen. Mee, dat ass awer esou gesinn, reglementaresch net erlaabt.

Da war d'Fro komm mat der Spillplaz. Ech ka just soen, dass eis intern Servicer do scho mat ageschalt waren, an dass och am PAG dat esou agedroe scho war, dass nieft dem Parking uewe beim Spidol eng Spillplaz hikënnt an u sech gëtt se transferéiert, souzesoen. An enger éischter Diskussioun war, ob d'Spiller eriwwergeholl ginn oder ob nei amenagéiert gëtt, dat kann ech elo am Detail net soen, do ass menges Wëssens e Projet, deen ausgeschafft gëtt fir deen Deel. Mee et ass elo net, dass eng Spillplaz verschwënnt an et géif néirens eng aner kommen oder mir géifen de Quartier elo net do kucken. Deen Deel ass awer matgekuckt ginn. Da war de Beemol, firwat dann net e Stack méi? Dat ass en Déngen, iwwert dee mer vill geschwat hunn, dat läit deelweis zu den Nopeschhaiser, mir sinn an engem Quartier à préserver, wou mer och d'Héichte vun den Nopeschgebaier gekuckt hunn, et läit awer och erëm dorunner, mir wollten esou mann wéi méiglech an de Buedem goen an d'Niveauen, déi den Terrain hiergëtt, bäibehalen.

Dat heescht mir hunn eigentlech déi maximal Fläsch um Buedem geholl fir d'Haiser an eropgezunn. Wann ech natierlech elo nach e Stack voll driwwer ausnotzen, da kréien ech méi Bewunner an d'Haus, da brauch ech erëm méi Meterkareeë fir Stuffen an esou weider an och Iesszëmmeren, da komme mer Richtung 10 Persoune pro Unitéit. Da geet de Rez-de-Chaussée erëm net méi esou richteg op. Da schwätze mer iergendwann dovunner, an da gëtt et en anere Projet. Och d'Terrassen, déi hanne sinn, sinn immens kleng. Also et ass eigentlech d'Bauparzell, déi eis e bëssen zwéngt an net elo d'Couverturen, déi per PAG machbar sinn. Mir sinn hei wierklech an d'Richtung gaangen ze optiméieren an och ëmmer erëm ze vermeiden, dass doduerch extra Käschten erëm entstinn. Dat mengen ech gesäit een och an den Zuelen, déi herno am Projet pro Meterkaree derbäi erauskommen. Also mir hunn eis ganz staark dorobber fokusséiert an elo net onbedéngt de Maximum u Wunnfläch geschaf, déi reglementaresch méiglech gewiescht wär, dat hätt erëm aner negativ Impakter gehat. A wann ech elo meng Lëscht hei kucken. Jo, Ubannung, ëffentlechen Transport. Et ass gesot ginn, deen ee Bus ass ënnen, wou de Parking, den ale Parking bei der Schmelz, bei der Kapell ënnen ass, an deen nächste Busarrêt ass beim Spidol. Déi zwee sinn awer recht no. Also dass elo e Bus an déi kleng Strooss do erafiert, ech mengen dat géif keen arrangéieren an deem Sënn.

Da war nach just d'Fro vum: Wéini Ewechhuele vum Tiny House? Also wa mir se subsidéiere loossen duerch de Mi-

nistère du Logement, do steet kloer herno an der Konventioun dranner, dass 40 Joer laang dann och eppes muss do stoen. Souguer wann d'Tiny House géif futti goen oder an engem schlechten Zoustand wär, mir missten et renovéieren, mir mussen et da 40 Joer laang a Betrib halen. Ëmsou méi fir eis wichteg, dass mer eng Bauqualitéit huelen am Tiny House, déi vläicht en anere Fokus huet, wéi wann een anere sech en, ech soe lo mol, mat engem Stolrahmenkonstruktioun dohinner setzt a seet, jo, et ass elo mol fir 15 Joer oder wéi och ëmmer. Nee, mir musse 40 Joer dann och do eppes hunn. An deem Sënn ass eis Iddi schonn, natierlech gëtt dann de Standard och e bëssen en aneren. Ech mengen domadder sinn ech op all eenzel Fro souwäit agaangen, déi ech och ka beäntweren. Da ginn ech d'Wuert zréck.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci, fir déi doten Erklärungen. Wollt den Här Schares nach op en anere Punkt agoen? Okay. Tipptopp. Villmools merci och fir déi doten Erklärung op déi Rei Froen, déi Der deementspriechend hat. Ech wëll vläicht nach mat deem leschte Punkt ophalen. Ech mengen dee ganze Volet ronderëm Logement abordable, an dat wësst Der, an ech mengen dat ass nach eng Kéier wichteg ze preziséieren, iwwerall do, wou d'Gemeng Bauhär ass a Logement abordable mécht, kënnt jo eng Konventioun mam Logementsministère, wou mer jo déi Subside kréien an déi Konventioun, do engagéiere mer eis jo op 40 Joer. Dat heescht, déi 40 Joer ass jo net nëmme par rapport zum Tiny House mee och par rapport zu deenen aneren Haiser, déi mer maachen. Dat ass jo eng generell Dispositioun, onofhängeg ob et en Tiny House ass oder net.

A virun enger ganzer Rei Jore war jo dat Konventionnement 20 an et ass weidergespaant ginn op 40, fir et och am Logement abordable ze loossen, well mer jo d'Situatioun op eemol haten, dass Logement abordable um Marchéspräis verkaf gouf, wat zu ganz cocassë Situatioune gefouert huet. Dofir fannen ech a priori dee 40 Joer Engagement, dat een hei och och ageet wichteg, well et abordabel bleift a souwisou d'Gemeng, wa se Logement abordable schaaft, jo och am Locatif deementspriechend ganz kloer bleift. An ech mengen och dat ass jo eng Dispositioun, déi deementspriechend wichteg ass.

Dat war dat Generellt. Ech ka just soen, par rapport zu der Spillplaz, effektiv ass en Transfert geplangt, mee iwwert déi lescht Joren huet d'Notzung vun der Spillplaz en tant que telle ganz zügeg ofgeholl. Dat kann ech Iech hei confirméieren, aus direkter Siicht, quasi Noper. Dëst gesot, mengen ech, si mer op all Punkten deementspriechend agaangen.

Mam urspréngleche Projet, ma do kann een Iech einfach graff, also wéi gesot, dat war jo keen definitive Projet, dee mer haten. Dat ware graff Rechnungen, déi mer gemaach hu mat Skizzen, wou een estiméiert huet, wou d'Rees kéint higoen. Dat hate mer och deemools, ech kann mech erënneren, am PPF och festgehalen an du hu mer dat no ënne revidéiert, well dat awer par rapport zu der Ausriichtung, déi mesuréiert war par rapport zum Bestand, well mer an engem Quartier existant och sinn. Mee dat kënne mir Iech gären zoukomme loossen. Dat ass kee Problem.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Mir mussen zwee Votte maachen. Den éischte Vott ass par rapport zum Morcellement vum Terrain. Dat ass deen éischte Vott, dee mer mussen huelen. Dat ass och dee wichtegste, well soss kënne mer deen anere Vott net huelen. Wien ass mat deem averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da géife mer dann op de Projet en tant que tel iwwergoen, also um Eecherdall, déi 3,1 Milliounen. Wien ass mat deem averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an och eise Gäscht Merci fir hir Presenz an och hir Erklärungen.

**3.3. Mise en Procédure vun engem Projet de Modification ponctuelle vum Plan d'Aménagement Général (PAG) vun der Stad Diddeleng – Partie écrite a graphique, zum Site vum PAP ZAE Wolser – PAP NQ SD-31 (Dossier 10)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech géif proposéieren, dass mer dann op den nächste Punkt iwwerginn. Et ass eng Modification ponctuelle vum PAG, d'Mise en procédure, déi mer hei virleien hunn, hei ass et am Fong e Projet. An dofir begréissen ech och hei an eiser Ronn vum Wirtschaftsministère, den Här Nimax an d'Madamm [Hief 1:17:04 Numm richteg geschriwwen?], a vun eisem Begleederbüro, den Här Hubert an den Här Faber an och d'Madamm Gottschalk, déi zu eis gestouss sinn, d'Madamm Mambourg ass bliwwen. Et geet hei ëm eng Modifikatioun vum PAG a Zone industrielle am Wolser. Et gëtt och parallel eng Modifikatioun gemaach vum PAP Quartier existant, mee déi leeft separat, do gëtt de Gemengerot eréischt méi spéit domadder befaasst.

Dat heiten ass en Dossier, wou aktiv de Wirtschaftsministère, wou mer och scho Reunioune mam Wirtschaftsministère an och mam Wirtschaftsminister haten. Hei si si aktiv un eis erugetruede fir eng Densifikatioun, eng Verdichtung ze maache vun der Industriezon op Wolser, déi jo à cheval ass tëschent Diddeleng a Beetebuerg. Déi selwecht Prozedur vu Modifikatioun, déi mer och deementspriechend maachen. Déi Beetebuerger si schonn amgaangen. Haut lancéiere mir hei deementspriechend och d'Prozedur. Mir haten och de Projet en tant que tel mat Vertrieder vum Wirtschaftsministère an eiser Kommissioun am PAL och virun e puer Wochen deementspriechend och virgestallt. Hei geet et also drëm ëm en nationaalt Virhaben, wou am Fong dann Industrien, déi sech an eisen nationalen Industriezonen usidele kënnen, awer zu enger méi Verdichtung, zu enger besserer an enger anerer Notzung och vum Terrain soll kënne stattfannen. Hei zu Diddeleng, mee awer och tëschent Diddeleng a Beetebuerg.

An dass dat heiten natierlech och mat bäidréit, dass de Wirtschaftsstanduert, respektiv den Industriestanduert, an Diddeleng ass nach ëmmer en Industriestanduert, dass och deen awer mengen ech ganz kloer och gestäerkt gëtt. A wann een dat och, déi Terrainen aneschters notze kann a méi verdicht notze ka wéi de Moment, kënne jo och natierlech méi Industrien sech do usidelen. An da schafe mer natierlech och am Raum Diddeleng -Beetebuerg méi Aarbechtsplazen oder zousätzlech Aarbechtsplazen zu deenen, déi de Moment do sinn. An ech brauch Iech jo net ze soen, dass an deem dote Raum, wou déi heite Verdichtung

stattfënnt grad eeben an der Industrie, an der Industriepolitik jo déi lescht Joren eng Rei Problemer waren och vun zwee gréissere Betriber, déi do um Site sinn, déi jo och zougemaach hunn an déi och an de Schlagzeile waren.

Ee Betrib, deen zougemaach huet a sech transferéiert huet an eng aner Gemeng an en anere Betrib, deen hei zu Lëtzebuerg an der Belsch, also Liberty Steel fir se net ze nenne, virdrun dat war Guardian, fir se net ze nennen, wou effektiv eng gréisser Faillite stattfonnt huet. Dat heiten ass mengen ech also e positiven Aspekt, wa mer hei déi Modifikatioun huelen, well dat erméiglecht och dem Wirtschaftsministère a senger Approche an der Prospektioun vun neie Betriber, dass och do och nei Betriber kënnen usidelen, respektiv nei Initiativen um nationale Plang kënne geholl ginn. Fir Iech awer do e bëssen Abléck ze ginn, fir dass dat ka stattfannen, mussen eng Rei Modifikatioun stattfannen. A fir dat ze erméiglechen a fir Iech och nach hei ze presentéieren, wat déi Modifikatioune sinn, géif ech dann hei dem Här Fabien Nimax huet d'Wuert ginn, deen hei duerch d'Presentatioun féiert an och herno dem Här Faber, déi hei eng Kéier kuerz géifen op de Punkt och agoen. Merci.

FABIEN NIMAX, MINISTÈRE DE L'ECONOMIE: Villmools Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Jo, wéi gesot, mir wollten Iech haut eng Kéier de Projet vun der Densifikatioun vun der nationaler Aktivitéitszon am Wolser B presentéieren. Wéi gesot, et ass en extreem wichtege Projet fir eise Ministère, net just fir eise Ministère, mee wéi gesot, et ass d'Volontéit allgemeng fir d'Aktivitéitszonen ze densifiéieren. Mir hunn e Problem, dee bekannt ass zu Lëtzebuerg, dass mer net genuch Flächen hu fir eis weiderhin ze entwéckelen. Mir hunn zwar och eng ganz Rei Flächen um Niveau vun engem Plan sectoriel fir d'Aktivitéitszone reservéiert. Do musse mer awer feststellen, dass och haut scho 50 % plus-minus nach guer net ëmgesat sinn um Niveau vun de PAGen. An dofir versiche mer dann eeben och an deene besteeënden Zonen, mee natierlech och deenen neien Zonen, déi entwéckelt ginn, d'Flächen an d'Ressourcen allgemeng optimal kënnen ze benotzen.

Dowéinst hate mer och en éischte Pilotprojet lancéiert an enger regionaler Zon. Dat war den Triangle vert zu Elleng bei Mondorf. A kuerz drop hu mer dunn och decidéiert, dass mer de selwechten Exercice géife maache fir de Wolser B. An dowéinst hate mer och en éischte Masterplang op engem Deel vum Wolser B entwéckelt, dee mer och d'lescht Joer deenen zwou Gemenge presentéiert haten. Wéi gesot, hei gesitt Der eng Kéier kuerz wat d'Volontéit do ass vun der Densifikatioun. Ma éischtens ass et eng Kéier fir souwuel fir an d'Breet wéi och an d'Héicht kënnen ze densifiéieren. Dat ass emol deen éischte Fokus. An dann, wéi gesot, wat ganz wichteg ass, dat ass eng maximal Flexibilitéit kënne fir d'Betriber unzebidden. Dat heescht fir och haut an awer och an Zukunft kënnen op hir Demanden anzegoen an dowéinst och e flexibele Kader ze schafen.

Eng aner Volontéit dat ass, dass mer eng ganz Rei vun Equipementer a Servicer fir d'Entreprisë kënne mutualiséieren. Ee vun de Beispiller sinn do d'Parkflächen, déi mer wëllen evitéieren an Zukunft nach bei all Entreprise um Buedem ze realiséieren. Mee éischter Silosparkinge virzegesinn, wéi dat och haut bei grousse Wunnprojeten ëmgesat gëtt. Dann allgemeng wëlle mer d'Liewensqualitéit an och d'Servicer, déi ugebuede ginn un d'Entreprisen an déi Leit, déi do schaffen, verbesseren. Mir schaffen allgemeng Mobilitéitskonzepter eraus, fir déi besteeënd Zonen an och fir nei Aktivitéitszonen. Dat si mer amgaangen ze maache fir de Wolser B. Awer och fir déi aner Aktivitéitszone Wolser zu Beetebuerg an zu Diddeleng. Do komme mer och nach eng Kéier herno drop zréck.

An da wëlle mer natierlech och den ekologeschen Aspekt allgemeng an den Aktivitéitszone verbesseren. Do muss een e bëssen den Ënnerscheed maachen, ob een elo eng besteeënd Aktivitéitszon huet oder eng nei. D'Iddi bei den neien Aktivitéitszonen ass u sech, dass een den ekologeschen Aspekt éischter am ëffentleche Raum ëmsetzt, deen och an der ëffentlecher Hand bleift. An den Entreprisen am Fong just nach dat ze ginn, wat se brauchen, fir ze wirtschaften. An enger besteeënder Zonen ass dat e bësse méi schwiereg wéi hei och am Wolser B, fir do nach groussaarteg am ëffentleche Raum eppes ëmzesetzen. Dat heescht, hei wäerte mer versichen am ëffentleche Raum awer och bei den Entreprisen, den ekologeschen Aspekt ofzedecken.

Wat et eis erlaabt, dat ass, dass mer u sech méi Aarbechtsplazen, méi Aktivitéiten op deene gläiche Fläche kënnen ëmsetzen duerch d'Densifikatioun. Dat ass e ganz wichtege Volet. Et ass awer e Prozess, dat muss ee vun Ufank u soen, deen net vun haut op muer kënnt. Dee geet mat den Infrastrukture mat, op allen Niveauen, sief dat elo d'Mobilitéit, sief et d'Waasser. Dat heescht, dat sinn Aspekter, déi mer och amgaange sinn ze studéieren. An dofir muss een einfach elo d'Jalone setzen am Fong fir d'Entwécklung, déi wirtschaftlech Entwécklung, fir op d'mannst déi nächst 30 Joer. Wéi gesot, wann elo eng Entreprise kënnt, kritt se jo och en Droit de superficie an déi sinn ëmmer op 30 Joer. Déi sinn a priori och erneierbar. Mee dat heescht, dat wat mer haut maachen, ass op d'mannst emol fir déi nächst 30 Joer. A wéi gesot, d'Densifikatioun ass och absolutt konform mat den Objektiver vum PDAT. Da gesitt Der hei eng Kéier d'Aktivitéitszon vum Wolser mat plus-minus 120 Hektar haut am Bestand. Dann hat de Plan sectoriel nach eng Extensioun vu 17 Hektar virgesinn, woubäi ee muss soen, dass déi am Fong reng fir d'Firma Lamesch ass, déi jo schonn niewendrun an der besteeënder Zon ass, déi och amgaangen ass auszebauen.

Déi 17 Hektar kënnen herno awer net reng fir d'Wirtschaft genotzt ginn. Do hu mer scho Mesuren, CF-Mesuren ëmgesat, fir am Fong de Rescht vum Wolser B fräizekréien. Dat ass e wichtegen Aspekt. D'Méiglechkeet, déi mer u sech kréien, de Buergermeeschter hat et scho gesot, duerch déi Aktivitéiten, déi gestoppt gi si vu Liberty an och vu Guardian, do hu mer u sech d'Méiglechkeet déi ganz Zon ze revitaliséieren. Jo, et ass natierlech schued fir d'Aktivitéiten, déi virdru stattfonnt hunn, d'Aarbechtsplazen, déi verluergaange sinn. Mee op där anerer Säit, fir d'Zon u sech, ass et awer och eng grouss Plus-value fir se fir d'Zukunft fit ze maachen. An de Site huet u sech eng gutt Accessibilitéit. Wat zimmlech eemoleg ass, dat ass, dass mer d'Schinnen hunn an der Zon, den Triage, deen net wäit

ewech ass a mir hunn zwee Autobunnsechangeuren. Hei gesitt Der eng Kéier deen éischte Masterplang, dee mer ausgeschafft haten d'lescht Joer. Deen hate mer am Abrëll deenen zwou Gemenge presentéiert. Dat war en Areal vu plus-minus 17 Hektar tëscht der aler Guardian an dem Site vun der Vodafone, déi jo amgaangen ass schonn ze bauen. Do hate mer eng Kéier just eng Visioun entwéckelt, wat dat kéint duerstellen um urbanistesche Volet. Do hate mer och versicht schonn d'Konzept vum Parkhaus ze integréieren. Dat ass dat zentraalt Gebai, wat Der gesitt, wou Der och d'Vue drop gesitt, wat e bëssi méi héich ass.

Dann hate mer och schonn éischt Projeten, déi an der Pipeline waren, déi mer och probéiert haten dohinner ze integréieren. Wat wichteg ass, déi Visioun, déi gëtt esou net ëmgesat. Dat ass awer d'Basis gewiescht fir déi Modifikatiounen, déi elo ugeduecht sinn, souwuel zu Diddeleng wéi zu Beetebuerg, déi schonn an der Prozedur sinn. Dat heescht, d'Iddi ass allgemeng d'Koeffizienter unzepassen, fir souwuel um Buedem an och an d'Héicht kënnen ze densifiéieren, d'Fläche besser ze notzen, a bis op 30 Meter eropzegoen. Haut sinn et 25 Meter schonn. Dann, wat et mat sech bréngt, wéi ech et scho gesot hunn, d'Reglementatioune mussen op deenen zwee Territoiren iwwerschafft ginn. Wat interessant ass, am Wolser B, dat ass, dass mer jo éischtens zwee Territoiren hunn, mir haten awer op all Territoire och nach eng Kéier en Deel am PAP Nouveau Quartier an en Deel am Quartier existant, soudass déi véier Reglementatioune mussen iwwerschafft ginn.

An d'Volontéit war do, gemeinsam mat de Gemengen, déi och ze harmoniséieren, soudass och Betriber, déi elo eventuell op de Grenze baue vum Territoire oder iwwert de PAP NQ an de QE ewech, dass se net komplett verschidde Reglementatiounen hunn. Dat war déi Haaptiddi. Bon, wéi gesot, am November hate mer dunn e Bréif gemaach un d'Stad Diddeleng mat der Demande, fir driwwer nozedenken, fir déi Koeffizienter unzepassen. Dat hu mer eng Kéier kuerz hei opgelëscht. Wéi gesot, de Coefficient d'occupation du sol géife mer op 0,85 eropsetzen, deen ass haut op 0,63. De Coefficient d'utilisation du sol, dee géife mer vu 7 erofsetzen op 5,2 an de Coefficient de scellement du sol dee géife mer eropsetze vun 0,64 op 0,85. An da wéi gesot, d'Héichte bis op 30 Meter, haut sinn et der awer scho 25.
Jo, a wéi gesot, zu Beetebuerg ass d'Procedure schonn amgaangen, si haten den 9. Oktober d'Saisine an do waart d'Gemeng op de Retour elo vum Avis vum Ministère de l'Intérieur.

Jo, wat d'UEP ugeet, also d'strateegesch Ëmweltprüfung, déi am Virfeld muss gemaach gi fir d'Modifikatioun vum PAG, do hat Beetebuerg u sech eng Dispens beim Ëmweltministère ugefrot, fir déi zweet Phas vun der strateegescher Ëmweltprüfung, also u sech dee grousse Package, an do koum effektiv och de Retour vum Ëmweltministère, dass keng signifikativ Impakter duerch déi Densifikatioun op déi verschidde Schutzgüter ze erwaarde sin. An dowéinst ass och d'Dispense accordéiert gi fir déi zweet Phas vun der strateegescher Ëmweltprüfung. A si hu gesot, et wär u sech eng Modification mineure vum PAG. Dat wat hei elo dann zréckbehale gouf op Diddelenger Säit, de Lex Faber geet awer och nach eng Kéier drop an, dat ass d'Upassung vun de Koeffizienter, wéi ee scho sot. De Schema Directeur fir de PAP Nouveau Quartier, dee muss och liicht ugepasst ginn. An dann um Niveau PAG ass och nach eng Derogatioun virgesinn um Niveau vum Stellschlëssel. Wann u sech e Betrib bei der Baugeneemegung herno ka beweisen, dass e manner Parkplaze brauch fir ze fonctionéieren, wéi de Minimum, deen iwwert de Stellschlëssel virgesinn ass, da kann de Buergermeeschter eng Derogatioun ginn op Basis vun engem Konzept, also Mobilitéitskonzept.

Hei eng Kéier resuméiert dat, wat de Bureau LSC ausgeschafft huet fir d'Stad Diddeleng, d'selwecht wéi zu Beetebuerg, fir u sech d'Dispens vun der strateegescher Ëmweltprüfung unzefroen. Et gesäit een u sech an der Conclusioun, wat déi eenzel Schutzgüter ugeet, dass am Fong keng héich a keng ganz héich Auswierkungen ze erwaarde sinn, dass se also och net als signifikativ unzegesi sinn. Déi Haaptimpakter, déi ze erwaarde sinn, mee dat ass och schonn duerch de Bestand, dat ass um Niveau vum Waassermanagement, mee dat ass en allgemenge Problem an den Aktivitéitszonen, den Niveau, also de Lärm, deen impaktéiert gëtt. Mee dat ass och haut schonn de Fall duerch d'Aktivitéiten, déi do sinn an eventuell Schadstoffer duerch Aktivitéiten, déi sech kéinten néierloossen. Mee och dat ass näischt, wat net haut scho stattfënnt.

Also, d'Conclusioune vum Bureau sinn u sech déi, dass keng signifikativ Impakter weeder op d'Aktivitéitszon u sech ze erwaarde sinn, nach op d'Wunngebidder, déi ronderëm leien, also zu Beetebuerg an zu Diddeleng. An u sech déi Aspekter, déi e bësse méi sensibel sinn, wéi ech scho sot, déi vun der Mobilitéit, vum Waasser an d'Integratioun a Landschaft, déi ginn u sech a Konzepter, ginn déi verfeinert. Wéi gesot, d'Mobilitéitskonzept hu mer scho virun e puer Méint lancéiert. Do si mer och am reegen Echange mam MMTP a mat de Ponts & Chaussées, fir no Léisungen ze sichen. Ech kommen herno och nach eng Kéier drop zréck. D'Waasser, dat Konzept ass u sech schonn ausgeschafft ginn. Dat ass och schonn duerchdiskutéiert gi mat der AGE. Dir hunn dat och um Prinzip validéiert. Den Dossier gëtt och elo kuerzfristeg agereecht, fir den Accord de principe unzefroen, jo, den Accord de principe fir de PAP Nouveau Quartier kënnen anzereechen.

De Volet vum Kaméidi, well dee gëtt u sech op ënnergeuerdent Prozedure gereegelt, wéi zum Beispill d'EIE, déi ass awer hei net néideg, vu dass mer eng besteeënd Aktivitéitszon hunn. Mee um Niveau vun de Commodoe souwuel vun der Zon wéi och vun deenen eenzelen Entreprisen, déi sech herno wäerten néierloossen. An u sech kënnt de Bureau zur Conclusioun, dass u sech déi Entwécklungen, déi mer do virgesinn an enger besteeënder Aktivitéitszon, u sech positiv sinn, well mer versichen am Fong d'Ressourcen an och de Buedem besser ze notze wéi an der Vergaangenheet. D'Dispens ass ugefrot ginn de 17. Dezember beim Ëmweltministère. De Retour koum den 22. Januar, a si deelen u sech d'Appreciatioun vum Bureau LSC an hunn och do eng Dispens, genau wéi zu Beetebuerg, accordéiert, soudass keng strateegesch Ëmweltprüfung u sech néideg ass an déi Modifikatioun als Modification mineure ka betruecht ginn.

Dann de Volet vun der Mobilitéit. Wéi gesot, do hate mer scho virun enger Rei Méint e Büro beoptraagt, fir dat eng Kéier ze analyséieren, wéi mer d'Mobilitéit allgemeng kënne verbesseren, net just um Stroossereseau oder um Autobunnsreseau, mee och um Niveau vun dem Fonctionnement vun den Entreprisë selwer a vum ëffentleche Verkéier. Do sinn et eng Rei vu Mesuren, déi waren och schonn deemools an enger Etüd opgeworf ginn, déi elo reaktivéiert ginn, voire ugepasst ginn. An do si mer zesumme mam Bureau an och mam MMTP Ponts & Chaussées zur Conclusioun komm, dass u sech Upassungen op der N31 néideg sinn. Do ass zum Beispill ee Projet, dee schonn an der Pipeline ass, dat ass um Niveau vum Echangeur Biereng, fir och Luuchten do virzegesinn, fir och do d'Fluxen ze verbesseren.

Dann ass nach en anere Projet, dee mer relativ kuerzfristeg wäerte bei der Ponts & Chaussées ufroen, fir deen ze aktivéieren, dat ass en neien Accès an de Wolser B bei d'Firma Lamesch. Also mir hu festgestallt, dass haut, dat déi Entreprise ass, déi am meeschten Trafick generéiert am Wolser, an dowéinst wollt mer u sech net méi alles drainéieren op den Haaptaccès, dee mer haut hu fir an de Wolser B. An dofir soll dann op der Héicht vun der Firma DEG am Scheleck nach eng zousätzlech Zoufaart an Ausfaart virgesi gi fir d'Firma Lamesch. Da gëtt och de Carrefour, also den haitege Rond-point bei der Firma Globus, dee gëtt reamenagéiert an e Carrefour mat Feux tricolores, fir och do den Trafick ze verbesseren, d'Sécherheet ze verbesseren.

An dann, wat elo méi nei ass, dat ass nach eng zousätzlech Zoufaart virzegesinn am Weste vum Wolser B, vu Keel aus kommend, Näerzeng aus kommend iwwert den CR164.Do sinn och Comptagë gemaach ginn op der N31 an um CR164. Bon, wat keng Iwwerraschung ass, d'N31 haut ass zimmlech congestionéiert. Dowéinst wëlle mer och déi verschidde Mesuren ëmsetze fir d'Situatioun do ze verbesseren. A mir wëllen eebe grad op en zweeten Accès setzen am Westen. An déi Comptagen, déi gemaach gi sinn, hunn u sech zur Conclusioun gefouert, dass haut d'Capacitéiten um CR164 op jiddefalls nach do sinn, fir zousätzlechen Trafick aus dem Wolser opzehuelen. A wat do och ugeduecht ass, dat ass, dass deen Accès an de Wolser B u sech Prioritéit géif kréie par rapport zum CR164, dee vu Süden aus kënnt. Dat heescht, den Haapttrafick gëtt effektiv wierklech an de Wolser drainéiert an net weiderhi Richtung Süden op Diddeleng. An dann op déi méi laang Sicht gëtt och driwwer nogeduecht, den Echangeur vu Keel selwer ëmzebauen, fir och do d'Sécherheet ze verbesseren an d'Fluxen nach eng Kéier ze erhéijen. Voilà. Dat sinn am Fong déi Haaptaspekter, déi elo ënnersicht gi sinn, déi an der Pipeline sinn.

Et sollen och Simulatioune fir den Trafick gemaach ginn op den Horizont 2040. Déi gi lo relativ kuerzfristeg lancéiert an da kréie mer normalerweis bis ëm de Summer wäerte mer do déi éischt Conclusiounen hunn. An da ginn och Projeten en fonctioun dovunner aktivéiert um Niveau vum MMTP a vun der Ponts & Chaussées. Mee wéi gesot, de Projet zum Beispill vum Accès West an och vum Accès bei d'Firma Lamesch, déi lafen onofhängeg. Also déi si schonn, zum Beispill den Accès West, deen ass schonn aktivéiert bei der Ponts & Chaussées. An deen op der N31 fir bei d'Firma Lamesch, dee gëtt elo kuerzfristeg aktivéiert bei der Ponts & Chaussées. An da sinn och Donnéeën analyséiert ginn, Editus-Donnéeë vun de Leit, vu wou se hierkommen, wou se hifueren. An déi ginn natierlech och an d'CMT-Simulatiounen integréiert. Dann hu mer parallel dozou schonn am Virfeld e Prozess ugestiwwelt am Fong fir alleguerten d'Wolser Aktivitéitszonen zu Beetebuerg an zu Diddeleng e Konzept vun engem Mobility Management fir d'Entreprisen, déi haut schonn do sinn, auszeschaffen.

Hei gesäit een nach eng Kéier kuerz, wat ugeduecht ass am Wolser B selwer, den Haaptaccès, deen am Fong nërdlech vum Wolser B soll lafe mat deenen zwou Connexiounen, am Osten an am Westen. Do gouf och schonn en éischten Tracé vun deem Accès am Weste geplangt an do gouf och schonn eng Upassung um Niveau vum PAG vu Beetebuerg gemaach, fir deen Accès kënnen ze garantéieren. An da riets ënne gesitt Der déi Mesuren, déi ech elo erwäänt hat, déi op der N31 virgesi sinn. An dann, wat d'Waassergestioun elo ugeet, ben, do sinn elo d'Conclusioune vum Büro Schroeder, déi mer beoptraagt hunn, dass u sech keng direkt Impakter op déi Baachleef, déi ronderëm sinn, ze erwaarde sinn. Wat awer néideg ass, dat ass eng Erhéijung vun de Capacitéiten an der besteeënder Retentioun vum Wolser B, déi läit am Scheleck, déi muss vun 18.000 op 30.000 Kubikmeter erhéicht ginn. Dat hu mer och schonn am Prinzip esou validéiert mat der AGE. Wéi gesot, den Dossier gëtt elo kuerzfristeg agereecht.

Parallel ass jo d'Renaturatioun vun der Ausselbaach gemaach ginn, dat ass nërdlech vun der Firma Lamesch. D'Firma Lamesch selwer gesäit och nach eng zousätzlech Retentioun vir, déi ass och schonn an der Planung, fir bei hinnen nach d'Situatioun ze verbesseren. Am PAP Nouveau Quartier ass u sech virgesinn, dass d'Diecher vun den Entreprisë begréngt ginn, fir och do e Puffer ze schafen, wat d'Waassergestioun ugeet. Beim STEP si Capacitéiten disponibel, wat d'Ofwaasser ugeet, an da sinn och Pisten, déi creuséiert gi si fir nach en zousätzleche Waasserreservoir als Backup virzeginn si fir de Wolser B, falls eng Kéier Problemer géifen entstoen um Reseau vun der SES. An da wat d'Integratioun an d'Landschaft ugeet, dat ass och ënnersicht gi vum Büro LSC. Wéi gesot, no Norden hin ass u sech kee groussen Impakt ze erwaarden, well mer do am Fong eng gréng Couronne hunn, ënner Form vun engem Bësch, deen ass och laangfristeg geschützt iwwer Servituden an de PAGen, soudass do kee groussen Impakt ze erwaarden ass.

Richtung Süden, Diddeleng ass am Fong keen zousätzlechen Impakt ze erwaarden, par rapport zu der Situatioun, wéi mer se haut scho reglementaresch hunn, och par rapport zu Gebaier, déi haut schonn do sinn, notamment déi al Gebaier vun der Liberty Steel, déi Héichten, depasséiere mer u sech net, soudass mer elo net zousätzlech Problemer an deem Sënn schafe wat d'Integratioun an d'Landschaft ugeet. An da war awer eng Recommandatioun, dass gekuckt gëtt bei de Betriber, dass an der Nuecht d'Beliichtung op ee Minimum reduzéiert gëtt, fir dann Diddeleng och net ze impaktéieren. Dat waren en gros d'Conclusioune vum Büro LSC.

LEX FABER, ZEYEN + BAUMANN: E schéine gudde Moien och vun eiser Säit. Ech wäert elo einfach nach eng Kéier drop agoen, wat elo konkret haut ofgestëmmt gëtt. Wat gëtt geännert? Et war elo schonn a groussen Zich ugedeit ginn. Mir maachen eng Ännerung engersäits um Niveau vum PAG oder haaptsächlech um Niveau vum PAG, wat déi verschidde Koeffizienten ubelaangt. Dat heescht, de CUS, dee reegelt wéi vill Meterkaree ech ka bauen, gëtt vu 7 op 5,2 reduzéiert. An dann de COS an den CSS, also wéi grouss meng Gebaier kënne sinn, respektiv wéi vill ech ka versigelen op de privaten Terrainen, gëtt vun 0,63 an 0,64 op 0,85 eropgesat. Dat ass och eppes, wat mer herno wäerte gesinn an deenen Ännerungen, déi geplangt sinn um Niveau vum PAG Quartier Existant ze maachen. Also déi 85 % vun der Notzung vum Terrain, eppes wat sech do dran erëmfënnt. Ech denken dat gouf ugeschwat, et geet drëm, déi Terrainen déi schonn artificialiséiert sinn, esou effikass wéi méiglech ze notzen an eeben do déi entspriechend effikass Notzung vun deenen Terrainen ze erméiglechen.

Et gëtt dann och gläichzäiteg eng kleng materiell Ännerung, um Niveau vun der Denominatioun vun der Zon gouf verbessert. Zousätzlech gëtt et um Niveau vum PAG eng zousätzlech Derogatioun, dass am Fong de Stellplazschlëssel kann un d'Concept d'exploitation vun enger Entreprise ugepasst ginn. Dat heescht eng Entreprise, déi vläicht méi oder manner Stockageflächen huet oder déi méi oder manner automatiséiert oder aarbechtsintensiv Prozesser huet, kann een dann eeben deen éischter theoreetesche Schlëssel un de reelle Besoin op der Plaz dann och upassen an huet do net eng onverhältnesméisseg Demande vun der Säit vum Stellplazschlëssel. Dat sinn et am Fong schonn déi Ännerungen, déi um Niveau vum PAG gemaach ginn.

Aus Transparenzgrënn hate mer decidéiert, datt mer haut och kuerz géifen dorobber agoen, wat da wäert am Quartier Existant geännert ginn. Ech géif dat einfach kuerz erwänen. Do gouf et elo an deene leschte Wochen nach e ganzen Ofstëmmungsprozess och mat der Gemeng Beetebuerg, mam Wirtschaftsministère. Am Weesentlechen, ech denke mir ginn elo net all eenzel Punkt hei duerch, et ginn eng ganz Rei vun Upassunge gemaach, déi am Fong kohärent si mat deem, wat elo gesot gouf. Dat heescht, dass ee méi dense ka bauen. Et kann een den Terrain méi dovunner notzen. Dat gëtt zum Beispill vu 70% op 85 % eropgesat. D'Reculle ginn dann erofgesat. Also den Ofstand, deen ech muss anhalen zu der Parzell. An et gi verschidde Virgaben, déi et zum Beispill gouf, fir déi technesch Etagen, ginn ugepasst. Am Fong d'Harmoniséierung zwëschent deene verschiddenen Zonen zu Diddeleng mat deene verschiddenen Zonen zu Beetebuerg, mat dann dem Nouveau Quartier, also deem PAP, deen et dann op deenen zwou Gemenge gëtt.

Gläichzäiteg gëtt awer och festgehalen, dass eeben, also op der Säit vun Diddeleng gëtt elo eropgesat, dass net 10 %, mee 15 % vun der Fläch musse begréngt ginn. An eeben och fir déi Begréngung, déi gemaach gëtt, also déi Plantatiounen, ginn eebe Qualitéitskrittäre virgeschriwwen. Zum Beispill d'Gréisst vun der Planzgrouf, wou se dra stounge respektiv och d'Qualitéit vun de Plantatiounen, déi gemaach ginn. An um Niveau vum PAP Quartier Existant gëtt dann och nach déi Méiglechkeet agefouert, dass een eebe kann och Parkplaze regruppéieren, sou wéi dat dann eeben am Nouveau Quartier och virgesinn ass. An deenen aneren Zonen, dat do waren elo d'Ännerunge vun der nationaler Aktivitéitszon, an deenen aneren Zonen, elo bei Iech um Territoire, also an der kommunaler Zon Typ 2 respektiv an der kommunaler Zon Typ 1 ginn dann déi selwecht Formuléierungen opgeholl, fir einfach, dass do och eng eenheetlech Reglementatioun ass. Ech mengen ech ginn elo net méi op all eenzelne Punkt dovunner an.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci nach fir déi dote Prezisioun. Do wäert souwisou de Gemengerot nach eng Kéier domadder befaasst ginn, wann effektiv d'Modifikatioun vum PAP duerch seng Prozedur gelaf ass, kënnt se jo automatesch och hei an de Gemengerot. Dir hutt elo hei d'Ausféierungen héieren, wat virun allem d'Modificatioun ponctuelle, d’Modifikatioun vum PAG ugeet a voilà, elo ass d'Diskussioun op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, merci, et muss jo een eppes soen hei. Jo, also dat ass eng ganz flott Saach, dat doten. Mir ginn do an eng ganz nei Zukunft eran. Et gesäit ee schonn, an där Zäit wou déi Zonen do gemaach gi sinn, do ware verschidde Krittäre guer net esou wichteg. An déi ginn elo duerch ëmweltlech an urbanistesch Krittären ëmmer méi wichteg. An et ass gutt, dass hei a groussem Mooss, kann ee soen, dorop reagéiert gëtt. A speziell fannen ech et interessant, dass déi Zuchlinn nach bäibehale gëtt, well déi awer och fir d'Betriber e wichtegen Uschloss ass. A wat mir vun der CSV extra begréissen, dat ass, dass et elo déi Méiglechkeet och gëtt vun der Afaart a vun der Ausfaart Richtung Näerzenger Strooss, wou mer ëmmer gesot hunn, dat wier dach eng Méiglechkeet, fir d'N31 ze entlaaschten an dass een do och méi séier dann op den Echangeur Keel kéim. Dat ass eppes, wat mer ausdrécklech begréissen, wat mer och ëmmer gefuerdert hunn. Fir de Rescht si mer hei natierlech komplett d'accord mat deenen Ännerungen an hoffen, dass dat och alles esou kann ëmgesat ginn, wéi et elo geplangt ass. Merci

MARC MEYER (DP): Jo, merci, fir d'Wuert. Just ganz kuerz, ech hätt nämlech nach eng Fro. Mir hunn hei eng Industriezon vu ronn 120 Hektar, déi ëm 17 Hektar soll vergréissert ginn op Beetebuerger Säit, wann ech dat richteg gesinn hunn. An ech hu just d'Fro, ob och scho gekuckt ginn ass op der Diddelenger Säit, wat eventuell an Zukunft eng Kéier nach vun Terrainen do kéint an déi Industriezon integréiert ginn? Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Merci och fir déi flott Presentatioun. An och merci fir dës Initiativ, well et ass scho wéi Dir sot, eis Industriezonen, mir hunn der net genuch, mir hunn net genuch Surfacen. An dës Modifikatioun ass net nëmmen noutwendeg, mee déi ass och urgent. D'Verdichtung vun enger wirtschaftlecher Aktivitéitszon erméiglecht et natierlech, méi effikass mat manner Fläch ëmzegoen, d'urbanistesch Effizienz ze verbesseren, d’wirtschaftlech Entwécklung ze ënnerstëtzen an den Ëmweltimpakt ze limitéieren. Dozou kommen ech nach eng Kéier kuerz ze schwätzen. Eng dicht Zone d'activités ka méi Entreprisen ophuelen, dat huet och schonn

den Här Buergermeeschter gesot, Innovatioun duerch geografesch Noperschafte fuerderen, de sougenannte Clustereffekt an natierlech och lokal Aarbechtsplaze schafen an dynamiséieren. Mee mir mussen och drop oppassen, datt alles och gutt an intelligent ëmgesat gëtt. Ech schwätzen hei natierlech vun der Mobilitéit. Douce Mobilitéit, de Siloparking ass wierklech eng optimal Léisung. De Mobility Management ass natierlech och e ganz gudden Aspekt, deen hei betruecht gëtt. Mee och d'Gestioun vum Waasser, d'Gestioun vum Offall mussen hei kohärent a mat enger Zukunftsvisioun natierlech ëmgesat ginn. Mee och Gréngflächen, déi sougenannt Traverse verten, d’Rames verten an eng héich architektonesch Qualitéit mussen dëse Site begleeden. Mir hunn och den ekologeschen Aspekt, deen och schonn e puermol ugeschwat ginn ass, dat wëlle mer begréissen.

Dat wat riskéiert, wa mer natierlech dat Ganzt net richteg ëmsetzen, ass Verkéiersiwwerlaaschtung, Notzungskonflikter oder eng Verschlechterung vun den Aarbechtskonditiounen an Aarbechtsëmfeld. Ech hu mer erlaabt, de PDAT eng Kéier ze kucken, well de PDAT seet jo “le zéro artificialisation net”. An do hu mer jo d'Zil, fir dat Ganzt ze reduzéieren. Dat heescht, haut si mer ongeféier bei engem Verbrauch vum Terrain pro Dag hei zu Lëtzebuerg vun 0,5 Hektar pro Dag, wéi gesot, a mir wëllen a Richtung 0,25, dat heescht d'Hallschent, bis zum Joer 2035 kommen. En vue natierlech mat enger Zéro artificialisation bis 2050. Natierlech si mer hei an engem Kontext, wou mer schonn an engem Existant sinn. An dofir wëlle mer ausféierlech begréissen, datt de CUS eropgesat gëtt vun 63 % op ganzer 85 %. Mir reamenagéieren am Fong eng Plaz, amplaz déi gréng Wiss unzeknabberen. Déi Harmoniséierung vun de PAGen, PAP Quartier Existant mat an der Gemeng Beetebuerg, ass natierlech hei noutwendeg, vu datt mer eis den Terrain mat hinnen deelen.

Den neien Artikel 20, wat d'Parkplaze flexibiliséiert, souzesoen dem Besoin ugepasst gëtt, ass natierlech immens gutt. A vu datt Naturschutz a Klimawandel bei de Zone industriellen net ophalen, kéinte mir hei eng schéi Plus-value kréien, andeems mer qualitativ uplanzen. De wirtschaftleche Wuesstum, dat wëll ech awer kuerz betounen, baséiert allgemeng op enger gesonder Biodiversitéit. Déi gréng Bediechung ass e ganz flott Element, an och bal noutwendeg hei, an et muss een awer och soen, déi geet och Hand an Hand mat enger Photovoltaiksinstallatioun. Ech hu mer natierlech déi zwee PAPen, Beetebuerg, Diddeleng, wierklech ënnert d'Lupp geholl, fir ze kucken ob mer do konform sinn. Also mir sinn och zu engem ganz groussen Deel konform.

Mir haten awer eng Suerg oder eng Fro, justement bei dem Artikel vum, zu Beetebuerg heescht et “Aménagement extérieur” a bei eis heescht et “Surface libre”. Et ass wierklech eent zu eent alles. Also de Prozentsaz ass d'selwecht definéiert, d'Breet ass d'selwecht definéiert. Par contre, dat wat eis e bësse stutzeg mécht, ass Beetebuerg, a vu que dat si méi wäit si wéi mir, hu mer eis gefrot, firwat mer dat wierklech eent zu eent net iwwerholl hunn, dat wat si hunn, ass Plantes indigènes, a si schwätze wierklech e puermol vu Plantes indigènes an Essences feuillues indigènes, a si schwätze vun drësseg Arbusten indigènes. Dat ass wierklech alles immens wichteg fir eis Biodiversitéit. Dat wat mir an eise Modifikatioune stoen hunn, ass och ganz interessant. Mir schwätzen u sech vun enger stationnell, net invasiv a stationnell. Dat definéiert natierlech “une variété non-invasive stationnelle”, pardon. Dat ass natierlech och eng interessant Definitioun.

Mee dat wat mer eis froen, ass se och och wierklech déi richteg, ass dat déi richteg Terminologie fir eis lokal Biodiversitéit ze stäerken, souzesoen? Well Beien a Mécke fléien awer och op déi Plazen an et ass net esou, datt si net an d'Zone économiquen erafléien. An erëm vum urbanistesche Punkt hir gesinn, d'Industriezone gi vill besser akzeptéiert, wa se méi gréng an doduercher méi convivial sinn. A mir stäerken doduerch natierlech och de Bien-être vun de Leit, déi do schaffen an einfach de Facteur humain ass do e ganz wichtegt Element. Well bis elo, ech weess net wéi Är Visioun ass vun enger Zone industrielle, mee fir mech war dat bis elo ëmmer esou gro, Makadamm, iwwerall versigelt. An hei, wéi ech scho virdru gesot hunn, hate mer wierklech eng schéi Plus-value, fir dat ganz aneschters ze gestalten an eng ganz nei Visioun vun deem Ganzen ze kréien.

Dofir hate mer iwwerluecht, ech sinn e bëssi an engem Brainstorming souzesoen, ob mer dat sollen direkt matstëmmen oder ob et méiglech wier, vläicht Modifikatiounen nach ze maachen oder nodréiglech ze maachen. Well mir wëllen eis einfach sécher sinn, datt herno wierklech déi indigène Planze benotzt ginn, well Thuja a Palme sinn och non-invasiv, wéi mer dat definéieren, mee déi bréngen eiser Biodiversitéit an deem Sënn net vill. Da just nach en anere Punkt. “Pour les chemins d'accès et autres aires de circulation, les surfaces imperméabilisées sont à réduire au minimum”. Ech fannen „Minimum“ ass et e flott Wuert, mee trotzdeem ass dat keng Referenz. Hu mer do e Prozentsaz, hu mer do eng Surface? Dat wier eng Fro, déi mer nach haten.

A fir de Buedem, wa mer planzen, ass et jo wichteg, mee et ass warscheinlech och virgesinn, datt déi Planzen u sech, wa se bis wuessen, virun allem d’Beem, mir wësse jo, dass d’Wuerzelen der Kroun entspriechen. An et ass wichteg, datt mer déi Infrastrukturen, déi do am Buedem sinn, eeben engersäits net futti maachen an anerersäits déi kënnen och d'Beem futti maachen, ob mer do schonn och Saachen, esouzesoe lo schonn an d'Iwwerleeung sinn, fir do esou ze planzen, datt et eeben net dozou kënnt an datt mer missten all zwee Joer Beem nei ersetzen?

Just nach eng Fro zu de Feux tricolores um Rond-point. Hu mer do schonn déi néideg Infrastrukturen am Buedem leien oder kënnt do eng gréisser Baustell op eis duer, fir iwwerall Luuchten dran ze bauen? Voilà. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll och hei Merci soe fir dës Presentatioun. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Decisioun, déi mer haut hei ze huelen hunn, ass méi wéi nëmmen eng technesch Upassung vum PAG. Hei geet et ëm d'Densifikatioun, also d'Verdichte vum Wolser B. Hei gëtt eng politesch Entschee-

dung geholl, déi weist, wéi d'Gemeng Diddeleng d'Aktivitéitszonen un déi aktuell wirtschaftlech Besoinen upasse wëll. “Optimiser les usages sur sols artificialisés à générer plus d'emplois à surface égale”. Domat gëtt de Staat kloer Richtlinne fir d'Notzung vun deene scho besteeënde Flächen ze optimiséieren. A genee an dësem Geescht beweege mir eis mat der virleiender Modification ponctuelle vum PAG. Mir wëllen eng allgemeng an optimiséiert Verdichtung vun den nationalen Aktivitéitszonen erreechen. Dat ass net nëmmen eng urbanistesch Fro, mee eng Fro vun Effizienz, vun Zukunftsfäegkeet an och vun ekonomescher Vernonft. Fir de Wolser B eng kohärent an zukunftsorientéiert Entwécklung ze garantéieren, ass et och wichteg, datt d'Reglementer vun eisen zwou Gemengen Diddeleng a Beetebuerg op eng eenheetlech Manéier harmoniséiert ginn.

Méi Aktivitéit heescht awer och méi Verkéier, an dofir begréisse mir och, datt d'Mobilitéit heimat gekuckt gëtt, well et ass wichteg, datt do och Upassunge gemaach ginn, wann do méi Betrib ass. D'Analys vum Ministère de l 'Environnement du Climat et de la Biodiversité weist kloer, datt dës Upassung kee signifikativen Impakt op d'Ëmwelt huet. Mir schwätzen hei also net vun enger Erweiderung op Käschte vun der Natur, mee vun enger besserer Notzung vun deem wat schonn do ass. Mat dëser Verdichtung stäerke mir d'Wirtschaft, mir erhéijen d'Attraktivitéit vun eiser Aktivitéitszon a mir maachen dat ouni weider Flächen ze versigelen. Mir stëmmen haut net iwwer de Bëton of, mir stëmmen iwwer Effizienz, Kohärenz an iwwer eng wirtschaftlech Entwécklung, déi am Aklang mat de Prinzippien an der Nohaltegkeet steet. D'LSAP wäert dës Modification ponctuelle matdroen, well si am Sënn vun enger moderner, realistescher an nohalteger Entwécklung vun eiser Gemeng ass. Ech soen Iech Merci.

FABIEN NIMAX, MINISTÈRE DE L'ECONOMIE: Jo, wéi gesot, also allze vill konkreet kënne mer am Moment elo net soen iwwert zousätzlech Flächen am Raum, mee wat ech awer ka soen, dat ass, dass eng zweet Modifikatioun vum Plan sectoriel iwwert d'Aktivitéitszonen an der Preparatioun ass. An do sinn eng ganz Rei vu Flächen natierlech, déi mer um Territoire analyséieren an natierlech och am Süden an och an där heiter Regioun. Mee, wéi gesot, et ass nach keng politesch Decisioun à ce stade geholl ginn, wéi eng Flächen elo zréckbehale ginn, fir da weider verdéift ënnersicht ze ginn um Niveau vun enger strateegescher Ëmweltprüfung. Mee, wéi gesot, ech kann awer just confirméieren, dass och Flächen hei am Raum an natierlech och am Süden am Pool sinn. Voilà.

LEX FABER, ZEYEN + BAUMANN: Da vläicht zu de Froen, déi elo zum PAP waren. Also mir diskutéieren, de PAP gëtt jo haut net ofgestëmmt, deen hate mer elo aus Transparenz gewisen. Ech wéilt awer elo inhaltlech kuerz drop agoen, beim Typ vun de Planzen, ouni do elo e Virtrag dozou ze halen. Den éischte wichtege Choix, ass dee vun de Conditions stationnelles an do ass et eebe wichteg, dass déi sech wäerten änneren am Kader vum Klimawandel an dass hei d'Conditions stationnelles och elo net déi si vun enger oppener Landschaft, mee vun enger Industriezon, déi dicht bebaut ass. An do ass et eebe leider esou, dass indigène Planzen net forcement déi bescht gëeegent sinn. Mee an deenen, déi adapté aux conditions stationnelles sinn, gëtt et natierlech och indigène Planzen. Herno d'Roll vun der Biodiversitéit ass wichteg, mee et muss een, denken ech, och aner Krittäre kucken, sief et elo den Impakt op d'Loftqualitéit respektiv einfach Planzen eraussichen, déi och an deene Konditioune kënnen iwwerliewen an esou weider, ouni do, wéi gesot, elo e ganzen Discours dozou ze maachen.

A par rapport zu der Harmoniséierung mat Beetebuerg ass et effektiv esou, dee Quartier Existant ass an der Prozedur an et gouf eeben och elo en Echange am Kader vun där Prozedur. Eebe wat sinn do nach Ännerungen, déi wäerten dru gemaach ginn? A mir sinn de Moment gudder Déng, loosse mer soen, dass dat wat dann och zu Beetebuerg wäert aus der Prozedur erauskommen an dat wat zu Diddeleng wäert aus der Prozedur erauskommen, da wäert am beschte Fall plus ou moins perfekt beienee passen. Dat ass den Defi, loosse mer soen, dee mer hunn, och vu dass si schonn an der Prozedur sinn a sech do awer verschidde Formuléierunge, gegeebenefalls, och nach wäerten am Kader vun der Prozedur upassen. Dat ass e bëssen den Challenge, deen een op verschiddenen Niveauen hei muss spillen. An dann zu de Feux tricolores. Ech weess elo net, ob do elo ee kompetent ass.

FABIEN NIMAX, MINISTÈRE DE L'ECONOMIE: Pardon, laut eisen Informatioun, wa mer elo vu Bierenger Echangeur schwätzen, do läit anscheinend schonn alles am Buedem, fir se kënnen ze installéieren. Also kee gréissere Chantier do ze erwaarden.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da soen ech dem Här Nimax an dem Här Faber och nach Merci fir déi dote Prezisiounen an och Äntwerte ronderëm de PAP. Do wäerte mer nach eng Kéier separat hei am Gemengerot diskutéieren. Haut geet et virun allem ëm d'Modifikatioun vum PAG. An effektiv ass et wichteg, an dat hate mer jo och ugangs an an der Presentatioun och gesot, dass eng weider Ofstëmmung eebe mat der Beetebuerger Gemeng wichteg ass, well mer hei am Wolser B Terrainen hunn, déi souwuel op Diddelenger Säit sinn, wéi awer och op Beetebuerger Säit, an Terrainen, déi eeben à cheval tëschent deenen zwou Gemenge sinn.

An dofir mengen ech, wéi an der Vergaangenheet, eng Ofstëmmung, wéi gesot, ëmmer wichteg am Echange tëschent deenen zwou Gemengen, zesummen och mat de Planer an och mam Wirtschaftsministère. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwer ginn. Wien ass hei mat der Modifikatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An och eisen Intervenanten Merci fir hir Presenz an och hir Erklärungen.



# 4. Finanzen

### 4.1. Presentatioun an Diskussioun vum Plan Pluriannuel de Financement fir d'Joren 2027-2029

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Do ass den éischte Punkt, deen hei an der Diskussioun ass, dat ass de PPF, de Plan Pluriannuel de Financement, dee fir d'Jore 2027, 2028, 2029 effektiv hei an Aussiicht gestallt gëtt. Et sinn also am Fong dräi Budgetsjoren, déi hei presentéiert ginn. De PPF gëtt jo initial klassesch am Februar hei presentéiert. Mir hu jo eng Mise à jour, déi normalerweis jo laut Gesetz am Juli gemaach gëtt. A voilà, de PPF hei ass e bëssen och de Parallelismus zum Plan Pluriannel de financement vum Staat, respektiv de Staatsbudget. Voilà, dat um europäesche Plang fir de Pacte de stabilité de croissance. Mir hätten e Méinden, dat wësst Der, Finanzkommissioun, de Rapport ass och verschéckt ginn. An och, voilà, an dësem Kontext dem Pascal Poull Merci fir d'Opstellung hei vum PPF.

Ech wëll hei preziséieren, dass jo dann, dat wësst Der och, de PPF, dee fält ënner d'Responsabilitéit vum Schäfferot. A säit 2013 hu mer jo hei déi Geflogenheet, dass mer dat awer am Gemengerot hei virstellen, fir dat natierlech och kënnen ze diskutéieren. An net, wéi d'Gesetz et virgesäit, et just bei enger Informatioun, respektiv Kommunikatioun ze beloossen. Mir ginn also do méi wäit, an ech mengen et ass net onwichteg, fir deementspriechend awer och dem Gemengerot en Aperçu ze gi generell, wat nieft de Projeten, déi mer schonn hei am Gemengerot jo gestëmmt hunn, déi sinn, déi an den nächsten 3 Joer um Agenda respektiv an der Pipeline sinn a wou dann och de Gemengerot domadder befaasst ka ginn. Dat ass och e bëssen d'Marschroute.
Ech wëll och nach soen, dass en Deel vun den Zuelen, déi natierlech hei am PPF stinn, an och de PPF generell, preziséieren, dass dat Estimatioune sinn, déi soll een och en tant que tel esou gesinn an och consideréieren. Et sinn engersäits Devis votéën an awer och engagéiert Montanten, also mat de Projets votés, mee awer och Projets non-votés. Dat sinn also keng definitiv arrêtéiert Zuelen. Dat muss ee sech ëmmer virun Aen halen.

Och bei der subsequenter Ëmsetzung ginn et sécherlech Ënnerscheeder an och Verschibungen ëmmer erëm. Mee de PPF huet de Merite, quitte dass en zimmlech onflexibel ass, gëtt en awer eng gewësse Planungssiicht, all Kéiers Joren N. Dat heescht 2026 N+3. Den Ausgangspunkt ass d'Circulaire vum 23. Oktober. An do gesäit een bei de staatlechen Dotatiounen, beim Fonds de dotation globale des communes a beim ICC ass eng liicht an eng konstant Hausse. Dat ass positiv. National gesäit ee beim FDGC ass eng Moyenne vu 5 % a beim ICC eng Moyenne vun 3 %. Wann een déi lescht Zuele kuckt, Dezember vum Staatsbudget vum Joer 2025, da gouf generell fir d'Gewerbesteier méi eragespullt wéi virgesinn. Bon, dat ass natierlech och fir d'Gemenge positiv, fir de Gemengesecteur, well dat natierlech dann och säi Laf hëlt och an eisen, generell an déi nächst Circulaire, déi kënnt bei der Mise à jour respektiv dann awer och fir d'Diddelenger Gemeng, wärend op där anerer Säit d'TVA stabel ass.

Bei där aktueller Presentatioun, dat wësst Der och, do läit de Kont vum Joer 2025 net vir. Dat wäert jo éischter dann Abrëll, Abrëll/Mee ginn. Da gëtt erëm eng aner Beliichtung op déi aktuell, dofir ass et den initiale PPF, am Juli, bei der Mise à jour, läit de Kont, wéi gesot, vir. Dat wäert da sécherlech nach eng Kéier e ganz anert Bild ginn op d'Joer 2025 an och déi Joren duerno. Dofir hunn ech net fir näischt gesot, dass déi Zuelen, déi mer hei hunn, dat sinn eeben halt Estimatiounen. Wa mer hei awer e bësse méi antauchen an d'Zuelen, wat de PPF eeben ugeet, vum Joer 2027, 2028, 2029, dann hu mer beim Fonds de dotation globale des communes fir d'Joer 2027 105,9 Milliounen, 112 Millioune fir d'Joer 2028 an 118 Millioune fir d'Joer 2029. Bei der Gewerbesteier 2,8 Millioune fir d'Joer 2027, 2,9 fir 2028 an 3 Millioune fir d'Joer 2029. A beim Impôt foncier 1,1 fir d'Joer 2027, 1,2 fir d'Joer 2028 an 1,2 fir d'Joer 2029.

Dir gesitt och, dass mer hei och an eisem PPF net un eis Reserv ginn, un d'Gemengereserv, déi bleift stoen. Dann, bei den Dépenses ordinaires, beim Personal, déi Haussen, dat ass virun allem déi normal Karriären, déi weiderlafen. D'Biennale respektiv awer och den Index, deen ufält, do hale mer eis ganz kloer un d'Circulaire. An dann d'autres Dépenses ordinaires, dat sinn d'Frais de fonctionnement.
D'Dépenses financières, dat sinn d'Annuitéiten, 8,3, 10,3 an 12 ,5 Milliounen. Dat sinn déi theoreetesch Annuitéiten en lien mat deenen theoreeteschen Emprunten, déi mer ageschriwwen hunn. Wéi gesot, dat sinn nach ëmmer Estimatiounen, soudass mer am Ordinaire e Boni maache fir d'Joer 2027 vun 5,1. 4,7 fir d'Joer 2028 a 4,5 fir d'Joer 2029. Dat ass de Resultat ordinaire, deen een hei deementspriechend huet.

Wa mer op den Extraordinaire eriwwer ginn, do hu mer, en Invest fir d'Joer 2027 vu 65, ronn 65,4 Milliounen Euro. Fir d'Joer 2028 63,2 a fir d'Joer 2029 33,2. An ech wäert herno op d'Projeten agoen. Prioritéit huet virun allem Logement abordable, also erschwéngleche Wunnraum, wou mer als Gemeng Bauhär sinn, Schoul- a Kannerbetreiung, Infrastrukturen, Sport- a Stroossebau. Dat sinn déi véier Prioritéiten, déi een hei am PPF erëmfënnt. Also alles Projete fir déi aktuell an zukünfteg Generatiounen, wou mer dann och probéieren, modern a funktionell Infrastrukturen ze hunn. Deelweis Renovatiounen. Deelweis awer och Neibau. Also béides sinn deementspriechend och néideg. An och bei deenen dote Projeten, bei deene 4 Prioritéiten och kucken, dass mer déi néideg Recetten och deementspriechend kréien. Fir d'Joer 2027 viraussiichtlech 57,4. 58,3 fir d'Joer 2028. An 28,7 fir d'Joer 2029.

Bei den Emprunten, dat gesäit een och am Rapport, géife mer, wa mer se esou géifen zéien, wéi gesot, d'Estimatiounen 91,7 iwwert dräi Joer. Mir wëssen natierlech, dass dës Montanten ännere kënnen. Dat hu mer och all déi Jore gesinn, wou mer de PPF opgestallt hunn, dass déi Montanten, déi mer ageschriwwen hunn, herno anerer ware wéi déi, wou mer schlussendlech an deene jeeweilege Budgeten och haten. An natierlech dann och kucken, bon, reng theoreetesch de Moment bei engem Ratio vu 6,9 leien. A mir wësse jo, dass bei 20 % déi rout Luuchten uginn. Dat heescht och do effektiv en Aen op d'Finanzsituatioun halen.

Staatlech Subsiden. Och do natierlech kucken, an dat läit jo och bei de Prioritéiten, déi mer eis ginn hunn, dass mer, dat hu mer och beim viregte Projet gesinn, beim Eescherdall, dass mer esou no wéi méiglech un déi maximal Subside kommen. 75 % beim Logement. Bei de Schoule kann et bis zu 70 % goen, awer och deelweis gedeckelt op de Schoulklassen. Do gouf et jo och en neie Rechnungsmodus elo am Inneministère, och bei den ëffentleche Plazen, 45 %. Mir wëssen natierlech klassesch Stroossebau, do gëtt et ganz wéineg Subsid, obwuel deen och ëmmer néideg ass, awer och an de Stroossebau ze maachen. Well och dat déit zu der Liewensqualitéit an de Quartieren och an Diddeleng bäi. Also, wéi gesot, ëmmer eng gewësse Virsiicht och walte loossen an de Projeten. An ech ginn elo op déi verschidden oder eenzel Projeten an. Bei de Projets votés, mengen ech den Ënnerscheed gëtt ëmmer gemaach zwëschent Projets votés, Projets non-votés. Bei de Projets votés, dat wësstDer, dat ware Projeten, déi schonn am Gemengerot waren, déi mer gestëmmt hunn, déi sech iwwer zwee, dräi Budgetsjoer zéien. An d'Projets non-votés, dat sinn der déi dann eréischt dëst Joer wäerten um Ordre du jour stoen, respektiv dann déi nächst Joren.

Dofir géif ech vläicht op déi Punkten agoe vun de Projets votés, déi mer schonn am Gemengerot haten, déi sech awer iwwer zwee, dräi Budgetsjoer zéien an déi Projets non-votés. Ech mengen Dir wësst, d'lescht Joer hate mer den neie Bau ronderëm d'Balzenger Schoul. Mir haten och kierzlech déi nei Crèche PAP a Bëllech. D'Déierenasyl, d'Logementer an der Rue Nic Bodry, déi dëst Joer fäerdeggestallt ginn. D'Logementer an der Fontainestrooss, déi hu mer ënnert d'Projets votés gesat, well mer jo schonn en Acte notarié haten, quitte dass de Projet normalerweis am Mäerz wäert hei virgestallt ginn, dat heescht schonn eng Preview, da wësst Der wat am Mäerz op de Gemengerot wäert kommen, mee well mir dat eeben hei esou verbucht hunn, well mer jo schonn d'Haus en tant que tel kaaft hunn.

Dann Lëtzebuerger Strooss, Logement abordable Rue des Champs, VEFA-Projet. Eecherdall, wou mer virdru gestëmmt hunn. 71, Rue de la Paix, och Logement abordable, alles wou mer gestëmmt hunn. Dann d'Renovatioun vun der St. Martins-Kierch. De Projet, den dee mer gestëmmt hunn, ass den Nossbam, virun allem d'Gradinen. Dann nei Gemengenatelieren, déi éischt Phas, déi och fäerdeggestallt ass, déi och deemnächst wäert virun der Summervakanz kënnen ageweit ginn. Wou och scho Servicer eriwwergeplënnert sinn. Strutzbierg C, d'Schwämm an de Gymnase, déi säit engem Joer, wéi gesot, och scho genotzt ginn. Dann d'Projeten, déi amgaange sinn, ronderëm d'Indoorhal vum CAD an den Tennis um John F. Kennedy Stadion. An dann eeben déi Photovoltaik-Panneauen um Centre Sportif René Hartmann. Alles dat, wéi gesot, Projeten, déi am Gemengerot bekannt sinn, well mer hei se scho gestëmmt hunn. Dann d'Projeten, déi budgetiséiert sinn, mee déi nach net gestëmmt goufen, eeben de Chemin mixte an der Mayrisch de St. Hubert. Dann Bassin de Rétention, effektiv och do Infrastrukturaarbechten, also Rue Thiel, Dupong a Schumacher. Bon, am Kader vum Projet NeiSchmelz, d'Route de Thionville, déi nei dobäikomm ass, och do musse mer dru goen, notamment un den Déifbau, déi ganz Kanalisatiounsaarbechten, d'Conduite d'eauë ronderëm NeiSchmelz, Retentiounsbecken zu Biereng, dann d'Gymnichplaz, nodeems d'Butschebuergerstrooss fäerdeg ass, Zon 30 an der Gafelt.

Stroossebau, hat ech virdru gesot, Foxenhiel, Lenkeschléi, Rue Ry Boissaux. Dann awer och d'Plaz vun der Bierenger Kiermes connex mam Projet vum Fonds du Logement. Dann natierlech och mat NeiSchmelz verbonnen d'Rue du Centenaire, d'Rue Karl Marx, Spillplazen an der Suebelkaul, an dann de Reamenagement vum Schoulhaff a Brill. A wéi gesot, och weider an de Schoulen, d'Gafelt, do hu mer verschidde Schoulsäll, déi mer musse konform setzen. Dat ass nach deen alen Deel. An der Briller Schoul, hat ech vergiess ze soen, do musse mer och nach, dat hat mer jo schonn eng Kéier ugeschwat am Kader vum Budget, eng nei Bibliothéik an eng Salle d'appui. D'Butschebuerger Schoul och d'Extensioun vun der Maison relais, deelweis och vun der Schoul. An dann d'Projeten, déi komme wäerten am Kader vum PAP a Bëllech, wou mer eis Engagement ginn hunn, abordabele Wunnraum eis och do anzekafen, respektiv och am PAP Citroën. Mee bon, do läit d'Convention d'exécution nach net vir. Mee och do, mengen ech, hu mer eis jo hei d'Wuert ginn, wéi mer de PAP gestëmmt hunn, dass mer och do abordabele Wunnraum, wéi gesot, wäerten och huelen. D'PMR-Gesetz bréngt och mat sech, dass mer, an dat ass eng Obligatioun, dass mer eng Rei Mise en conformitéë musse maachen.

An dann natierlech och e Projet nieft de Gradinen um Nosbam. Och, wéi gesot, d'Vestiären an d'Buvette, déi musse fréschgemaach ginn. Wéi gesot, alles dat si Projeten déi komme wäerten. Wichteg ass a bleift hei, mengen ech, och, wéi ech virdru gesot hunn, bei Renovatiounen, Neibauten, Responsabilitéit ze iwwerhuelen och, an dat ass net aneschters wéi och am Budget 2026, antizyklesch ze handelen. Bon, déi Invester, déi mer hei och elo tätegen an och tätege wëllen, kommen natierlech klengen a mëttelstännege Lëtzebuerger Betriber zegutt. Duerch déi Opträg bleiwen natierlech och Aarbechtsplazen erhalen an och Projeten erhalen. An ech mengen och dat ass wichteg am Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg an och fir déi lokal a regional an national Ekonomie. Mee natierlech bleift grad esou wichteg d'Finanzsituatioun kloer am Aen ze halen. Deelweis och Projeten ze revidéieren. Dat hu mer zum Beispill gemaach mam Eecherdall, wou mer effektiv de Projet ëm gutt 50 % erof, méi wéi 50 % erofgesat hunn, par rapport zu deem wat initial geplangt war.

Oder awer och eng Annulatioun emol ze maache vun Ausschreiwungen. Dat hu mer gemaach bei de Gradine vum F91, wou mer elo eng zweet Ausschreiwung och gemaach hunn, wou mer och d'staatlech Soumissiounskommissioun, wéi gesot, saiséiert hunn, fir deementspriechend dann och ze analyséieren an ze annuléieren, well bei der Soumissioun effektiv ëm déi 55 % de Projet méi deier war. Also ech mengen och dat sinn eng Rei Elementer. Also, wéi gesot, wat och wichteg ass, wat ech virdru gesot, dass Projete systematesch sou no wéi méiglech un de maximale Subsidentaux gesat ginn. Dat ass eng wichteg Viraarbecht och vun eise Servicer, wou dann och méi laang Zäit brauch. Dat hu mer och, wéi gesot, beim Eecherdall, wou mer awer bis bal un déi 75 % kommen, respektiv awer och bei deenen anere Projete vun anere Ministèren, dass mer do esou vill wéi méiglech, wat d'Subside betrëfft, aus dem vollen och deementspriechend schöpfe kënnen.

Dat sinn déi Stellschrauwen, déi ee ka mol méi, mol manner beaflossen. Dat sinn e puer Elementer, déi spillen. A virun allem awer ganz kloer och déi Projeten, déi mer eis hei ginn, dat si virun allem Projeten, déi funktionell ausgeluecht sinn. Dat sinn, wéi gesot, keng Prunkbauten. Notamment wat effektiv dann déi Invester sinn, déi mer tätegen, mengen ech, pragmatesch an och deementspriechend funktionell ausgeriicht. Dat, mengen ech, generell den Abléck an d'Ausriichtung vum PPF fir déi nächst dräi Joren. Dëst gesot, mengen ech, hunn ech hei probéiert, en Abléck ze ginn. An elo ass d'Diskussioun, wéi gesot, op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och nach eng Kéier, déi net selbstverständlech Procédure, déi vun dem Schäfferot ëmmer agehale gëtt, dass mer och diskutéieren iwwert de PPF, wéi Der sot, dat ass net an all Gemeng de Fall. An doriwwer si mer och ganz frou. An och iwwert déi Virbereedung op dës Diskussioun an eiser Finanzkommissioun, dass mer do d'Ënnerlage gutt scho mat Zäite kréien. A virun allem och, dass den Här Pascal Poull a seng Leit sech do déi Aarbecht maachen, dat och akribesch ze preparéieren an eis awer och virzestellen. Also wéi gesot, dofir och Merci, dass mer haut kënnen do iwwert de PPF diskutéieren. Jo, wann een duerch de PPF geet, also roseg ass eppes aneschters, well, wéi gesot, ech mengen et huet een et och elo héieren aus Ären Ausféierungen, et muss ee spueren, et ass net méi esou evident, mer kënnen net alles esou duerchwénken. Mir hunn dat elo erëm gesinn, Dir hutt et gesot gehat am Projet Eescherdall, dass een och mol eng Kéier muss de roude Bic usetzen, dat ass och eppes wat mir als CSV jo och ëmmer soen, et kann een net ëmmer einfach esou nicken a soen, et ass da gutt dann. Neen, da muss een effektiv och mol kucken, wou kënne mer aspueren.

Well, wann ech kucken, momentan hu mer eng Schold, dat muss ee jo awer och roueg nach eng Kéier soen, vun 90,5 Milliounen. Mir bezuelen elo momentan 7,1 Milliounen Annuitéiten. An Dir hutt et gesot gehat, wa mer elo alleguerten déi Prêten huelen, déi virgesi sinn am PPF bis 2029, da kommen do awer nach eng Kéier 118 Millioune Scholden dobäi. An dat ass jo awer eppes wat schwiereg wäert sinn, well dann, wann een da kuckt, wéi eis Annuitéiten da wäerte sinn, déi kommen dann, laut deem wat hei ausgerechent ass, hu mer 12,5 Milliounen 2029, wa mer d'Subsiden all mussen zéien, musse mer déi bezuelen. Déi 12,5 Milliounen, déi sinn da fort, wa mer kucken, d'Dotatiounen, d'Recette ordinären, déi si bei 181 Milliounen, a wann dann 12,5 Millioune scho fort sinn, ouni dass mer déi kënnen an de Grapp huelen, dat heescht, déi ginn einfach fort op eis Schold, dat ass scho bedenklech. An och déi Steigerung vun de Scholden iwwert déi lescht Joren, ech hunn et och schonn an der Budgetsdiskussioun gesot gehat am Dezember, dat ass awer eppes wat eis sauer opstéisst. Ech mengen awer, wann ech aus dem, de Wierder vum Här Buergermeeschter héieren, hinnen och, voilà. A musse mer da kucken, dass mer iergendwéi d'Enner zesumme kréien.

Wat eis och e bëssen ze bedenke gëtt, am Dezember krute mer gesot, ma firwat musse mer déi Emprunten ëmmer huelen. An do huet et geheescht, majo éischtens emol fir déi votéiert Projeten ze finanzéieren, Stroossebau, Butschebuerg, Schoul, Balzeng, Mise en Conformitéen an esou weider. Dat ass och esou geduecht, dass déi Scholden, déi mer maachen, och fir déi verschidde Projeten, déi scho votéiert sinn, virun allem fir déi dann ze bezuelen. An, wat mir ëmmer monéieren, dat ass da virun allem déi Deierecht vun deene verschiddene Projeten, déi dann och einfach op eng Kéier esou, wéi mer da virgestallt kréien, ech soen et nach eng Kéier, vum Déierenasyl, eng Hausse vun engem Vott, dee mer 2021 geholl hunn, fir en Déierenasyl ze bauen, vu sechs Milliounen an 2023 war awer du schonn eng nei Ausschreiwung gemaach ginn. An do si mer op 7,1 Milliounen huet sech deen zweete Projet dunn erausgestallt, déi zweet Soumissioun, an herno krute mir jo d'lescht Joer dunn e Projet virgestallt vun 8,8 Milliounen, also dat war engem Hausse vu 47 %. An dass mer do net glécklech waren an net frou waren, dat ass mengen ech och nozevollzéien.

A mir maachen dat net, well mir hei sëtzen als CSV-Conseilleren, mee mir sinn hei als gewielte Vertrieder vun Diddelenger Leit. An et geet och drëm, dass mir en An drop hunn op de Budget an op d'Sue vun allen Diddelenger. An eisen Appell ëmmer un de Schäfferot war, dass mer musse méi kritesch an och méi hannerfroen, wéi déi Deierechten zustane kommen an och keen extra nice-to-have dann duerchwénken. Loosse mer et emol esou soen, am Déierenasyl zum Beispill, dass en immens deiere Lift huet missen nach nogestëmmt ginn an eng Clôture an eng Iwwerwaachungskamera an esou weider. A wichteg ass och, dass mer d'Büroen, also de Büroen och soen, hei probéiert och wierklech awer e bëssen anzespueren. Mir haten dat och gesinn, dass dat geet. Dat hate mer och grad am Projet Déierenasyl gesinn. Do war awer och d'Méiglechkeet do, fir zum Beispill awer op eng Kéier 315.000 Euro op verschiddene Posten anzespueren.

Den Här Buergermeeschter huet gesot, elo maache mer d'Tribünen um Nosbam frësch. Jo, den éischte Projet, dee war ze deier, huet et geheescht. Mee wann ech elo denken, mir hunn do 1,5 Millioune votéiert 2025. Elo war grad d'Ausschreiwung, stoung an der Zeitung. Elo gëtt de Projet nei ausgeschriwwen. An do ass et natierlech och, si mer natierlech gespaant, wéi eng Propositioun mer dann elo kréien. An ech wëll awer och hei nach eng Kéier soen, och

dem Schäfferot an dem Buergermeeschter Merci soen, dass awer och an Aussiicht gestallt gëtt, dass mer eng Finanzkommissioun maachen, wa mer den definitive Kont vun 2025 hunn. An ech denken dat ass eng ganz wichteg Finanzkommissioun, wou sollen d'Projete virgestallt ginn, déi mer scho votéiert hunn. Wou sti mer do mat de Finanzen? Wéi eng Depassementer, op wéi Depassementer musse mer eis astellen, déi inevitabel sinn? An ech denken dat ass och e wichtege Moment. An och, den Här Buergermeeschter huet et och elo a senger Ried gesot, an ech denken do sinn ech absolutt mat him, dass een dann och muss emol ein Innehalte maachen an eng Kéier iwwerleeën: Wat brauche mer? Wat packe mer? A wat ass wichteg? Well d'Transparenz an d'Planung ass einfach och wichteg. An och wa mer e Projet uginn, ass et jo net nëmmen de Bau vun eppes, mee et ass och den Ënnerhalt, wann ee kuckt, d'Frais de fonctionnement, déi ginn och diametral ëmmer an d'Luucht.

A wat och am Dezember gesot ginn ass, mir brauchen anscheinend och oft, dass mer nach e Prêt mussen huelen zum Schluss vum Joer, fir Liquiditéiten ze hunn an ënner anerem och fir eis Personalfraisen ze bezuelen. An do muss ee soen, momentan stinn 79 Millioune Personalfraisen dëst Joer um Kont. A wa mer kucken, 2029 komme mer vun 79 Milliounen op 102 Milliounen. A wat do och frappant ass, dat ass, dat si just déi Fraise fir dat Personal, wat mer elo hunn, mat de Biennalen, mat der TVA, mat dem Index an esou weider. Also och do eng virsiichteg Personalpolitik. Dat ass net, well mir e Béise sinn a soen, ma Dir sidd géint d'Personal oder esou. Mee ech mengen och do ass et wichteg, en A drop ze hunn. An et mierkt een et jo och, dass et e bësse méi lues geet mat der Augmentatioun vun eiser Personaldecken.

Wichteg ass natierlech, dass mer performant Servicer hunn. Mee och do nach eng Kéier nach eng Kéier den Appell, Synergië schafen tëscht de Servicer an d'Forcë bündelen, d'Fraisen am A behalen an och d'Leit motivéiere fir gutt an effikass ze schaffen. Ech gesinn et op anere Plazen. Heiansdo wann een an d'Pensioun geet, da mussen der zwee geholl gi fir déi selwecht Aarbecht ze maachen. An do denken ech mer ëmmer, ech mengen et muss een awer och vläicht emol eng Kéier soen, Dir hutt elo virdru gesot, Dir hutt eng Charte gemaach mat verschiddene Gewerkschaften, dass Der d'Personal respektéiert an hei an do. Mee ech mengen d'Personal, et däerf een hinnen och emol eng Kéier soen: Ma wësst Dir wéi gutt, dass Dir et hutt, dass Dir bei eis schafft? Ech mengen dat ass net béis, wann een dat emol eng Kéier seet. Dir hutt eng sécher Aarbecht, Dir hutt eng Index, eng Aarbecht mat engem, ech mengen aner Leit, déi an anere Gewerkschaften aktiv sinn, déi schwätze mat anere Leit. Ech denken et ass einfach och wichteg, dat eng Kéier ze ënnersträichen. An dann ass ee kee Béisen, wann een eng Kéier als Patron seet, ma nondikass, kuckt mol, wat hutt Dir et gutt hei. An ech fannen dat och richteg, dass d'Leit et gutt hunn op hirer Aarbecht. Mee ech denken awer och, et muss een och soen hei, déi Zomm, déi mir awer all Joer bezuelen, fir d'Personal, dat ass jo och net näischt. Voilà.

Nach eppes, wat ech wollt awer erwänen. Mir hu gesot grad, mir investéiere ganz vill an d'Schoulen, mir investéieren a Sport, mir investéieren an d'Zukunft. An do waarde mer natierlech och op de Strategiepabeier 2035, dee mer och nach eng Kéier, huele mer un, och nach eng Kéier iergendwann eng Kéier virgestallt kréien. Well och do, fir ze kucken, e Gesamtkonzept an och eng Reiung, wat ass am Wichtegsten, wat musse mer maachen? Mir si vum Ministère, gi mer oft gezwongen, dass mer eng Mise en conformité maachen. An dofir, do waarde mer och drop, dass mer do déi Projeten och virgestallt kréien, wéi dat och versprach ass. Da vun deene Projets à voter, bon, mir haten eng grouss Diskussioun iwwer d'Bierenger Kiermesplaz mat 9 Milliounen, iwwer 9 Milliounen, ass schonn happeg. An do huet et geheescht jo, mir mussen et elo maachen, well de Fonds du logement elo endlech un dee Projet rugeet, dee schonn, ech weess net wéi vill Joer, zéng Joer oder esou, scho soll gemaach ginn. Mee fir eis sinn 9,6 Milliounen awer och schwiereg.

Och wann déi Saachen erëm e bësse subsidéiert ginn, do ginn ech och dem Här Buergermeeschter Recht, dass ee muss plangen och eis Wierder vu virun ëmmer schonn. Kuckt esou no wéi méiglech un dee Präis ze kommen, dee subsidiabel ass. An dat ass och eppes, wat wichteg ass. Da muss ee sech och iwwerleeën, hm, brauche mer dat dote wierklech? Dofir, wat zum Beispill nach guer net drasteet, wat och Projete sinn, wou mer net derlaanscht kommen, dat ass zum Beispill eng nei Schoul op der Schmelz, op der NeiSchmelz. Do steet nach guer näischt dran. Dann ass nach rieds gaang iwwert eng nei eventuell Spidolsstruktur oder medezinesch Struktur. Do steet och nach näischt dran. Also do sinn nach Saachen, déi mer gären hätten, wou mer awer vir an hannen net mat den Enner zesummekommen. Dofir denken ech ass et wierklech wichteg, deen Tëschebilan emol ze maachen. Deen och dann, huelen ech un, wéi dat jo hei warscheinlech och ugekënnegt ass, dass mer deen och reegelméisseg maachen, fir dass mer dann awer och e bëssen eng Planung maachen, iwwer 2029 eraus.

Mir musse jo och bedenken, all déi Scholden, déi mer maachen, déi bezuelen eis Kanner an eis Enkelkanner zréck. A mir blockéiere si och. Mir wësse jo och net, wéi et international an national weidergeet mat de Finanzen. Ech mengen dat ass jo och eppes, wou mer eis all bewosst sinn. D'Beem wuessen net méi an den Himmel. Déi glorreich Zäiten, déi sinn eriwwer. An ech begréissen dem Här Buergermeeschter seng Approche och, dass en och e bësse mol matgeet op de Wee: Hei, mir kucken dat vill méi akribesch, a mir musse kucken, dass mer d'Enner zesummekréien.
An eng transparent an éierlech Finanzpolitik schëllege mer eise Bierger, well mir verwalten de Bierger vun Diddeleng hire Budget. Ech hunn et scho gesot, d'Dotatioune vum Staat, d'Subsiden, d'Taxen, déi mer kréien, dat maache mer och an hirem Numm, fir déi ze verwalten.

An ech kommen op de Saz zréck vun der Schäfferotserklärung, dee mir och ënnerschreiwen, "une gestion avisé des dépenses communales nous guidera". An ech hoffen, dass mer och an deem Sënn iergendwéi awer nach iwwert d'Ronne kommen an dass awer nach iergendwéi mer d'Enner zesumme kréien an awer déi wichteg Projeten, déi

wichteg Projete fir Diddeleng awer och kënne weider nach finanzéieren. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech misst elo kuerz schmunzele beim Buergermeeschter sengem Verweis op de Rapport vun der Finanzkommissioun, dee mir jo kruten. Dee koum gëschter no 18 Auer, an dat op engem Dag, wou mir moies nach iwwert eng Konventioun mam OGBL an d'Bild gesat gesinn, déi mer natierlech gutt fannen, déi awer alt och en Droit à la déconnexion virgesäit. Op alle Fall dem Schäfferot e Merci, deen hei ëmmer awer ganz transparent dësen Exercice am Gemengerot zur Diskussioun stellt. De Plan pluriannuel ass keng Selbstverständlechkeet. Dat hu mer elo schonn all Joers gesot, dass mer deen och hei kënnen diskutéieren an net just an d'Bild gesat ginn. Merci och un de Pascal Poull a seng Ekipp fir de Plan pluriannuel an och d'Presentatioun dovun an der Finanzkommissioun. Eis Demande dann awer un de President vun dëser Kommissioun, dës vläicht d'nächst Joer en Tick éischter kéinten unzesetzen, dass herno kee Stress beim Rapport entsteet, an dass mer eis dann och kënnen nach méi optimal mat dem Rapport virbereeden.

Iwwert den Outil selwer a seng Limitte schwätze mer eigentlech och all Joer a wëssen, dass et sech just ëm Previsiounen handelt. Mir wëssen och, dass d'Bild an e puer Méint schonn erëm e ganz anert wäert sinn, fir d'Mise à jour, an awer hëlleft et eis e bëssen ze verstoen, a wéi eng Richtung d'finanziell Rees déi nächst dräi Joer wäert higoen. D'reng Zuele sinn dat eent, do sinn d'Ongewëssheet bei de Subsiden, mat deenen een net genau ka viraussoe wou mir erauskommen, anerersäits d'Zuelen aus der Circulaire, wou d'Dotatiounen ausmaachen, wou och ëmmer erëm ugepasst ginn, da sinn et d'Präisdeierechten aus de leschte Joren, wou deels vun engem Moment op deen aneren ausgemaach hunn, dass d'Material knapp ginn ass, deier ginn ass a gemaachte Previsiounen u sech direkt op d'Kopp geheit hunn.

An awer lount et sech, e Bléck op déi Zuelen ze geheien. Do hale se sech bei de Recettes ordinairë plus ou moins op deem Niveau wéi an der Mise à jour vum Plan pluriannuel 2025. D'Dépenses ordinaires ginn awer mat 6 bis 9 Milliounen no uewe korrigéiert. D'Personalkäschte sinn den Haaptfacteur an där Korrektioun no uewen. Ze bedenke gëtt eis d'Capacité d'autofinancement, déi, wéi een um Tableau gesäit, beim Kont 2024 nach 30 Millioune war a previsionnel 2029 ënner 5 Millioune fale géing. Dat ass en Indikator drop, dass et finanziell an eng manner roseg Richtung grad geet. Op der anerer Säit hu mer d'Entwécklung bei den Emprunten, wou provisoresch 91,5 Millioun agedroe sinn tëscht 2027 an 2029. Ech weess, et hänkt och ëmmer vun de Subsiden of. Ech kachen och net gär d'Elementer vu menger Budgetsried op, awer kommen ech net derlaanscht, drop hinzeweisen, dass laut Budget 2026 mir den 31. Dezember dëses Joers scho mat 111 Millioune Scholden do kënne stoen, wouvun der nëmmen 8 Milliounen aus der leschter Mandatsperiod kommen.

Dat léisst drop schléissen, dass an där leschter oder an de leschte Mandatsperioden en Nohuelbedarf geschaf ginn ass, deem elo a finanziell méi schwieregen Zäite muss Rechnung gedroe ginn. Previsionnel bis 2029 géife mir dann op ronn 200 Milliounen Euro kommen, an dat quasi exklusiv mat dëser Legislaturperiod.Dat wier awer schonn eng brutal Entwécklung. OK... e Sportsauto ass méi séier vun 0 op 200, ma am Verglach zu anere Gemenge wier dat heiten awer schonn zimmlech féx.

Bei de Projeten, ech ginn herno drop an, ass och elo näischt, wat komplett iwwerflësseg ass. Da muss een awer och iergendwou an deene leschten zwanzeg Joer falsch ugaange sinn. Esou Entwécklunge komme jo awer net vun haut op muer. D'demografesch Entwécklung vun den nächsten zwanzeg Joer gesäit nämlech och net esou aus, wéi wa mir mat den noutwennegen Investissementer esou bal fäerdeg wieren. Wat och mat sech bréngt, dass eis Servicer weider méi Ressourcë personeller wéi materieller, brauchen. Heescht dat, dass et elo esou weider wäert goen an dass an eise Gemengefinanzen eng Aart finanziell Kipppunkt erreecht ginn ass? Fragezeichen.

Bei de Recettes extraordinaires sti jo ëmmer d'Subsiden am Raum, déi mat Virsiicht bei der Previsioun behandelt ginn. Wat gutt ass. Hei ass awer ze kucken, wat mir zum Schluss zréckkréien. Et ass effektiv schwiereg, dass mat sämtleche Reformen a Fuerderunge vu Säite vun de Ministèren d'Gemenge mussen hir Infrastrukture plangen, respektiv upassen an op der anerer Säit weess een net ëmmer bei all Ministère wéini a wéi vill Geld zréck an d'Gemengekeess kënnt. Dobäi brauche mir dat Geld. An deem Kontext hoffe mir beispillsweis och, dass de Sportsministère eis de regionale Subsid fir d'Liichtathletikshal um Kennedystade accordéiert.

Wa mir da weider d'Lëscht mat de grousse Projeten 2026 bis 2029 kucken, gesi mir, dass hei vill Stroosseninfrastruktur, Schoul- a Sportsinfrastruktur an awer och abordabele Wunnraum rëmzefanne sinn. Dës Projete sinn eis zumindest, Projet non-votés, wat jo Estimatioune sinn, net weider am Detail bekannt. Wat et schwéier mécht, sech differenzéiert kënnen domat auserneenzesetzen. D'Fro, wou ech an der Finanzkommissioun, a wou mer och elo grad driwwer geschwat hunn, zu der Relatioun tëscht der Neigestaltung vun der Gymnichplaz fir 1,6 Millioun an der Bierenger Kiermesplaz mat 9 Millioune gestallt hunn, krut ech beäntwert. Hei ass de Grond fir dee vill méi héije Präis, d'Aarbechten am Déifbau an d'Envergure vun der Neigestaltung. Mir si gespaant, hei den Detail ze gesinn, wann et bis esou wäit ass. Well et awer och mat der Erklärung nach ëmmer en héije Käschtepunkt bleift, deen och net an der Schäfferotserklärung stoung.

Eise Wonsch ass et awer och, dass bei all Neigestaltung an deem Quartier, wou jo och mat Planungsbüro d'Mobilitéitssituatioun ronderëm déi nei Schoul Balzeng geplangt gëtt, all Investitioune virum Hannergrond vun der Suppressioun vun der Bierenger Barrière ze bedenken ass, och wann am Rapport ze liese war vun der Finanzkommissioun, dass dat kee weideren Impakt op déi dote Plaz hätt. Hei hat de Schäfferot nämlech d'leschte Kéier zu der Suppressioun a sengen Äntwerten op eis Froen am leschte Gemengerot duerchbléck e gelooss, dass en nach keng Informatioune vum Ministère, also vum Mobilitéitsministère an den CFL

huet. Ma mir plädéieren dofir, dass dee ganze Quartier esou verkéiersberouegt bleift an dass an Zukunft d'Kanner sécher kënnen an d'Schoul goen an dass bei all Investitioun an Infrastruktur an deem Quartier en allgemengt Verkéiersberouegungskonzept mat sécherem Schoulwee fir dee ganze Quartier gemaach gëtt. Ma wéi gesot, mir kennen de Projet net. Vläicht ass et jo och herno genau dat. Da kënne mir zumindest soen, mir hätten déi gutt Iddien do och scho gehat.

Da wollt ech awer nach froen. Dat hat ech elo net bei de grousse Projete fonnt. De STEP muss sech jo och an den nächste Joren op d'Klärstuf 4 prettmaachen. Fir wéini ass hei mat Käschten ze rechnen? A vu wéi engem Montant schwätze mir hei? Dann ofschléissend vläicht och nach eng Kéier méi allgemeng denken ech wier et interessant de PPF nach eemol an den nationale Kontext ze setzen. Als Gemeng si mir op de Staat a seng Finanzplanung ugewisen. Dëst sinn awer ganz kuerzfristeg berechent. An d'Steierreform, de Plan Pauvreté an d'Militär-Ausgaben tauchen net an hirem Pluriannuel op. De Staatsbudget riskéiert Repercussiounen op eis finanziell Moyenen ze hunn.

D'Fro, déi sech mir stellt, wier déi, wou de Schäfferot seng Prioritéite bei de Projete setze géif, de Fall gesat, et kéim zu engem Abroch bei de Mëttelen, déi mer an den nächste Jore vum Staat kréien? Wat wieren d'Projeten, wou Dir prioritär géift ugoen? A wat misst dann no hanne geréckelt gi vun deene Projeten, déi elo hei stinn? Domat hätt ech all meng Gedanken heizou bäigedroen a soen awer nach eemol Merci fir deen Exercice hei.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Vun eiser Säit och e grousse Merci fir d'Presentatioun. Mir hu just eng kuerz Fro, wannechgelift. Mir stelle fest, datt an der Previsioun 2029 d'Recetten an d'Depensë vum Budget extraordinaire massiv erofginn. Kéint Dir eis do, wannechgelift, erkläre wisou? Villmools merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. Jo, ech wollt och ufänke mat engem grousse Merci un de Pascal Poull a säi Service. Mir wëssen, dass d'Opstelle vum PPF ëmmer relativ vill Aarbecht a relativ vill Stress bedeit. A mir sinn awer ëmmer frou iwwert déi gutt Opaarbechtung an déi kloer Explikatiounen och an der Finanzkommissioun. Mir sinn och frou, dass mer déi Diskussioun hei féieren iwwert de PPF. Mir wëssen, dass dat net selbstverständlech ass. Et ass awer en interessanten Exercice, fir sech an deem Kader nach eng Kéier auszetauschen, och wa mer wëssen, dass dat Ganzt ëmmer ganz volatil ass. Dass et volatil ass, dat gesäit een op zwou Aart a Weisen. Zum engen, wann ee vergläicht mat fréiere PPFen zum Beispill, ginn zwar ëmmer op d'Jore gekuckt, d'Depenses extraordinaires erof. Mee wa mer vergläichen zum Beispill am PPF vum leschte Joer, vun 2025, do hate mer Depenses extraordinaires fir 2028 vun 38,5 Millioune virgesinn, haut si mer scho bei 63 Milliounen. Also et gesäit ee wéi volatil dat Ganzt ass.

Volatil oder, jo, net ganz berechebar ass et awer och an deem Sënn, dass mer wëssen, dass déi Zuelen, déi hei sinn, vläicht net ëmmer deem leschte Stand gerecht ginn. Ech erënneren drun, dass d'lescht Joer am Februar zum Beispill d'Déierenasyl nach ëmmer mat 5,8 Milliounen am PPF stoung, obwuel et deemools jo scho ganz kloer war, dass mer wäit doriwwer eraus géife leien. Dat heescht, déi Zuelen, déi sinn och ëmmer sou ze huelen, mat enger gewëssener Kär u Salz, géing ech elo mol soen.

Wa mer eis déi grouss Projeten ukucken, dat ass elo scho gesot ginn, dat si virun allem Infrastrukturprojeten, dat si Reseau- a Stroossenaarbechten, déi sinn enorm deier. Also wann ee sech déi Lëscht do ukuckt, wat mir ausgi fir d'Plaz Bierenger Kiermes, 9 Milliounen, Rue Lenkeschléi 8,6 Milliounen an der Foxenhiel 5 Milliounen. Wann ee sech herno den Devis ukuckt, dann ass et wierklech esou, mee et kann ee sech, mengen ech, och d'Bierger dobaussen, net ëmmer virstellen, wéi deier déi Stroossen- an déi Infrastruktur- an déi Reseausaarbechte sinn. Also ech selwer, ech sinn e bëssen aus dem Secteur an ech sinn awer ëmmer schockéiert iwwer déi Montanten. Bon, et ass awer eppes wat muss gemaach ginn. Et ass leider kee Choix, dass mer déi Saache mussen à jour halen.

Ech menge wou mer och d'accord sinn dat ass, dass mer en Invest an d'Schoulen héichhalen. Well wa mer dat net maachen, da gëtt et iergendwann an Zukunft vill méi deier. Wat eis e bësse géif interesséiere fir d'Zukunft, dat wär vläicht och mol opzeléschten, wat nach esou vun Etüde virgesinn ass. Also fir déi Projeten, déi hei stinn, déi grouss Projeten, do sinn d'Etüde jo mat dran am Devis. Zum Beispill Logement Eecherdall, do si jo dann och d'Etüde mat am Devis virgesinn. Mee mir hu jo am Budget 2026 gesinn, dass eleng do sechs Millioune fir Etüde virgesi sinn. Dat sinn heiansdo esou Etudes diverses. Dat sinn awer och vläicht Etüde fir Projeten, déi méi spéit wéi 2029 kommen. An do wär et einfach interessant ze gesinn, well mir einfach an der Analys vum Budget 2026 d'Gefill haten, dass de Schäfferot enorm vill Sue fir Etüden zäitweis ausgëtt. An dat géif vläicht dat Bild e bësse méi ronn maachen.

De Stade Nosbaum, d'Tribünen, déi sinn elo schonn ugeschwat ginn. Also mir hate scho beim Vott vum Devis gesot, dass mer d'Gefill hunn, dass den Devis relativ niddreg ass. Mir sinn da lo ganz gespaant op d'Ouverture Ufank Mäerz vun der Soumissioun, wat dann do erauskënnt. Ob dann dës Kéier d'Rechnung vum Schäfferot opgeet. Mir waren e bëssen iwwerrascht, dass do net nach e bësse méi Reserve elo virgesi gi sinn, vu dass bei der éischter Soumissioun jo awer e bëssen dat bestätegt gouf am Fong, wat mir schonn deemools hei an der Sëtzung gesot haten. Et gesäit een am PPF, dass d'Depenses extraordinaires op all Joer erofginn. Also mir ware fir 2025 bei ronn 60 Milliounen. Jo, bei 55 Milliounen. Dëst Joer bei 60 Milliounen. D'nächst Joer bei 65 Milliounen. An da soll et awer erëm erofgoen op 63 respektiv op 33 Millioune fir 2029. Dat gesäit dann ëmmer gutt aus. Da mengt een, okay, an Zukunft gëtt et besser.

Also an Zukunft kënne mer eis erblosen. Da gi manner Invester getätegt. Mee ech mengen, dass dat Bild awer e bësse verfälscht ass, well dat ass och schonn ugeschwat ginn. Et stinn awer nach immens vill Projeten an der Pipeline. D'Schoul, déi nei Schoul op NeiSchmelz, déi ass ugeschwat ginn. Déi steet elo warscheinlech nach net fir 2029 do. Mir hunn awer schonn elo am Budget fir 2026 eng hallef Milli-

oun virgesi fir den Dialogue compétitif. Also d'Etüden, déi lafen un. Vläicht kënne mer do gesot kréien, okay, wat ass do de Planning de Moment? Fir wéini soll do dat konkreet ufänken? Well ech mengen dat gëtt jo awer nach eng Kéier e richteg groussen Invest, dee mer musse virgesinn. En anere Projet ass d'Place Fohrmann. Do solle jo awer och gréisser Ëmbaute getätegt ginn. Dat heescht, dat wäert och warscheinlech nach eng Kéier e grousse Poste ginn.
Dat heescht, sou wéi dat elo ausgesäit, dass dat sech alles erbléist, sou wäert et warscheinlech awer net sinn. An et wäert warscheinlech genau esou weiderfueren déi nächst Joren.

Wat eis e bëssen iwwerrascht huet, dat ass, dass am ordinäre Budget keng nei Poste virgesi sinn. Also et ass gesot ginn, et ass eng Indextranche a sou weider virgesinn, mee keng nei Posten. Do hu mer eis gefrot, et ass jo awer an de leschte Joren, an och elo gi vill nei abordabel a sozial Wunnenge geschaf. An do hu mer eis gefrot, okay, de Service Logement, muss deen net awer an den nächste Joren eng Kéier opgestockt ginn? Ass do kee Besoin? Mer hu jo elo héieren, dass et ganz agreabel ass an dass d'Leit, déi hei schaffen, et ganz gutt hunn. Mech géif do interesséiere wat de President vun der Delegatioun dozou ze soen huet. Mee voilà, do hu mer eis einfach gefrot, okay, wéi ass et do mat der Strategie vum Personal? Do sollte mer jo och eng Kéier eng Reunioun hunn, fir doriwwer ze schwätzen. Dat wär vläicht ganz interessant, well et géif eis wonneren, wann an den nächsten dräi, véier Joer guer keng nei Poste misste geschaaft ginn.

De Rapport vun der Kommissioun, deen ass schonn ugeschwat ginn. Effektiv, deen ass gëschter Owend ëm sechs Auer komm, an dat ass all Joer esou. Mir hu jo Vertrieder alleguerten an der Finanzkommissioun. Mir wësse wat do geschwat gëtt. Mir kréien och e Rapport dovun a wat do geschwat gëtt. Et wier awer wierklech ganz fein, wa mer deen d'nächst Joer kéinten e puer Stonnen éischter kréien, zumindest. Well et ass awer ëmmer interessant, wat do drasteet. Mir wëssen, dass de Sekretär ganz vill Aarbecht huet. Mee de Gros vun deem Rapport, ech mengen dee steet schonn am Virfeld. Do sti jo am Fong déi grouss Projeten an déi Zuelen, déi de Buergermeeschter och an der Kommissioun seet. Da muss am Fong just herno nach d'Diskussioun drageschriwwe ginn. Do wäre mer wierklech frou, wann e kéint e bëssen éischter kommen.

An dann hunn ech nach zwee Punkten zu de Steieren an Taxen. Mir gesinn nämlech am Rapport, dat ass ganz interessant, do steet, dass den Impôt foncier "keng notabel Evolutioun" géif mat sech droen, well eebe gewaart gëtt op d'Reform vum Impôt foncier fir 2030. Dat heescht, déi nächst 4- 5 Joer wäert do näischt geschéien. Dowéinst wollt ech nach eng Kéier d'Fro opwerfen, ob mer elo wierklech nach déi nächst 4- 5 Joer nokucken an d'Buedemspekulatioun net wäerte méi ugoen? Ech hätt elo verstanen, wann d'Reform vum Impôt foncier dëst Joer, d'nächst Joer komm wier, dass een dann ofwaart. Mee, fir elo 5 Joer näischt ze maachen, fir net strukturell un de B6 vum Impôt foncier ze goen an net strukturell d'Buedemspekulatioun ze besteieren, dat fanne mer dann awer e bësse farlässeg.

An dann ass och an der Kommissioun geschwat ginn, dass d'Taxe vläicht eng Kéier missten ugepaakt ginn. Et ass ugeschwat ginn ob d'Waassertax, ënner anerem vläicht eng Kéier misst e bësse gehuewe ginn. Wann dat esou ass, da géife mer de Schäfferot ganz gäre froen, ob mer net eng Kéier kéinten invitéiert ginn an e Groupe de travail, fir wierklech doriwwer ze schwätzen. Well ech mengen als Alternativ fir elo einfach d'Waassertax fir all d'Awunner ze héijen, hätte mir eng Géigepropos fir nämlech eng sozial an eng ekologesch Politik zesummenzeféieren an e gestaffelte Waasserpräis anzeféieren. Wa mer souwisou mussen un d'Taxe goen, da wär dat vläicht interessant. A vläicht kéinte mer dat eng Kéier am Virfeld dann zesummen diskutéieren. Villmools merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, meng Virriedner hu bal alles gesot. Ech wollt awer nach op een, zwee Punkten nach eng Kéier zréckkommen. Ech hunn och de PPF vun 2025 nach eng Kéier erausgedréckt gehat, fir eeben ze vergläiche wéi déi verschidde Montante sech awer dann an engem Joer geännert hunn. A wou ech du bei der Recettes ordinaires war, hunn ech gesinn, dass dëst Joer awer pro Joer ronn 2 Millioune méi do stoungen. Den Här Steffen huet gesot, déi wäre plus minus selwecht. An du hunn ech awer gesot, dass dat eng fei Saach ass. An ech hu mech relativ gefreet, well et ass ëmmer gutt, wann ee méi Suen an der Täsch huet.

Wou ech dann awer erofkomm si bei d'Depenses ordinaires, an et ass genau esou wéi den Här Steffen dat och matgedeelt huet, 6 bis ronn 9 Milliounen Euro kommen do pro Joer méi op eis duer, virun allem op Personalkäschten, wou ee sech do kann zréckberuffen, wéi esou dat esou ass. An ech gi jo dovun aus, dass do eventuell nach Ännerungen no uewe wäerte kommen, wa mer d'nächst Joer de PPF 2027 an der Hand hunn an eng Indextranche, déi bäikënnt, déi eventuell souguer nach e bësse méi fréi gesat gëtt. Eventuell kommen der nach déi nächst Jore bäi an nach weider Ännerungen an der Unzuel vu Personal, déi fir eis Gemeng schafft, wäerten dann dee Montant weider an d'Luucht dreiwen. Bei den Emprunten, do huet een dann awer direkt gesinn, dass 2027 an 2028 déi Montanten explosiounsaarteg an d'Luucht wäerte goen. Aleng fir déi zwee Joer hu mer do 74 Milliounen am Moment do geplangt.

D'Madamm Kayser huet et scho gesot gehat, mir sinn op engem Gesamtmontant vun eiser Schold vun iwwer 90 Milliounen. Rechent een dat vun 2026 bei déi Joren 2027 an 2028 dobäi, da kommen do 101 Millioun weider Scholden op eis duer. Also mir verduebelen eis Schold da méi, wéi dat am Moment nach de Fall ass. An do muss een dann awer oppassen, dass mer net herno an eng Situatioun kommen. Ech weess, mir hunn nach Sputt. An trotzdeem, mir hunn eng Nopeschgemeng, déi och scho gebremst gi si bei gréissere Projeten. A wann et awer esou wäit ass, dass een dann op der Lëscht awer steet, och vum Interieur, dann ass dat net onbedéngt vu Virdeel. Esou, dass mer dann awer mussen dat Ganzt anstänneg am A behalen. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll meng Interventioun hei och mat engem Merci ufänken, e Merci un de Pascal Poull an un all Servicer,

déi mat vill Engagement an Zäit dëse Plan pluriannuel ausgeschafft hunn an och fir de Rapport vun der Finanzkommissioun. Jo, et kann ee sech effektiv Gedanke maachen, ob een net effektiv d'Finanzkommissioun vläicht eng Woch no vir verréckelt, wat dann och dem Här Poull d'Saach méi einfach géif maachen, fir de Bericht ze schreiwen. Als LSAP begréisse mir de Plan pluriannuel financier, dee mir haut presentéiert kruten. Fir eis ass de PPF net nëmmen eng technesch Flicht, mee e wichtegt Instrument, dat weist, wéi mir d'Zukunft vun eiser Gemeng aktiv kënne gestalten. An ech wëll hei och soen, datt mir zu enger Finanzpolitik stinn, déi sozial gerecht, nohalteg a verantwortlech ass.

Am Tableau gesi mer net nëmmen Zuelen, mee mir gesinn d'Geschicht vun enger Stad, déi sech weiderentwéckelt an déi net stoe bleift. Mir gesinn, datt d'Recetten an de kommende Joren eropginn, virun allem duerch de Fonds de dotation globale des communes. Dat gëtt de Gemengen allgemeng e bësse Loft an Handlungsspillraum. Awer mir mussen d'Finanzen am A behalen a gegeebenenfalls de Plang upassen, wann et néideg ass. Ech stellen och fest, dass d'Gemengentaxen, wéi d'Madamm Thoma et och schonn ukléнge gelooss huet, mat Ausnam eebe vun deenen Taxen, ob déi d'Gemeng keen Afloss drop huet, an deene leschten dräi Joren net erhéicht goufen. Do misst een effektiv emol analyséieren an och kucken, ob mer net der haiteger Zäit iergendwéi Rechnung droen. Mir sinn eis eens, dass mer effektiv och musse spueren. Ech wëll awer och kuerz op d'Déierenasyl agoen. D'Madamm Kayser huet Recht, datt de Bauindex hefteg war. Mee ech sinn awer der Meenung, datt Lift a Kamerae gebraucht gi sinn, an datt keen Nice-to-have war.

Laut dem PPF geet d'Schold an deenen nächste Joren awer dann an d'Luucht. 2029 entspriechen d'Annuitéiten, engem Ratio effektiv vu 7 %, wat awer fir eng Stad Diddeleng tolerabel ass. A wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet, bei 20 % ginn d'rout Luuchten elo un. Ech wëll awer och hei soen, mir mussen awer net drop schaffe fir dohinner ze kommen, bis d'Luuchten uginn. Beim Studéiere vum PPF gesinn ech och kee Luxus. Ech gesi kee Prestige an ech gesi kee Prunk, mee ech gesinn Noutwendegkeet, Verantwortung an eng Visioun fir d'Zukunft vun eiser Stad. Mir investéieren, jo, an de soziale Wunnengsbau an an den abordabele Wunnraum. Eng Rei Projete sinn amgaangen, anerer an der Planung. Jidderee soll hei zu Diddeleng och d'Chance hunn, kënnen ze wunnen.

A Schoulen, a Betreiungsstrukturen, wéi Balzeng, Brill, NeiSchmelz, Butschebuerg, well d'Kanner vun haut déi Erwuesse vu muer sinn. An et ass wichteg, well all Kand huet e Recht op déi beschtméiglech Betreiung an Educatioun.
An eis Stroosseninfrastrukturen, ewéi och an d'Infrastrukturaarbechten, fir nei Quartieren intelligent un déi besteeënd Infrastrukturen unzebannen. D'Butschebuerger Strooss, d'Route de Thionville, Centenaire, also alles wat och mam Projet NeiSchmelz ze dinn huet.

An och als Sportstad a Sportinfrastrukturen, datt och all eis Sportler kënnen hirem Sport ënner optimale Konditiounen nogoen. D'Erneiere vun den Tribünen, der Buvette vum Stade Jos Nosbaum, wéi och eng nei Indoorhal fir den Tennis an d'Liichtathletik si wichteg Investissementer, déi eis Stad méi attraktiv wäerte maachen. Dëst sinn alles Investitiounen, déi Liewen an eis Stad bréngen. Net just fir haut, mee fir déi nächst 20, 30, 40 Joer. Dat sinn nohalteg Invester. Hei wäerten eis Kanner a Kandskanner vun deenen Investissementer, déi mir haut maachen an Zukunft profitéieren an eis och Merci soen.

Zu Diddeleng beloosse mer et beim PPF net bei enger renger Informatioun, esou wéi d'Gesetz et virgesäit. Neen, e gëtt säit 2013, wéi de Buergermeeschter et och schonn ugekënnegt hat, am Gemengerot presentéiert an diskutéiert. Dat ass eng transparent Aart a Weis mam PPF ëmzegoen. Dat ass fir mech Transparenz, a wéi ech jo bei menge Virriedner och elo héieren hunn, och fir si. Dëse PPF ass net just eng Lëscht vu Projeten, et ass eng Visioun fir eng Stad, déi sech net verstoppt, déi net stagnéiert, mee deen no vir kuckt. Dëse Plang setzt déi richteg Prioritéiten, reflektéiert déi richteg Wäerter a weist, datt mir d'Zukunft net just ofwaarden, mee aktiv wëlle gestalten. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci, Här Goergen. Ech mengen, dann hätte mer den Tour gemaach. Da géif ech hei op eng Rei Punkten agoen. A virop emol villmools Merci, fir deenen, déi effektiv sech Zäit geholl hunn och de PPF ze analyséieren an och hir Aschätzungen, hir wäitgeeënd Aschätzungen zum PPF an och déi Froen an och déi Remarken. Merci dofir. Dat weist jo och, dass mer hei da parteiiwwergräifend, géif ech mol soen, eis jo Gedanke maachen iwwert d'Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng, mee awer och déi Projeten, déi mer am Interêt vun der Stad Diddeleng a fir all seng Biergerinnen a Bierger wëllen ëmsetzen. Ech wëll awer hei nach eng Kéier, och am Kader vun Ären Ausféierungen, déi Der gemaach hutt, betounen, dass een de PPF als dat soll gesinn, wat en ass.

Et ass en Ausbléck. Et ass keen definitiven. Et sinn Estimatiounen. An d'Realitéit herno an der Ëmsetzung tëschent engem Budget initial an engem Budget rectifié an engem Kont sinn anerer, well et huet een, an dat gehéiert zu der Realitéit, zu der politescher Realitéit, och vun der Finanzrealitéit, do ginn et eeben am ëffentleche Secteur och ëmmer Verschibungen, Prioritéiten, déi änneren. An dofir, et soll een ëmmer de PPF gesinn als dat, wat en ass, wéi gesot, en Ausbléck. Mee et ass keen definitiven. An do kënnen, wéi gesot, aus deem Adaptatioune kommen. An et ass jo och net esou, wéi de PPF hei opgestallt ass, et géif jo heeschen, et géife keng Verschibunge kommen, e géif 1 zu 1, esou wéi en hei steet, ëmgesat ginn. Mee herno ass d'Realitéit jo eng komplett aner. Mee et huet einfach de Merite, dass ee sech einfach emol eng Ausriichtung gëtt, en Ausbléck gëtt, un deen ee sech effektiv kann orientéieren, awer mat Dieren, déi ganz kloer opbleiwen, en Fonctioun vun de Finanzen, souwuel um lokale Plang wéi och um nationale Plang. Well dat ass jo an deem Spektrum, an deem mer eis och ganz kloer beweegen. Dat als éischt generell Remark.

Als zweet generell Remark, an ech fänken do mat der Madamm Kayser un. Natierlech soll een d'Scholdesituatioun

am A behalen. Mir sinn effektiv Dezember 2025 bei 90,5 gewiescht. Wéi gesot, mir hunn en Emprunt ageschriwwen, och weider Emprunten. Eng Schold per se ass jo näischt Schlechtes. Och wann een natierlech ëmmer en A muss drop halen, dass een net ze vill Scholde mécht. Mee et muss een awer och, an dat hu mer méi wéi eng Kéier hei geschwat, sech virun Aen halen, dass, et kann een zwar jo elo vläicht kuerzfristeg och dee politesche Choix maachen, manner Scholden ze hunn. Mee da weess een, dass dat natierlech en Impakt huet op eng ganz Rei Infrastrukturen, respektiv op den Zoustand vun Infrastrukturen, an dass herno d'Situatioun méi schlëmm ass. An dass de deelweis da muss méi, effektiv méi Scholde maachen. Wat natierlech dann och en Impakt op d'Finanzsituatioun huet. Dofir ass et mengen ech och wichteg, nohalteg ze kucken.

An dofir soen ech dat, wat ech ëmmer och ganz kloer hei gesot hunn: Et ass besser, mir maachen elo den Invest. A mir halen natierlech en Aen op d'Finanzsituatioun. A mir wëssen awer, dass déi aktuell an zukünfteg Generatioune fir déi nächst 20, 30, 40 Joer roueg sinn. Wéi elo de Choix ze maachen, komm mer maachen déi nächst zéng Joer e vill méi klengen Invest. A mir wëssen natierlech, dass herno d'Situatioun komplett eng aner wäert sinn. An och d'Diskrepanzen eng aner wäerte sinn. Ech denken do zum Beispill ganz kloer un eis Schoulinfrastrukturen, wou mer nei Schoulinfrastrukturen hunn, wou mer historescher hunn, déi musse renovéiert ginn. Do kéint een de Choix maachen, deen Invest net ze maachen. Mee da weess een natierlech, a grad an enger Gemeng wou Quartiersschoule sinn, dass dann op eemol d'Diskrepanz vill méi grouss gëtt. An dee politesche Choix, dee mer hei jo geholl hunn iwwert déi lescht Joren, ass eeben déi Schoulinfrastrukturen zum Beispill weider ze moderniséieren, fir dass dat Gefälle vun deenen effektiv Schoulgebaier vun deene Quartiersschoule sou kleng wéi méiglech ass. Natierlech e Gebai, dat virun iwwert 120 Joer gebaut gouf, dat wäert natierlech aneschters sinn, wéi eent dat virun, soe mer 10 Joer gebaut gouf, well do d'Standarden zu deem Zäitpunkt anerer sinn. Duerfir mengen ech ass et ëmmer dat virun Aen ze halen.

A generell an där selwechter Approche, Dir sidd zu e puer drop agaangen. Et muss ee jo och kucken, et huet een d'Méiglechkeet, dat hat ech och ugangs gesot a mengen Ausféierungen, et huet ee mol en Afloss op, deemno wéi effektiv wann ee Soumissiounen opmécht. Et ass virdru vum F91 geschwat gi vun de Gradinen. Do huet een d'Méiglechkeet anzewierken andeem ee seet, effektiv mir saiséieren d'Soumissiounskommissioun an annuléieren de Marché a lancéieren en nei. Et huet een awer och Situatiounen, wou en cours de route vun der Exekutioun, de Bauindex, dee kann een net stoppen, dee muss appliziéiert gi bei Projeten. Do huet ee kee Choix. Dat gefält engem net. An do si mer ganz no bäi, wann dee muss appliziéiert ginn, well dat zu enger Präisdeierecht vum Projet bäidréit, notamment zum Beispill beim Déierenasyl. Do kënnt een an de Gemengerot, et ass een net frou, dass ee méi muss op op den Dësch leeën, fir effektiv de Projet ze realiséieren. Mee och dat si Realitéiten. Also et gi Realitéiten, déi kann ee mol méi an och mol manner steieren. A mir wëssen natierlech am ëffentleche Secteur, wann ee Projeten ëmsetzt, d'Durée vun der Ëmsetzung ass ëmmer méi laang wéi wann e Privaten et mécht. An dat huet natierlech och an dëser Situatioun en Impakt. Mee bon, d'Reegele sinn awer nun emol déi, wou mer och deementspriechend hei erëmfannen.

Generell, ausser den Ausféierungen, wou d'Madamm Kayser gesot huet, par rapport zum Déierenasyl, an den Här Goergen ass drop agaangen, generell an eiser Ausriichtung hei hu mer ni hei zu Diddeleng Prunkbaute gehat an ni Nice-to-have. Et war ëmmer orientéiert ganz kloer un de Besoine vun eisen Awunnerinnen an Awunner. An dofir, bon, déi Fro, déi den Här Steffen virdru gestallt huet, wann en Abroch géif kommen, da musse mer e Choix maachen, do musse mer e Choix maachen oder mer kommen dann nach eng Situatioun, wou mer ee Projet géint deen aneren ausspillen oder equilibréieren. Dat sinn dann Diskussiounen, déi mer féiere mussen. Mee voilà, do musse mer vläicht soen, mir maache kee Logement abordable méi. Mir investéieren net méi an eis Schoulinfrastrukturen. Mir investéieren net méi an eis Stroossebauinfrastrukturen. Och dat sinn da Choixen, déi ee maache muss, mat enger Repercussioun, déi se awer och deementspriechend hunn. Och dat muss ee sech virun Ae faassen. Dofir einfach hei esou an de Raum ze setzen. Jo, wat mécht d'Gemeng dann? Sou einfach ass et net. Et ass vill méi komplex Här Steffen, wéi Är Froestellung, déi Der hei deementspriechend gestallt hutt. Well do si mer bei der Fro, wat brauche mer? A mir brauchen, mengen ech, Projeten, déi a verschidde Richtungen de Besoinen nokomme vun eisen Awunnerinnen an Awunner, nieft der Diskussioun effektiv, wat kënne mer dann nach finanziell leeschten? An ech mengen et ass e bëssen e Spagat, wat een tëschent deenen zwee do muss maachen.

An dann, nieft deene verschidde Froestellungen, déi awer och hei vun der Oppositioun gemaach goufen, kann ech mer awer net verknäifen ze soen, 90 % awer vun den Devise vun deene Projeten, déi mer hei am Gemengerot hunn, déi gi parteieiwwergräifend gestëmmt. Well mer d'Wichtegkeet gesi se ëmzesetzen, mol méi oder mol manner, deen een enthält sech, deen ee gestëmmt dergéint. Mee awer, summa summarum si mer bei quasi 90 % vun de Projeten, déi hei am Gemengerot sinn, wou effektiv da matgestëmmt ginn. An herno wa mer dann d'Projete wëllen ëmsetzen am eigentleche Budget, dee mer eis ginn, dee gëtt dann net matgestëmmt an där selwechter Konsequenz, wou Der dann den Devis matstëmmt. Also och, bon, do, wéi gesot, mierkt een, dass dann d'Realitéit am Diskurs an am Narrativ vun der Oppositioun en aneren ass. Mee, wéi gesot, dat ass am Fong d'Situatioun esou wéi mer se erëmfannen. Wann hei och virgefouert gëtt, dass et wichteg wär, d'Personal ze motivéieren, gutt an effikass ze schaffen, wëll ech hei soen, d'Stad Diddeleng huet ganz gutt a ganz motivéiert Personal. Dat wëll ech hei kloerstellen, mir brauchen eis Leit net ze motivéieren, wann ech mierken, wat se Dag an Dag aus leeschten, ob se elo als Beamte sinn oder als Salarié sinn, mat deenen Erausfuerderungen, déi d'Gemeng huet an och d'Ufuerderungen u si an engem Gefüge vun der Gemengepolitik an och un déi Aarbechten, déi ëmmer un d'Gemengeservicer erugedroe ginn, och deelweis duerch staatlech Projeten, déi Nidderschréft hunn um Gemengeplang, hu mer mengen ech ganz engagéiert a ganz motivéiert Personal. Dat och nach als generell Consideratioun.

Et ass ee Moment e puermol ugeklongen, déi Ënnerscheeder tëschent, wann ech elo e bëssen op d'Projeten deementspriechend aginn, tëschent enger Gymnich-Plaz an och enger Bierenger Kiermes. Ech mengen déi Plaz wëlle mer gäre frëschmaachen. Dee Montant, dee mer hei dragesat hunn, dat ass eng Estimatioun, dat ass de maximale Montant, just fir Iech ze soen, dat hat ech och an der Finanzkommissioun erkläert, d'Place Gymnich, déi ass vill méi kleng wéi eng Plaz vun der Bierenger Kiermes. Ech mengen d'Place Gymnich, do si mer bei ronn 2.300 m2. Eng Bierenger Plaz, do leie mer bei 8.000. Dat sinn am Fong ganz grouss Ënnerscheeder. Den Déifbau ass och deementspriechend en aneren, och um Niveau vun de Reseausaarbechten. Dofir mengen ech, sinn och hei zwee verschidde Montanten. Et ass e maximale Montant, dat ass eng Estimatioun. An näischt hënnert eis och drun, déi doten Zuelen nach eng Kéier méi kritesch ze kucken. Dat ass och esou, wéi mer mat eisen Servicer verbliwwe sinn. Dofir hu mer einfach emol déi Montanten hei deementspriechend och dra gesat.

Ech hunn NeiSchmelz, do hu mer elo Etüden dragesat fir den Dialogue compétitif. An d'Schoul, déi gëtt no 2029 deementspriechend och gebaut. An am Kader vun der Budgetsdiskussioun am Dezember hate mer jo d'Méiglechkeet doriwwer ze schwätzen. An, jo, et ass richteg, dass sécherlech gekuckt gëtt, dass mer eng nei Infrastruktur am Gesondheetsberäich hei zu Diddeleng kréien, zesumme mam CHEM. Mee dat brauche mer net hei anzeschreiwen, well dat gëtt jo dann normalerweis finanzéiert iwwert de Gesondheetsministère, iwwert d'CNS respektiv iwwert de Fonds hospitalier. Do ass jo net d'Stad Diddeleng, déi zwar Member vum CHEM ass, déi hei Bauhär wäert ginn. Hei wäert jo de CHEM Bauhär ginn, mat de staatleche Subsiden, déi deementspriechend virgesi sinn. Da mengen ech war déi generell Remark, den Här Steffen ass drop agaang, d'Madamm Thoma ass drop agaang, fir do de Lien ze maachen. Mir kucken, mir hunn et héieren, e puer Oueren hunn et hei héieren, mir kucken, dass mer dann och effektiv de Rapport éischter erausschécken, effektiv och déi néideg Sensibilitéit dofir, dass Der dee mëttwochs einfach kritt. Dann hutt Der, mengen ech, en Dag dertëschent, fir de Rapport ze liesen. Esou grouss a sou voluminéis ass en effektiv net. Ech mengen, dass dat da fir Iech och duergeet.

An och par rapport zu den Ausféierunge vum Här Steffen, par rapport zu der Capacité d'autofinancement, dat gëtt en Indicateur. Jo, et ass en Indicateur an den Estimatiounen, déi mer eis de Moment ginn. Mee ech hunn net fir näischt am Ufank déi generell Consideratioune gemaach, dass mer hei bei engem Ausbléck sinn, dass d'Realitéit herno eng aner ass. An dat heescht och, fir dass d'Realitéit eng aner wäert sinn, wäert Capacité d'autofinancement, och déi wäert variéieren. Dofir ass dat heiten, mengen ech elo net, en tant que tel, als Ausbléck fir boer Mënz ze huele wat d'Capacité d'autofinancement vun der Stad Diddeleng wäert sinn. Natierlech, an dat ass eng Remark, déi vun e puer Säite gemaach gouf, par rapport zu de Subsiden, wäerte mer kucken esou no wéi méiglech ze bleiwen, esou vill wéi méiglech och ze huelen. An deementspriechend och kucken, nieft deenen normale Subsiden, och regional Subsiden. An do, mengen ech, hu mer och schonn e Courrier gemaach, un de Sportsministère, fir dee regionale Subsid ze kréien, wat um Kennedy effektiv d'Indoorhal ugeet an och d'Tennishal.

Ech mengen do waren eng Rei Konditiounen dru gebonnen. Déi hu mer erfëllt. A mir hu se erageschéckt. A waarden dann, wéi gesot, do op eng Äntwert da vun der neier Sportsministesch, wat deen dote regionale Subsid ugeet.
Dann hat d'Madamm Thoma och geschwat iwwert keng nei Posten. Ben, ech mengen d'Posten, dat gëtt och ëmmer gekuckt, en fonction vun de Besoine vun den d'Servicer vu Joer zu Joer. Dofir hu mer dat och elo net ageschriwwen. Do gi jo och Ponderatioune gemaach. Dat ass hei net anescht wéi och an anere Gemengen. Wat, wéi eng Servicer méi musse verstäerkt ginn, par rapport zu anerer. Ech mengen d'Servicer, déi kënnen ëmmer hir Demanden, hir Besoine raschécken.

Dat, wat finalement zréckbehale gëtt, ass och do eng aner Realitéit. Well tëschent de Wënsch, déi een huet, wat ganz legitim ass an der Personalpolitik an och als Responsabel vun engem Service par rapport zu sengem Service, an dat, wat herno finanziell machbar ass um Niveau vun der Verstäerkung vum Service, mengen ech, ass eng aner. A wéi gesot, och dat gëtt gekuckt, en fonction vun der Finanzsituatioun vun der Gemeng. Mee, ech mengen, vu Joer zu Joer gëtt awer Personal agestallt. Och wa mer do ganz kloer e Bléck drop halen, wat effektiv och de finanziellen Deel ugeet a respektiv awer och d'Allocatioun do maachen, wou och d'Ressourcen néideg sinn. An de Service Logement wäert sécherlech ee sinn, ee vu ganz villen. Dofir, ech wëll net deen eraushiewen, mee Dir sidd drop agaangen, et wäert sécherlech, wann den abordabele Wunnpark vun der Gemeng méi grouss gëtt, wäert natierlech dee Service sécherlech verstäerkt ginn. Mee ech wëll awer elo net hien hei ervirhiewen, well et si sécherlech och legitim Demandë bei anere Servicer, dass déi och verstäerkt kënne ginn. Voilà dat par rapport zu deenen doten Ausféierungen.

Bon, ech hunn effektiv och op déi Fro geäntwert par rapport zu de Choixen, déi op engem nationale Plang gemaach ginn, par rapport a enger Steierfro, par rapport zu engem NATO-Budget. Wat mech awer och e bësse stéiert, dat muss ech Iech och nach hei soen, dat ass, wann och ee Bléck op de Staatsbudget war, och um Niveau vum Plan plurianiel de financement vum Staat, dee féiert d'Gemengeschold linear weider, wéi wann d'Gemenge weider keng Schold géife maachen. Bon, och dat mengen ech an deem Gefüge hei vum PPF, vum PPF vum Staat, ass och e bësse komesch an der Appreciatioun. Mee bon, ech mengen dofir mierkt een och, wat d'Limitte vum Outil vum PPF deementspriechend wäerten och sinn.

Et ass déi Fro opgeworf gi vum STEP. Dëst Joer am Budget hu mer jo schonn eng Rallonge och deementspriechend dran. An déi wäert och déi nächste Jore weidergefouert ginn. Dat ass am Kader, um Niveau vun de Syndikater. Ech mengen hei sinn net alleguerten d'Projeten opgelëscht. Hei sinn am Fong déi, wou am visibelsten och ganz kloer sinn. Voilà, ech mengen ech hätt probéiert, op verschidde Froen ze äntwerte mat de Rapporten. Effektiv hei nach mat den Taxen. Ech mengen dat eent ass wat national geschitt.

Dat anert ass wéi mir et steieren. An ech ka mer do, voilà, ganz gutt virstellen, dass mer an der selwechter Approche wéi de Jore virdru weider eng kontinuéierlech Hausse um B6 wäerten usetzen. Ech mengen, dass dat ganz kloer eng Approche soll a wäert kënne sinn, fir do och weider den Drock héiczehalen. An effektiv, dat hate mer an der Finanzkommissioun geschwat, an ech wéilt domadder, ophalen, dass wann een un d'Gemengentaxe geet, dass dat en Exercice ass, dee mer fir d'éischt emol mat eise Servicer musse kucken, well et muss jo och gekuckt ginn, bei verschidde Saachen, wou de Käschtendeckungsprinzip och spillt, dass mer d'Analys och mat eise Servicer maachen. An ech kéint mer och virstellen, dass d'Finanzkommissioun déi Plaz ass, wou een dann och am Kader vum Budget, wann d'Zuele bis um Dësch leien, an der Finanzkommissioun och deementspriechend eng Ronn kann dréien.

Ech hat probéiert esou vill wéi méiglech hei auszehuelen an op déi Froen Äntwerten ze ginn. Wéi gesot, dat hei ass en Dokument ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot. Mir wäerten, wéi gesot, wann de Kont vum Joer 2025 virläit, wäerte mer jo eng Finanzkommissioun maache mat de Projeten. Mir wäerten da ronderëm d'Rentrée och eng Finanzkommissioun maachen, wéi mer et déi lescht Jore gemaach hunn, ronderëm d'Mise à jour vum PPF. Do sinn heiansdo ganz liicht Variatiounen, net all ze vill. Ech mengen dat gëtt dann och e bëssen den Ausbléck iwwert déi nächst Aart a Weis, wéi mer da mat der Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng wäerten ëmgoen. Duerfir awer nach eng Kéier Merci hei awer ronderëm Är Aschätzung an och Äert konstruktiivt Abréngen a respektiv de PPF hei vun de Joren 2027, 2028, 2029. Dëst gesot, géif ech hei Diskussioun ronderëm de PPF ofschléissen.

**4.2. Approbatioun vum Notzungstarif fir de Verdeelerreseau vum Äerdgas a Modifikatiounen am Kapitel XIV - : Gas - vum allgemengen Taxereglement**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Loosse mer weiderfuere mam Volet Finanzen an et geet hei ëm d'Duerchlaufgebühr wat de Gas ugeet. Ech mengen Dir wësst, dass d'Stad Diddeleng Proprietär ass vum Gasreseau an dass natierlech och do d'Situatioun déi ass, dass den ILR als Regulatiounsinstitut natierlech d'Präisser fixéiert a mir natierlech dann dru gehale sinn, déi Präisser als Proprietär vum Reseau ze applizéieren. An do ginn et natierlech och verschidde Montanten, déi och festgehale ginn an déi ginn natierlech weiderverrechent, normalerweis sinn et der ëmmer zwee, déi eise Reseau notzen, wou mer d'Durchlaufgebühr weiderverrechnen, dat ass engersäits Enovos an och SUDenergie. Just, fir Iech awer dann och ze soen, d'Kategorie 1, de G4-G16, dat sinn am Fong d'Menagen, do hu mer eng Redevance mensuelle fixe vun 8,69 Euro de Mount, d'Composante Volume 0,31. Dann hu mer d'Kategorie 2, dat ass d'G25-G40, dat sinn d'Schoulen an d'Residenzen, d'Redevance mensuelle fixe, dat ass dann 48,85 a Volume 0,22 an d'Capacitéit 9,4. An dann ass d'Kategorie 3, dat ass d'Industrien, de G65 91,57 bei der Redevance mensuelle fixe G100 133,17 a G400 631,56.

Dat heescht, mir hunn awer och, dat ass da ronderëm d'Locatioun, wéi gesot, vun de Compteuren, wou mer déi dote Montanten deementspriechend applizéieren. A mir applizéieren awer och, wann e Particulier un eis zréckgräift, d'Main d'oeuvre, déi fixéiere mer dann op 33 Euro hors TVA. Dat sinn am Fong déi gängeg Präisser, wéi gesot, déi mer ëmmer hei am Gemengerot fixéieren, also festhalen, nodeems den ILR eis natierlech och domadder saiséiert a seet, dass mer déi applizéiere soen. An déi sinn dann och deementspriechend scho budgetiséiert, well Dir wësst, dass definitiv den ILR seng Decisioun den 8. Dezember geholl huet an och matgedeelt huet. Voilà, dat zu den Ausféierungen. Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall.
Ass de Gemengerot mat der Durchlaufgebühr-Tax averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**4.3. Approbatioun vum Gemengereglement iwwert Subventioun fir d'Participatioun beim Sport vu Kanner an enger prekärer Situatioun**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer zum nächste Punkt. Dat ass d'Aféierung vun enger neier Sportbäihëllef, fir Kanner ze ënnerstëtzen aus akommesschwaache Familen. Et ass e Projet, dee mer ëmsetzen an dee Bestanddeel ass vum lokale Gesondheetsplang, dee mer d'lescht Joer jo opgesat hunn an dee mer d'lescht Joer och hei am Gemengerot virgestallt hunn a wou mer am Fong en Zeeche wëlle setze ronderëm d'Gesondheet an och d'Férderung vu jonke Mënschen, vu Kanner, Kanner a Jugendlecher zwëschent 3 an 18 Joer. Mir hunn och do e Reglement hei geschriwwen, déi och dann eligibel sinn. An dass natierlech d'Ënnerstëtzung ausschléissleg fir Kanner ass, déi an engem Diddelenger Sportveräi sinn, dee federéiert ass an natierlech och déi Hëllefen iwwert den Office social och deementspriechend kréien, deen am Fong dee ganze Screening och vun der Demande mécht.

An dat heiten ass och e Projet, dee jo och zesumme mat der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte gemaach gëtt, wou och dat Ganzt mat finanzéiert an och dru gehaange gëtt un d'Allocation de vie chère, wou mer da maximal 150 Euro pro Kand a par Année civile deementspriechend ginn. Dat heescht och hei soll am Fong déi finanziell Situatioun, an där ee sech befënnt, keen Hindernis sinn, fir kënne Sport ze maachen. An ech weess net, ob de René Manderscheid hei nach e puer Ausféierunge wëll ginn? Wéi gesot, et ass fir d'Joer 2025, wou mer dat aféieren. Et spillt och scho fir d'Année civile 2026. Et huet een also bis Mäerz 2027 Zäit, déi Facturen eranzeschécke vun engem Sportveräin. D'Analyse mécht den Office Social. Eisen neien agestallte Sportscoordinateur, deen iwwerpréift, ob de Sportsveräin och agreéiert ass, respektiv federéiert ass. Ech mengen dat ass déi Kontroll, déi en da gemaach gëtt. An da ginn effektiv dann d'Suen och ausbezuelt un déi Menagen, déi engersäits d'Allocation de vie chère kréien oder, wann se net sinn, keng Allocation de vie chère, unhand vun enger Enquête, déi dann den Office Social och mécht, fir dann effektiv festzestellen, ob eng finanziell schwiereg Situatioun, eng Prekaritéit och an der Famill vorhanden ass. Dat sinn déi zwee Elementer, déi deementspriechend hei spillen. Soudass am Fong näischt am Wee och soll stoen, wann ee finanziell méi schwaach ass, dass een d'Kanner och kann, wéi gesot, och Sport maachen och loossen.

Dat heiten ass am Fong dann och e Pilotprojet, dee mer dann och maachen, wou mer och frou sinn, dass mer dann als dräi Partner hei sinn, nieft der Stad, wéi gesot, och den Office Social, als Etablissement public, an och d'Oeuvre Nationale, also déi fréier Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, wou den Office Social och de Projet eraginn huet, och de Projet zréckbehalen gouf. Dat heiten ass e ganz wichtegen an och e flotte Projet ronderëm de Sport, well den Zougang zu sportlechen Aktivitéiten, dee soll onofhängeg si vun der finanzieller Situatioun vun der Famill.

A mir wëssen natierlech, dass och sech an engem Sportsveräin ze bedeelegen a jiddereen heibannen, deen de près ou de loin, Sport mécht, Sport ass effektiv an engem Veräi sinn, et ass déi sozial Integratioun, et ass den Austausch, et ass d'Inklusioun, et ass d'Zesummeliewen. Ech mengen alles dat sinn Elementer, déi nieft der Gesondheet mengen ech och wichteg sinn an dee Veräin och ausmaachen. An dofir war et eis wichteg, engersäits dat am Plan local santé d'lescht Joer festzehalen an och dat natierlech dann elo och konkreet ëmzesetzen am Kader hei vun engem Reglement. A mir hu jo och schonn de Budget virgesinn am Joer 2026. Dat kuerz als Ausféierung, wat dëst Reglement ugeet. An elo ass d'Diskussioun op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Natierlech fanne mer dat heiten eng ganz flott Saach, dass, Dir hat als Éischt gesot, et ass eng Promotioun vun der Gesondheet, mee ech denken, dass virun allem och dee soziale Volet, deen ass, wéi ech mengen, gläicheebeneg, also ech mengen déi zwee Aspekter si ganz wichteg. Also dass Kanner solle Sport maachen, dat ass ganz wichteg, dat ass ganz kloer, och hir sozial Kompetenzen an de Veräiner ze färderen, dat ass gutt an et soll och keng Differenz gemaach ginn, ob een elo sech besser steet oder net. Mir sinn och ganz frou, dass dat hei e Subsid ass, dee cibléiert ass u Kanner, déi eng Necessitéit hunn, an dass et net eng Géisskan ass a jiddweree kritt e Subsid. An dat hei ass, fannen ech, sou soll et, fannen ech, a ville Saache sinn, dass d'Gratuitéit vu verschidde Saachen ouni sozial Differenzéierung, ass net ëmmer vläicht dat, wat ee sech esou virstellt. Mee bon, dat ass eeben esou a verschidden aner Domainen. Mee hei si mer ganz frou, dass mer do eng cibléiert Subventionéierung maachen.

Ech hu just zwou, dräi Remarken. Ech hat dat elo anescht verstanen, wéi den Här Buergermeeschter et gesot huet. Ech hat gemengt, et géife just déi Kanner et kréien, wou eng Allocation de vie chère an der Famill kréien. Mee Dir hutt elo gesot, Kanner, déi an enger Prekaritéit sinn, do kann awer och eng Enquête gemaach ginn. Dat stellen ech mer awer elo e bësse schwiereg vir. Wéi soll dat vonstatten goen? Wéi stellt Der Iech dat vir? An déi zweet Fro ass d'Allocation de vie chère. Wéi vill, hutt Der do warscheinlech awer héich gerechent, wéi vill Kanner kommen do a Betruecht? An ech menge mir hu jo och en anere Projet, deen och an déi selwecht Richtung geet, och fir Kanner ze ënnerstëtzen. Dat ass dat mat dem Schoulmaterialsubsid, dee mer jo och ugebonnen hunn un d'Allocation de vie chère. Ech mengen och net, dass een do nach kann eng Demande maachen, wann een net d'Allocation de vie chère kritt. Dofir, wéi gesot, dat do ass fir mech elo en neie Moment. Vläicht kënnt Der eis do nach e bëssen Explikatioune ginn, wéi Der Iech dat virstellt, wéi een dat dann evaluéiert? An ob mer dann zum Beispill dee Subsid fir d'Schoulmaterial och opmaache fir Kanner an der Situatioun de précarité. Wat absolutt begréissenswäert ass. Mee ech denken, dass dat awer e bësse schwiereg ass, fir dat dann ze quantifizéieren.

Dann ass och gesot ginn, dat war eng Fro, déi ech mer gestallt hunn, et misst e Sportsclub sinn, dee federéiert ass. Elo hat Dir an Ärer Introduktioun och gesot, dee misst och zu Diddeleng sinn. Wann ech awer elo zum Beispill een hunn, deen an den Hiversport Schlittschong fuere geet. Dat ass e federéierte Club. Deen ass awer elo net zu Diddeleng. An do ass d'Fro och ob dat awer och eng Méiglechkeet ass? Voilà. Also d'CSV begréisst dat heiten explizit. An dat do wäert sécher Succès hunn. Wichteg ass natierlech och elo, dat no baussen ze droen, dass d'Leit och Bescheed wëssen, dass se kënnen eng Demande maachen. Mee ech mengen, mir hu jo do déi verschidde Reseauen, wou dat wäert sécher och gutt klappen. An da si mer och gespaant op de Feedback, wéi vill Kanner déi Demande gemaach hunn a wéi e Succès dat dann och huet. A flott wär et jo net nëmmen déi, déi elo scho Sport maachen, dass déi an de Genoss kommen, mee virun allem, dass mer och nach méi Kanner kréien, déi an de Sport ginn. Voilà. Merci.

MARC MEYER (DP): Voilà, villmools merci fir d'Wuert. Jo, all Joers sëtzen ech hei an der Budgetsried an ech soen, wéi wichteg de Sport ass an dass een do Kolleege fir d'Liewe kenneléiert. An ech fannen dat hei eng fantastesch Saach a wäert dat zu 100 % matdroen, well ech fannen, jidderee soll déi Méiglechkeet kréien, sech an engem Club net nëmmen ze beweegen, mee och nei Kolleege kennenzeléieren, also super an ech hoffen, dass alleguer d'Kolleegen hei dat dann och esou gesinn. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, maja, ech mengen et ass scho ganz Villes gesot ginn. Ech wollt awer och ënnersträichen, dass mir dat hei och als eng ganz flott Initiativ fanne vun all den Acteuren, déi dru bedeelegt sinn. Mir hunn och a sämtlechen Diskussiounen eis och ëmmer dofir agesat, dass de Kanner den Accès zum Sport erméiglecht gëtt. Mir hu ganz vill Diskussioune schonn doriwwer gehat an ech fannen dat heiten an der Kontinuitéit natierlech eng top Geschicht. Mir hunn och d'Gedankenexperiment weidergesponnen. Et ass gesot ginn, déi sozial Integratioun vun de Kanner ass nieft deem sportleche Volet vun de Kanner een Haaptfacteur fir ze ënnerstëtzen.

Ech gesinn et awer och e bëssen erweidert op d'Familljen, déi ëmmer mat am Coup sinn, wann et drëms geet, fir op en Training ze goen, wann et drëms geet, fir op e Match ze fueren. An et schaaft een am Fong och do mat der ganzer Famill e soziale Reseau, deen een esou anescht net hikritt, well dat doten, wann een an engem Club ass, bréngt dat d’Kanner aus Diddeleng zesummen. An et léiert een nei Leit kennen, och déi Erwuessen, d'Eltere léieren neier kennen, schwätze sech vläicht of, fir zesummen op e Match ze fueren oder op eng Competitioun ze fueren. Dat heescht, mir gesinn et och doriwwer eraus als eng Plus-value fir dat soziaalt Ëmfeld vun de Leit, déi sech vläicht net den Accès

kéinten an déi Sportswelt do leeschten. Well op där anerer Säit ass et och verständlech, dass d'Clibb hir Cotisatioune froen, well si hunn och Lizenzen, Traineren an Equipement ze bezuelen. Dat och op där Säit steet. An d'Clibb profitéieren, denken ech, och vun där heiter Moossnam, well se och vläicht d'Leit motivéiert kréien, fir dann awer iergendwou eng Kéier d'Grillzaang an de Grapp ze huelen op engem Fest, un déi se vläicht och soss net géife kommen. Dat heescht, mir gesinn et wierklech als eng wonnerbar Aktioun a mir géifen dat heiten och eebe mat ënnerstëtzen. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Majo, mir begréissen déi hei Initiativ komplett. An ech war elo nach net méi wéi virun zwou Wochen op enger AG an ech si mol gewuer gi, wat Memberskaarte kaschten. An do hunn ech awer musse mol eng Kéier ferm schlécken. An nieft der Memberskaart ass et net nëmmen d'Memberskaart, mee da kommen nach d'Schong derbäi, d'Costumer derbäi. Meng Kanner hu lo Basket gemaach an do krute mer déi Saache gestallt. Mee ech hunn erausfonnt, dass een a ganz ville Clibb muss d'Uniformen nach extra bezuelen an hei an do. An dat mécht e Montant, dee ganz séier an d'Dausende geet, fir ee Kand. Vun där Hisiicht begréisse mer dat, well et immens schwéier ass fir, grad sozial Schwaacher, kënne Sport ze maachen an d'Saachen eeben ze hunn. An dofir stëmme mir dëst mat.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci. Ech hunn dat heite schonn an der Budgetsried begréisst an dem Schäfferot och felicitéiert fir déi Initiativ, well, also mir sinn eis hei alleguerten eens, mengen ech um Dësch, dass dat heite wierklech eng ganz positiv Initiativ ass. Ech mengen, ech war op där selwechter AG wéi d'Madamm Dimmer. An effektiv, och fir d'Veräiner, déi sinn immens professionaliséiert, déi meescht Veräiner hei zu Diddeleng, déi hunn Trainer, déi hu Material, déi hunn immens vill Käschten. Dat heescht, et ass eigentlech och e bëssen eng Hëllef, an deem Sënn, fir d'Veräiner, déi natierlech probéieren, sou vill wéi méiglech Kanner opzehuelen. Et wëll jo kee Veräin engem Kand d'Dier virun der Nues zouschloen, dat einfach déi finanziell Mëttelen net huet. An ech mengen, do sinn d'Veräiner och alleguerten oppen, fir do ze hëllefen. Mee dowéinst ass dat heiten awer och eigentlech net nëmmen eng Hëllef fir déi Famillen a fir déi Kanner, mee och fir d'Veräiner an deem Sënn.

Et ass och scho gesot ginn, dass Sport a Gesondheet ass dat eent, sozial ass dat anert. Mir haten nach ee Moment iwwerluecht, okay, mee wéi ass et mat der Kultur? Mee den Zougang zur Kultur ass am Fong scho gréisstendeels abordabel. D'Musekschoul ass gratis, mir hunn de Kulturpass, do ass schonn immens vill. Dat heiten ass elo eppes Weideres, wat awer nach méi opgemaach gëtt. Mir hunn e ganz grousse Choix hei zu Diddeleng u Sportveräiner. Also et gëtt wéineg, wat een net ka maachen. Et ass effektiv elo d'Fro, d'Madamm Kayser huet vu Schlittschongfuere geschwat, ech menge mir hunn och kee Volleyballveräin. Ass dat eng Optioun, fir ze soen, okay, wann elo wierklech Kanner wëllen e Sport maachen, wou et kee Veräin an deem Sënn hei zu Diddeleng gëtt, ob een dat kéint fir déi opmaachen? Mee ech menge mir sinn eis alleguerten eens, dass awer elo, wann et e Fussballveräin hei zu Diddeleng gëtt an d'Kanner ginn op Schëffleng Fussball spillen, dass een dat net onbedéngt muss ënnerstëtzen. Mee vläicht kann een dat opmaache fir Saachen, wou et keng Alternative gëtt. Mee op alle Fall begréisse mer dat heiten och.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Neen, ech wollt am Fong just dem Här Meyer äntweren, dee gesot huet, Sportsveräiner si wichteg fir Kolleegen ze fannen. Ech weess elo och, wat ech mäi Liewe laang falsch gemaach hunn, wann ech keng Kolleegen hunn. Awer, ech wëll awer just an de Raum geheien, d'Scoute kann een och gebrauche fir Kolleegen ze fannen. De Bäitrag vu 15 Euro, deen ass bescheiden, geet ausserdeem nach integral an d'Stad fir d'Assurancen an esou, a bei de Scouten do - wat sollt ech nach soen - ah! bei de Scouten effektiv ginn d'Traineren net bezuelt, well se benevole sinn. An ech mengen, sou gi mer alleguer gutt eens. Mee dat hei ass eng super Saach. Also ech wëll et einfach op kee Fall minimiséieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Gangler. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da wéilt ech awer hei effektiv Merci soen, fir déi ganz breet Zoustëmmung zu där Approche, déi mer hei maachen. An et ass richteg, ech menge wa mer dat heiten hei stëmmen, gi mer och e staarkt Zeeche vu lokalen Initiativen um Niveau vun der Gesondheetspolitik an och vun der Sozialpolitik. Ech mengen, dass déi zweet intimement hei liéiert sinn. Ech wëll awer hei soen, well déi Fro opkomm ass, well ech dat gesot hat, an den Artikel 2, mir schwätze jo iwwert d'Beneficiairen. An do steet “Bénéficiaire de l’allocation de vie chère au moment de la demande ou reconnu comme étant dans le besoin par l 'Office social à la suite d'une enquête sociale”. Ech hunn näischt Aneschters gesot wéi dat, wat hei steet, also ech hunn näischt Falsches gesot. Ech hu mech hei op den Artikel 2 beruff, wat d‘Beneficiairë kënne sinn. Entweeder si se Beneficiaire vun enger Allocation de vie chère oder et gi jo och Leit, déi net Beneficiaire si vun enger Allocation de vie chère, déi nawell an enger finanziell prekärer Situatioun sinn, wou dann den Office social am Kader vun enger Enquête sociale awer ka festhalen, dass se kënne Beneficiaire si vun dësem Subsid, dee maximal op 150 Euro geet.  Et sinn am Fong, déi zwee Voleten, déi hei en Consideratioun gezu ginn.

Dir wësst jo och unhand vum Rapport annuel, deen den Office social jo hei mécht, do si jo déi Leit, déi eng Hëllef kréien och vum Office social, déi sinn net alleguerte Beneficiaire vun enger Allocation de vie chère. Et si jo och aner Leit do, déi mol eng Hëllef kréien. An et reit sech mengen ech an dee Kontext och deementspriechend hei an. Et war déi Fro opkomm mat de Veräiner. Jo, och e Veräin, deen elo hei an Diddeleng zum Beispill net wär, mee deen auswäerts wär, wou een ageschriwwen ass. Ech mengen hei gëtt d'Konditioun gekuckt vun der finanzieller Situatioun. An da kritt natierlech och do deen Haushalt, déi Famill, respektiv dann och d'Kand, wat de Beneficiaire direct ass, och dann deementspriechend gehollef. A jo, mir hunn natierlech gekuckt, wat de Potenzial kéint sinn. An de Potenzial wäre 694 Kanner tëschent 3 an 18 Joer, déi susceptibel wären, heivunner kënnen ze profitéieren. Susceptibel wären. Dat wëllt net heeschen, dass se alleguerten effektiv an engem Sportsveräin sinn, mee si si susceptibel, dat ass den theo-

reetesche Maximum vu Beneficiairen. Do muss een natierlech dann elo kucken herno am Detail, ass dann och jiddereen an engem Sportsveräin? Ech mengen dat kënnt jo nach, do gëtt dann d'Selektioun herno gemaach. Mee de Maximum identifiable si 694 Kanner. Ech mengen, dass dat der schonn zimmlech vill sinn, déi och kéinten deementspriechend hei an de Benefice kommen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, fir d'Explikatioun eebe vun där Eligibilitéit. Mee wéi gëtt dee Krittär da festgehal? Et ass jo da vill méi schwéier, wann s de lo sees, déi vun der Allocation, déi eng Allocation de vie chère kréien, déi hu mer. A wéi maache mer dat dann? Wou setze mer dat dann un? Oder ass dat zum Beispill Monoparentauxen, dass déi, also wéi soll ech soen, dass deenen hir Kanner éischter e Subsid kréien? Oder wéi setze mer do d'Staffelung un? Dat wär vläicht awer interessant, awer och nach eng Kéier ze kucke wéi den Office Social do d'Prekaritéit identifizéiert. Well zum Beispill d'Monoparentauxen, dat weess een, déi sinn automatesch an enger gewëssener Prekaritéit. Ech mengen, do brauche mer net hei eng grouss Diskussioun opzemaachen. Mee wéi, wéi sinn do d'Krittären? Dat wär vläicht interessant, vläicht an enger nächster Sitzung oder esou, datt eng Kéier, wéi hir Grillë sinn oder wéi den Office Social dat wëll, also quantifizéieren och. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Do ginn et keng Grillen.Wann eng Enquête sociale gemaach gëtt, do kuckt den Office social vum Menage reng d'Depensen an d'Recetten, also Recetten, Salaire, wat weess ech net alles, respektiv all déi aner Subsiden, wou ee ka kréien, an dann och d'Depensë ginn all gekuckt. An och all Depense, dat geet vun der Handysrechnung bis zu Poubelletaxen und und, do gëtt all Depense gekuckt, an da gesi si jo schonn opgrond vun deem, wat iwwreg bleift Enn des Mounts, oder net iwwreg bleift, wéi héich dann déi 150 respektiv dee Montant, dee mer am Kader vun deenen 150 Euro, wéi deen da festgesat gëtt. Do gëtt et keng Grille, dat ass och net Pi mal Daumen, mee et ass, wéi gesot de Verglach Recette-Depense, an da gëtt gekuckt, wat kréien déi Leit bäi. Dat ass net méi schwéier.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci. Gutt, da mengen ech kéinte mer hei d'Diskussioun ofschléissen an zum Vott iwwergoen. Wien ass mat dësem Reglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech och do villmools Merci.

**4.4. Approbatioun vun der Konventioun mat der Associatioun Diddelenger Geschichtsfrënn a.s.b.l. fir e puer Lokaler am Hal Polyvalent, Beetebuergerstrooss**

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, eng Konventioun, déi mer hei sollen, wannechgelift, dann approuvéieren. Jo, och hei sinn erëm Frënn am Spill. Et geet ëm déi Diddelenger Geschichtsfrënn. An Dir hutt et bestëmmt erëmerkannt, dat ass dat nämmlecht Konstrukt, wat mer fir Gaart an Heem, bezéiungsweis déi Kolleegen aus dem Sportsmusée opgestallt hunn, am Kader vun der Mise à disposition vun deene Lokalitéiten am Hal Polyvalent, wou se se dann nieft deem Konferenzraum awer och hir Depoten, bezéiungsweis hei nennen se et éischter Archiven zur Verfügung gestallt kréien. Soss de Rescht, d'Durée an och de Loyer, wéi gesot, ass ganz änlech wéi mat deenen zwee Veräiner déi ech virdrun ernimmt hunn.

D'Kollaboratioun ass hei an deem Sënn fir eis als Stad Diddeleng wichteg, well d'Geschichtsfrënn e gewëssene Patrimoine vun der Stad Diddeleng sammelen, zur Verfügung stellen, fir dass awer och d'Leit dat kënnen an enger Expo oder am Kader vun enger Konferenz, déi jo och och reegelméisseg Opderschmelz stattfanne wäerten, thematiséiert gëtt. Ech mengen, dass dat fir eis wichteg ass, dass do e Patrimoine erhale bleift, opgeschafft gëtt an och ni verluer gëtt. Ganz flott ass et och hei, dass eng ganz gutt Kollaboratioun mat eiser Commission ad hoc Mémoire collective stattfënnt, wou dann och den Austausch wichteg ass, wou d'Stad Diddeleng a seng Biergerinnen a Bierger natierlech kënnen dovunner profitéieren. An och artgerecht an anstänneg erhale bleift fir d'Zukunft. Voilà. Ech hoffen, dass Der dat och änlech gesitt an der Konventioun hei zoustëmmt. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Also ech fannen och dat, wat d'Geschichtsfrënn do maachen, dat ass eng flott Aarbecht. Wann ee schonn op esou enger Konferenz dobäi war, dat ass ëmmer ganz interessant. Et gëtt ee villes gewuer, wat een net esou weess. An et ass wierklech flott, dat wat si maachen. Och dat wat an der Konventioun drasteet, dass am Fall vun enger Opléisung, dass dann alles der Gemeng géif gehéiere vun deene Materialien, déi se zur Verfügung gestallt kréien. A wat mer och gutt gefält, dat ass, dass et fir d'Bierger soll accessibel sinn, dass déi och kënnen dervu profitéieren. Wat ech elo e bësse manner flott fonnt hunn un der Konventioun ass, dass se säit dem 1. Januar Kraaft ass, och wann et drasteet, dass se eréischt geltend ass, andeems se duerch de Gemengerot geet. Se ass de 4. Dezember ënnerschriwwe ginn. Dat heescht, do waren am Fong och zwee Gemengeréit dertëscht, wou mer schonn hätte kënnen driwwer ofstëmmen an eis konstruktiv Awänn vläicht och hätte kënne mat abréngen an déi doten Diskussioun.

Eng Fro hätt ech dann awer nach zum Schluss. Wéi ass déi Konventioun do zustane komm? Gëtt et do iergendwéi, also vum Modus hier, si si op Iech duerkomm? Sidd Dir op si duerkomm? Well et gi jo sécherlech méi Associatiounen, déi e Lokal sichen, respektiv och brauche fir hir Aarbecht, déi se leeschten. Ginn et do nach esou Lokaler, falls een eng Associatioun géif kennen, déi sou eppes géif sichen? A wéi kann ee sech do mellen? An et stoung eppes dra vun de Postes de travail, déi si do zur Verfügung gestallt kréien. Och dat kéint interessant si fir déi eng oder aner ASBL, wat een eeben do misst maachen, fir dovu kënnen ze profitéieren. An déi allerlescht Fro, de Locatiounspräis vun deene 5 Euro gesinn ech als éischter symbolesch. Ass dat esou eppes, a Bezuch op déi Froen do virdrun, fir eng aner ASBL vläicht, oder wat muss do d'Ausriichtung sinn? Op jidde Fall wäerte mer dat doten aus deem éischten Argumentaire hier matstëmmen, well mer hir Aarbecht wierklech gutt fannen an och déi Accessibilitéit flott fannen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, merci. Jo, ech mengen och, dass een dat do muss würdegen, well dat ass jo awer Mémoire collective, a wann do Saache verluer ginn, dat ass ëmmer ganz dramatesch. An ech hat mer och déi Fro gestallt, wéisou dee Punkt Garantie misst sinn? Et ass jo hiert Lokal? Si hu jo elo schonn e Büro an zwee Postes de travail. Dat heescht, si kréien zwee Schreifdëscher mat Computer a Printer, esou, voilà. An da sinn ech awer och frou ze wëssen, dass si Archiven hunn. D'Fro ass, deele se sech déi mat deene vum Sportsmusée oder huet jiddwereen säin eegent Archiv? A wat awer och wichteg wier, dat ass, dass, wa Leit, Familien, eppes där ASBL do wëlle ginn, fir fir d'Éiwegkeet ze halen, dass dat och a gutt Hänn kënnt, dass dat net um Wee ënnerwee verluer geet, well vläicht iergendee gemengt huet, dat do muss elo an d'Pabeiersammlung... An duerfir fannen ech et wichteg, dass déi Archiven zougänglech si vun deene Verantwortlechen zu all Momenter, well et hir Archive sinn an déi si och do kënne mat enger gewësser Sécherheet Saachen draleeën, fir dass näischt do virkënnt. Ech soen Iech Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo merci Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, fir eis ass et och wichteg, mir wëssen all wéi wichteg d'Geschicht fir eng Stad ass. An ouni Leit, déi dat dokumentéieren, géif warscheinlech e Stéck vun der Stad verluer goen. Ech mengen d'Diddelenger Geschichtsfrënn sinn eng kompetent Ekipp, déi och ganz vill Engagement an hir Aarbecht stiechen, fir datt d'Diddelenger Geschicht net verluer geet. Dofir wäerte mir, am Numm vun der LSAP, och de Geschichtsfrënn eng Kéier wëlle Merci soen, fir déi Aarbecht, déi se gewëssenhaft maachen. A selbstverständlech wäerte mir dës Konventioun och matdroen.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, dann emol merci fir dee positive Feedback. Da ginn ech dovun aus, dass Der déi och alleguerten esou stëmmt. Jo, et ass e bësse wéi den Här Goergen et gesot huet, si hunn e ganz speziellen Optrag, wou mir als Stad Diddeleng och gutt profitéieren, andeems se eise Patrimoine opschaffen, opbereeden an awer och esou archivéieren a versuergen, dass een an x Joren och nach kann dat zréck noverfollegen. An et ass an deem Sënn fir eis och als Gemeng, si sinn un eis erugetrueden, wou si gesot hunn, voilà, mir hunn e speziellen Optrag, mir hunn eng nei Dynamik, si hate sech och nei opgestallt, dat hutt Der jo matkritt. Deementspriechend ware mir als Gemeng frou, dass mer do konnten hëllefen. An, wéi gesot, d'Konventioun, och déi 5 Euro, dat ass änlech oder genau d'selwecht wéi bei deene vum Gaart an Heem, bezéiungsweis vun dem Sportsmusée. Mir wollten do keen neie Moment setzen. Et ass effektiv éischter symbolesch. Si hunn do flott Méiglechkeeten, sech ze gesinn, Leit ze empfänken, déi effektiv, wéi den Här Gangler et ugedeit huet, déi Saachen doheem hunn, déi Saachen erëmfannen, aus iergendengem Grond, beim Raumen oder beim Plënneren.

An da kënne se entweeder un de Sportsmusée oder un d'Geschichtsfrënn eruntrieden, déi dat dann eebe kucken, opbereeden an dann och deementspriechend archivéieren. Do ass d'Collaboratioun ganz enk zwëschent deenen zwou ASBLen. Dofir ass et och flott, dass se zesummen op deem Site sinn. An dofir sinn och déi Raimlechkeeten esou opgesat, wéi se sinn, dass se kënne sech zu méi oder zu manner, jee nodeem wéi de Besoin ass, do an deene verschiddene Raimlechkeeten treffen. Am Allgemengen, den Här Steffen hat d'Fro gestallt, wenden d'Veräiner sech reegelméisseg un eis, wa se e Besoin hunn, sief et un d'Reuniounssäll, sief et un Depot. An dann ass et virun allem, jo e sëtzt nach hei den Här Freitas, dee sech do mam Schäfferot concertéiert, fir ze kucke wat fir eng Demande kréie mer? Wat ass de Besoin? Mir sinn ëmmer frou, wann d'Veräiner de Besoin och besser definéieren. Wéi grouss stelle se sech deen Depot vir? Ass dat en Depot, deen all all Woch op- an zougemaach gëtt? Oder ass dat eppes, wat just all een oder zwee Mol am Joer ausgegruewe gëtt, soen ech elo mol.

An da gëtt gekuckt, wat hu mer nach vun d'Disponibilitéiten, wéi sinn d'Prioritéiten, bezéiungsweis a wéi eng Delaie sinn déi verschidden Demandë komm? An da probéiere mer do, esou gutt wéi et geet, jiddwereen zefridden ze stellen. Mee, änlech wéi et virdrun am Sport war, mir hu ganz vill Sportsveräiner, hu mer och ganz vill an aktiv Associatiounen, soudass een och do heiansdo muss e bësse Gedold hunn, bis mer do kënnen eng positiv Äntwert ginn. Dat gëtt ëmmer, sou wéi gesot, als Ganzt gekuckt Voilà, ech mengen elo hätte mer op d'Froe geäntwert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Loris Spina. Da géif proposéieren, dass mer zum Vott deementspriechend och iwwerginn. Wien ass hei mat der Konventioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci.

**4.5. Approbatioun vum Devis estimatif fir eng Rei vu Renovatiounsaarbechen – Reparatur- an Entretiensaarbechten, Vitraux, Polychromie, Stee, Uergel – vun der St Martins-Kierch**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass den Devis estimatif fir Aarbechten, Renovatiounsaarbechten a Reparatiounsaarbechten an der StMartins-Kierch. Ech begréissen do och eise Mataarbechter, den Här Repusic, dee sech am Detail och ëm d'Ausféierung vun deem Dossier bekëmmert.
Hei hu mer en Devis vun 200.000 Euro. Deen hate mer och schonn deelweis am Budget rectifié vum Joer 2025 an och am Budget initial 2026 drastoen. Firwat musse mer déi Aarbecht maachen? Ech gi kuerz drop an. Mir si jo Proprietär vun deem Patrimoine architectural, dee mer effektiv hunn, vun der Kierch säit 2017. Et ass och säit 2017, wou jo de Monument national ass, wou mer dann och fir déi Aarbechten do e Subsid kréie vum INPA respektiv da vum Kulturministère. A bon, et ass opgefall, dass duerch Waasserinfiltratiounen iwwert den Daach, do sinn am Fong Molereie beschiedegt ginn. A voilà, d'Ausbléiunge vum Waasser, déi hunn natierlech och dozou bäigedroen, datt d'Faarf sech un de Mauere léist.

A bon, nodeems mir dann och d'Ursaache fonnt hunn an deelweis och d'Gouttiere gefléckt goufen an d'Maueren och elo elo net méi naass sinn, voilà, kann een elo déi beschiedegt Plazen an effektiv d'Molereien dann do frësch maachen. Et ass awer och Fënsterglas, dat futti ass. Och dat gouf erausgeholl muss da frësch agebaut ginn. Wou

mer och mat engem Expert ronderëm de Vitrage dat an enker Ofstëmmung eeben alt mam INPA deementspriechend och maachen, fir dass dat ka gemaach ginn. Fir déi ganz Aarbechten, an dat gesitt Der och am Devis, do brauch een och den Echafaudage, och dee gëtt mat subventionéiert. D'Vitrauxe gi mat subventionéiert, well dat ass och en Deel vun der Uergel, déi huet misse renovéiert ginn. Also, wéi gesot, et sinn och eng Rei Subsiden, wou mer hei da vum Kulturministère kréien, fir déi Aarbechten ze maachen. Mee virun allem musse mer dann elo mol hei den Devis vun 200.000 Euro stëmmen, fir dass mer dat kënnen an Ugrëff huelen. Voilà, dat mengen ech summa summarum wat d'Ausriichtung vun dësen Aarbechten a Renovatiounsaarbechten ugeet.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Et war mengen ech elo keng grouss Iwwerraschung. Ech fänken effektiv ganz positiv un. Ech menge mir sinn eis alleguerten um Dësch hei eens, dass d'St Martins-Kierch e ganz schéint Gebai ass. Eng Uergel, déi mat zu deene gréissten Uergelen aus der Grossregioun gehéiert, wou och vill Concerten international gespillt ginn, wou CDen opgeholl ginn, wéi ech weess. Ech hat virun e puer Joer d'Chance eng Kéier duerch d'Uergel ze trëppelen. Se ass nämlech esou grouss, dass ee kann duerchtrëppelen. Also et ass wierklech immens. An d'Gebai ass immens schéin. Mir hu jo och Concerten dobannen. An dat alles wëlle mer natierlech bäibehalen. Nichtsdestotrotz wäert et lech net iwwerraschen, dass mir prinzipiell fir d'Trennung vu Kierch a Staat sinn. An an deem Sënn vun der Trennung vu Kierch a Staat ass fir eis eng Kierch, déi geweit ass, wou d'Gemeng net d'Decisiounskraaft doriwwer huet, wat an deem Gebai geschitt. Se kann zwar Concerten do organiséieren, mee eigentlech läit et net an der Decisiounskraaft vun der Gemeng.

An an deem Sënn ass et fir eis net konform zum Prinzip vun Trennung vu Kierch a Staat, wa mat ëffentleche Gelder elo déi Kierch hei renovéiert gëtt, woubäi de Kierchefong eigentlech wierklech déi néideg finanziell Mëttelen hätt. Ech weess, mir wëssen, mir hunn Erfarung gemaach, virdrun an der Korrespondenz ass nach iwwert d'Kapell Saint-Eloi geschwat ginn, dass de Kierchefong natierlech och net ëmmer seng Responsabilitéit dréit. Mir wënschen natierlech mat Sécherheet net deem dote Gebai dat selwecht Schicksal, wéi dat wat déi Kapell do duerchgemaach huet. Mee ech fannen, dat ass et sech awer och e bëssen einfach gemaach, well dat ass dann awer e bësse selbstverschuldete Unmündegkeet, wann dann de Kierchefong einfach näischt mécht an d'Gebaier zerfale léisst, an da seet d'ëffentlech Hand elo, jo, mee da musse mir dat iwwerhuelen an da musse mir eis drëm këmmeren. Ech fannen dat ass sech e bëssen einfach gemaach.

An dowéinst wäert et lech net iwwerraschen, dass mer dat heiten natierlech net kënnen ënnerstëtzen. Virun allem, mir stëmmen elo en Devis vun 200.000 Euro. Dat ass awer net alles, well am PPF ware 750.000 Euro virgesinn. Et wäerte jo warscheinlech dann nach weider Phase kommen. Hei si mer jo elo ganz lokal. Ech hat dat schonn an der Budgetsried gesot. Et geet net ëm d'Gebai. Mir fannen et e schéint Gebai. Mee et ass, prinzipiell geet et fir eis géint de Prinzip vun der Trennung vu Kierch a Staat. An dowéinst kënne mir dat heiten net matdroen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Same procedure as every year. Et ass scho richteg, dass dat Gebai muss erhale ginn. Ech mengen et ass e wichtegt Gebai hei zu Diddeleng. Ech hat eng Kéier gesot, et ass grad esou wichteg fir Diddeleng wéi de Sendetuerm an de Waassertuerm. Elo ass et jo esou, mir hunn an deem Gebai, déi Fresken, déi sinn elo honnert Joer al. Dat ass eppes Eemoleges, dat ass eppes mat engem héije Konschtwäert un dat scho ganz vill investéiert ginn ass fir se nei ze maachen. Elo huet eeben dann d'Ondichtegkeet vun de Maueren derzou gefouert, dass dat futti gemaach ginn ass. An duerfir muss dat elo ersat ginn. A fir d'Uergel ass et d'selwecht. Dat ass eng Uergel, wou och Milliounen dragepompelt gi sinn, déi hiren immens héije Stellewäert huet. An et wier einfach irresponsabel, dat elo verkommen ze loossen, wann een net e gewëssen Entretien géif maachen. An ech géif bal mengen, fir déi zwee Wäertschätzer do ze erhalen, ass et absolutt onwichteg, ob an engem Gebai nach Massen ofgehale ginn oder nëmmen nach Concerten. De Prinzip ass dee selwechten.

Wann engem dat Gebai gehéiert, an dat hutt Der jo elo selwer ugeschwat, par rapport zur Saint-Eloi-Kapell, wann engem dat Gebai gehéiert, an et si Wäertschätzer dran, da muss een och kucken déi ze erhalen. Ech mengen, wann een am Louvre eng Fënster opstoe léisst an et verschwënnt d'hallef Sammlung, dat ass net grad ideal. An et muss een och kucken, dass dat erhale gëtt, an dass et net geet wéi bei enger Teutloff Collection, wou herno alles futti ass, well net duerno gekuckt ginn ass. An ech mengen dann ass et komplett wurscht, ob do nach Masse sinn oder net. Au contraire, wann nach Massen do sinn, gëtt dat Gebai e bësse belieft. An et gëtt eng gewësse Fiichtegkeetsregulatioun, déi och wichteg ass fir d'Uergel souwuel wéi fir d'Molereien. An ech mengen dann ass et egal, wat bannendra stattfënnt, wichteg ass, dass dat, wat eng Kéier deier restauréiert ginn ass, och weider erhale gëtt.

An do fannen ech et och gutt, dass do nach de Wifi elo dra kënnt. Well ech kéint mer virstellen, dass een un dee Wifi kéint och Sensore koppelen, wat d'Temperatur an d'Fiichtegkeet ugeet, well déi Uergel, déi muss zum Beispill eng konstant Temperatur vun 19 Grad hunn. An dofir wuessen eis och d'Käschte vum Hëtzen iwwert de Kapp. Mee dat ass einfach eng Reegel, déi muss agehale ginn, wa mer déi wäertvoll Uerge wëllen erhalen. An dat ass och erëm onofhängeg dovun, ob do nëmme Concerte gespillt ginn oder ob och an de Masse mol déi Uergel bedriwwe gëtt. An ech menge mir sinn einfach komplett hannert där Saach, well mer gesinn, dass et net anescht geet. Et kann een dat net verkomme loossen, egal wien den Usufruit vun där Installatioun do huet. An duerfir wäert et lech och net iwwerraschen, dass mir am Fong hei der Madamm Thoma musse leider widderspriechen an dass mir awer der Meenung sinn, et ass ganz wichteg, dass eppes hei drugehaange gëtt. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Just ganz kuerz, et ass scho villes gesot ginn an et ass och presentéiert ginn. Mee als Militant vum Patrimoine kann

ech hei net näischt soen. Et ass net nëmmen eng Kierch, wéi et schonn e puermol ugeklongen ass, et ass net nëmmen e Gebai, mee et sinn och Fresken, déi musse geschützt ginn. A wann een erageet, da gesäit ee wierklech déi ganz Richesse vum Gebai, déi opbléit, wann ee bis dobannen ass. A vu bausse sinn et esou esou Steng, mee vu bannen, et ass wierklech e Chef-d'oeuvre. An dofir, ech war scho laang net méi dobanne muss ech zouginn, ech ginn net all Sonndes dohinner, an ech hunn dat effektiv net gesinn. Mee wou ech dat gelies hunn, muss ech soen, ech war e bëssi erféiert, dofir ech hoffe mir kënnen esou vill wéi méiglech retten an dat restauréieren, well dat mécht e groussen Deel vum Gebai aus.

Déi Diskussioun natierlech zwëschent Trennung Kierch a Staat, ganz legitim, an et ass och legitim, déi ëmmer erëm ze féieren an op den Dësch ze leeën. Mee wann de Kierchefong awer mat sengem Patrimoine esou ëmgeet an déi Saachen einfach faule léisst, soen ech elo mol, ass et net akzeptabel. A mir schwätzen hei vun engem Patrimoine culturel vum ganze Land, vun eiser Kultur a vun eiser Geschicht. An dofir ass et gutt a wichteg, datt awer eng ëffentlech Hand, och wann et net de Kierchefong ass, elo hei handelt. An natierlech si mer och frou fir all Subsid, dee mer kënne kréien, fir dat Ganzt ze ënnerstëtzen. Merci.

MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Punkt geet et ëm d'Approbatioun vum Devis estimatif fir déi virgesi Renovatiouns- an Erhalungsaarbechten un der Kierch St Martin. D'Kierch ass e wichtegt Gebai an eiser Gemeng, aus historescher, architektonescher a lokaler Siicht. Si gehéiert zanter laanger Zäit zu eisem Duerfbild a prräägt de Charakter vun eiser Stad. Déi geplangten Aarbechte sinn néideg fir dee gudden Zoustand vum Gebai ze erhalen, a batter néideg, wéi mer och elo héieren hunn, fir weider Degradatiounen entgéintzewierken. Et geet net ëm fakultativ Verbesserungen, mee ëm noutwendeg, absolutt noutwendeg Ënnerhalts- a Restauratiounsmoossnamen, déi verhënneren, datt d'Käschten an Zukunft nach méi héich ginn an dës op de Schëllere vun den zukünftege Generatioune leien. Als Gemeng hu mir eeben och d'Responsabilitéit, och wann aner Leit wéi de Kierchefong dësen net nokommen, eis ëffentlech an historesch wäertvoll Gebaier seriö an nohalteg ze geréieren. D'Kierch ass dobäi eng oppe Plaz, déi all Diddelenger an och Visiteuren aluet, sech vun hirer architektonescher a kënschtlerescher Qualitéit ze iwwerzeegen. Aus dëse Grënn wäerte mir dëse Projet natierlech ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madamm Loullingen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech dem Här Repusic sidd d'Wuert ginn, fir eng Rei technesch Erklärungen ze ginn, déi hei gefrot goufen an da ginn ech och nach op e puer Punkten an.

IVICA REPUSIC (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Vill technesch Saache sinn u sech schonn erkläert gi vum HLG, vum Büro, deen dat do zesummegestallt huet. HLG, dat ass e Büro, deen déi ganz Kierch eng Kéier analyséiert huet, vu vir bis hannen. Ech mengen zënter 2013-2012 sinn déi Saachen, lafen déi schonn, dass dat gekuckt gëtt wat do gemaach gëtt. Dass mer déi do Saache musse maachen, dat ass kloer. Et ass schued, dass et verfält. Et géif nämlech weidergoen. Et ass net, dass ee ka soen, elo ass dréchen, et geschitt näischt, mee et geet weider duerch d'Fiichtegkeet, déi am Gebai ass. Also muss een och eppes dru maachen. Et ass net, dass mer dat elo nëmme schéi maache mussen, well soss geet et weider futti.

Wat den Här Gangler gefrot huet, de Wifi. Jo, mir iwwerwaachen d'Kierch, well mir kënnen eis all déi technesch Anlagen, déi mer dran hunn, fir d'Heizung ze iwwerwaachen, fir d'Temperaturen ze iwwerwaachen, kënne mer och duerch de Wifi da maachen. Dat hëlleft eis dobäi. A mir wäerten an deenen nächste Joren nach misse vläicht e puer Saachen dru schaffen, well et en ëffentlecht Gebai ass. A mir mussen dat dann och ëffentlech konform maachen. An dat maache mer dann ëmmer an Zesummenaarbecht mam Schäfferot, fir ze kucken: Wat brauche mer do? Wat kënne mer maachen? A wat solle mer maachen? Dat sinn, bon, fir déi nächst Joren, fir elo ze soen, wat mer elo genau maachen, dat ass schwéier ze soen, well mer dat da Joer fir Joer wollte kucke wou mer dohi ginn, wou mer histeieren. Nach aner Froen?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi doten Erklärungen. Ech wollt vläicht op zwee, dräi Punkten agoen. Mir hunn 2017 de Choix gemaach, effektiv hei Proprietär ze gi vun der Kapell. A wann ee Proprietär vun enger Gebailechkeet ass, dann ass een och verflicht, fir den Ënnerhalt a fir d'Renovatioun ze suergen. An ech si ganz bei Iech mat der Eligius-Kapell. Mir hunn 2017 de Choix gemaach, Proprietär ze ginn hei vun der St. Martinskierch, mee net vun de Kapellen. De Kierchefong ass Proprietär gewiescht vun der Eligius-Kapell, déi och Monument national war. An de Kierchefong ass e ganz schlecht Beispill, wat den Ënnerhalt a Renovatioun vun engem Patrimoine ugeet. An ech wëll net, dass mer do och als Stad Diddeleng an dat selwecht Dëppe géife geheit ginn, wa mer där Flicht, déi mer hunn als Proprietär net géifen nokommen. An dofir, mengen ech, ass et och wichteg, déi Aarbechten hei ze maachen. A wéi den Här Repusic och erkläert huet, kucke mer jo dann do mam Büro respektiv och mam INPA zesummen, esou vill wéi méiglech och Subsiden ze kréien, fir déi doten Aarbechte kënnen ze maachen.

An ech muss awer och hei soen, dass vun do un, och schonn éier mer Proprietär gi sinn, virun 2017 an awer och no 2017. Wann ech awer kucken, nieft de Massen an de reliéisen Aktivitéiten, déi do stattfannen, wann ech awer kucken déi ganz Panoplie vu kulturellen Aktivitéiten, déi do stattfannen, wou vill Diddelenger an och vill Net-Diddelenger kënnen dohinner goen, sief dat d'Uergelconcerten, den Uergelfestival, sief et déi sëllegen och Concerten, Initiative vun der Diddelenger regionaler Musekschoul. Wann ech kucken engersäits den Zeltik, wou all Joer do deelweis stattfënnt, respektiv och heiansdo ronderëm Fête de la Musique, wou Saachen do stattfannen, wann ech kucken déi Aktivitéiten déi do stattfannen am Kader vun der Kulturhaaptstad 2022. Also um kulturelle Plang gëtt dat heite mengen ech ganz vill a ganz gutt genotzt. Ouni Problem an der Diskussioun mat de lokale Kierchenautoritéiten. An dat leeft reiwungslos of, dat ass ganz gutt esou. Dat ass och

esou, wéi et soll sinn. Dofir huet et nach ëmmer hei esou gutt fonctionéiert. An dofir mengen ech, dat ass och wichteg, dass mer och déi Aarbechten hei maachen, fir dass mer och déi doten Aktivitéiten, op déi mir als Stad Diddeleng jo och zréckgräifen als Proprietär vun der Kierch, fir déi kulturell Aktivitéiten, dass déi och an engem gudde Kader deementspriechend kënne stattfannen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech wollt just eng ganz kuerz Ajoute maachen, well ech dat vergiess hat ze soen. Mir sinn hei och an der Konsequenz, an der historescher Konsequenz, well déi Lénk waren och 2017 déi eenzeg, déi sech dogéint ausgeschwat hunn, dass mer Proprietär gi vun der Gemeng. Dat wollt ech just nach dobäifügen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Absolut. Ech mengen Dir bleift Iech do trei. Dat ass keen Theema. Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. ***Wien ass hei mat dësem Devis averstane? Dat ass déi Gréng, d'LSAP, d'CSV, ADR an d'DP. Wien enthält sech? Wien ass dergéint? Dat ass déi Lénk.*** Villmools merci.

**4.6. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Acquisitioun vun engem Banc d'essai mat Fosse fir Autoen a Camione fir d'Gemengenatelieren**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Da soen ech och dem Här Repusic Merci fir seng Presenz. Da gi mer eriwwer vun der Kierch an eis Gemengenatelieren. An ech begréissen och do den Här Freitas, och e bësse méi en technesch komplizéierten Dossier. Do brauche mer eng nei Fosse. Ech mengen Dir wësst, dass mer och par rapport zu eisem Fuerpark och eng Garage hunn, wou och Leit schaffen a wou och natierlech muss no dem Fuerpark gekuckt ginn an och deementspriechend reparéiert ginn. An natierlech och do eng Bänk mat enger Fosse fir d'Autoen a fir d'Camionen, fir d'Gemengenatelieren, ass do net onwichteg.

Dofir hu mer och en Devis hei vun 310.000 Euro, dee mer hei virleien hunn, fir och, mengen ech, hei déi néideg Aarbechte kënnen ze maachen. Et ass esou, dass effektiv wann déi Aarbechten hei gestëmmt sinn, soll déi nei Fosse fir September 2026 kënne fäerdeg sinn. Voilà, ech mengen dat ass e bëssen den Timing, dee mer eis ginn hunn. Et muss awer och op der Plaz eng Interventioun gemaach gi fir déi nei Fosse. Respektiv mussen dann och op der Plaz selwer Alternative fonnt gi fir un den Autoen an och un de Camionen ze schaffen. Do sinn eng Rei Aarbechten ze maachen, well dat heescht déi Autoen an och déi Camione permanent am Alldag am Betrib och sinn. An dofir, mengen ech, ass et och hei wichteg eis déi néideg Outilen ze ginn.

Dat heescht, déi Fosse, déi mer de Moment hunn, déi huet jo schonn e puer Joer op der Box. Also op d'mannst 35 Joer, mengen ech, wa mer e bëssen intern gekuckt hunn. A si ass natierlech och net méi héich genuch. Dat heescht e bëssen d'Standarden, déi och hei musse geännert ginn. Natierlech och d'Posturen, d'Aarbechtsposture vun eise Mataarbechter a Mataarbechter, déi an der Garage schaffen, déi sinn och deementspriechend méi contraignant. An ech mengen och do géllt et eng gewësse Qualitéit awer an d'Aarbechtskonditiounen an d'Interventiounen am Garage, wéi gesot, eranzebréngen. An dofir musse mer déi heiten Aarbechte maachen. Mee ech ka vläicht dem Joël Freitas kuerz d'Wuert ginn, dee vläicht op zwee, dräi Punkten nach kann hei agoen, wat d'Aarbechten ugeet. Merci.

JOËL FREITAS, ENTRETIEN ET GESTION DES BÂTIMENTS COMMUNAUX: Jo, u sech ass bei der besteeënder Fosse och nach d'Problematik vun der Sécherheet. Dat heescht, mir hunn u sech eng Fosse, déi eng gewësse Längt huet, wann e Gefier, en Entretien vun engem Gefier gemaach gëtt, dann ass et esou, datt een en Urgence eigentlech net méi géif erauskommen, ouni d'Gefier ze réckelen an et huet een aktuell keng Trap, fir u sech an d'Fosse erofzekommen. Problematesch ass et och mam Ueleg am Moment. Dat heescht, mir hunn u sech kee System, fir den Ueleg opzefänken an an deem Sënn eropzepompelen, sou dass mer e kënnen da baussen, respektiv an der Hal stockéieren, wou en da konform recycléiert gëtt. Dat heescht, am Moment muss een déi Backe selwer hiewen an dann ëmschëdden an e Behälter, wou dann u sech dann all x Méint dann den Entretien gemaach gëtt an de Recyclage vum Ueleg gemaach gëtt. Voilà, déi nei Fosse, déi bréngt och mat sech, dass mer u sech vun den Normen hier alles, wat u sech d'Sécherheet vum Gefier, wou mer kënne selwer testen. Dat heescht, engersäits eng Kéier de Bremspréifstand, d'Luuchtekontroll kënne maachen an dann och d'Achse kënne kontrolléieren. Dat heescht, dat ass am Fong ee System mat der Fosse zesummen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci dem Joel Freitas fir déi doten Erklärungen, Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da géif proposéieren, dass mer hei zum Vott vum Devis iwwerginn. Wien ass mat deem Devis vun 310.000 Euro averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An och dem Joël Freitas Merci fir seng Presenz an och seng Erklärungen.

**4.7. Emprisen – Approbatioun vun Actes de vente notariés**

*4.7.1. Bestuete Koppel Hansen-Naegelen – Rue Mme Mayrisch de St Hubert*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech op den nächste Punkt iwwergoen. Dat sinn eng Rei Emprisen. Déi éischt Emprise ass tëschent dem Här Hansen an der Madamm Naegelen, 68, rue Mayrisch de St Hubert. Do sinn 203 Euro, 700 Euro den Ar, dat wësst Der. Dat ass eng Place Voirie an et gëtt d'Integratioun effektiv vun der Parzell an d'Voirie publique. Dat ass, wéi gesot, déi éischt. An et handelt sech hei, wéi gesot, ëm 0,28 Ar an ëm 0,01 Ar. Dat sinn zwou Parzellen.

*4.7.2. Bestuete Koppel Poeckes-Origer – An Hinnefen*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi nächst Emprise, déi ass tëschent dem Här Poeckes an der Madamm Origer. Dat ass An Hinnefen. Do geet et ëm 0,05 Ar. Do sinn et 50 Euro, déi mer bezuelen. Dat ass ëmmer de



minimale Präis. An och hei geet et ëm d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique.

*4.7.3. Här Partick Moes – Rue Ribeschpont*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op 37, rue Ribeschbont. Dat ass mam Här Moes. Dat sinn 0,45 Ar. Och d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. An do bezuele mer, fir déi 0,45 Ar 315 Euro.

*4.7.4. Consorts Bonvini, Hirschler – Rue Tattenberg*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An dann ass déi lescht Emprise. Do sinn d'Proprietären, den Här Bonvini, d'Madamm Hirschler an och d'Madamm Bonvini. Do si mer op 82, Rue Tattebierg. An do ass et 0,30 Ar. An do bezuele mer 210 Euro. An och do ass et d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. Voilà. Dëst zu den Emprisen. Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Kënne mer déi Enveloppe ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat deene véier Akten averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

*4.8. Approbatioun vun engem Acte notarié fir eng Cession gratuite opgrond vun enger Convention sous condition fir dräi Terrainsparzellen zu Diddeleng, Bierengerstrooss a Rue Pierre Theis*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächsten Akt iwwer. Dat ass och eng Approbatioun vun engem Acte notarié mat enger Cession gratuite an der Bierenger Strooss, an der rue Pierre Theis. Dat ass en Akt mat Robour S.A., vertrueden ech den Här Barnich an den Här Falz. Si hunn eng Procuratioun ginn effektiv um d'Madamm Trinell an och hei dem Schäfferot. An hei befanne mer eis am Fong an der Exekutioun vum PAP Route de Burange, wou mer och eng Convention d'exécution haten a wou jo och drastoung an der Convention d'exécution, dass mer mat der Cessioun, déi ënner 25 % ass, och eng Soulte géif ausbezuelt gi vun 156.000 Euro. Dat ass jo dee Calcul, deen deemools gemaach ginn ass, dee fest war an der Convention d'exécution.

An haut geet et dann drëms, dat hei dann och notariell festzehalen, wat an der Convention d'exécution war. An dass mer dann och iwwert deen dote Wee déi 156.000 Euro vun der Société Robour och deementspriechend ausbezuelt kréien. Also et ass, wéi gesot, e PAP, dee schonn e puer Joer um Bockel huet, mee de PAP en tant que tel ass jo och realiséiert ginn. Hei ass am Fong dann nach de, voilà, finalen Akt am Fong, um Niveau vun der Exekutioun.

Voilà. Dat zu den Ausféierungen dozou. Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An d'Gemengekeess freet sech och.

**4.9. Allocatioun vu Subsides extraordinaires**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat si Subsiden. Mir hunn hei Subsiden, 4 Stéck, déi mer wëllen ausbezuelen. 200 Euro un de SCAP, d'Lëtzebuerger Aktiounskrees Psychomotorik, och wat d'Prise en charge vu Kanner ugeet, déi vun Diddeleng kommen. 500 Euro un den Centre d'information d'augmentation Femmes et Genre un de CID. E bësse méi en héije Subsid, 2.000 Euro fir d'Amicale vum Diddelenger Zenter am Kader vun hire Jumelagesaktivitéiten zu Lauenburg, mat de Pompjeeë vu Lauenburg, do besteet mengen ech e ganz gudden a reegen och Austausch am Kader vun eisem Jumelage, am Kader vun engem Deplacement, dee se dohinner gemaach hunn. An 100 Euro un d'Lëtzebuerger Blannevereenegung, La Canne Blanche ASBL. Dat sinn déi Subsiden, déi mer hei am Gemengerot hunn. Ass Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da mir Iech villmools Merci.

# 5. Enseignement fondamental

**Approbatioun vun de Modifikatioune fir d'Schoulressorten an der Schoulorganisatioun fir den Enseignement fondamental vum Joer 2026-2027**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, villmools merci fir d'Wuert. Ech menge mir maachen dat bal all Joer eng Kéier, esou eng Ressortupassung. Dofir, also ech zielen och net vill Neies, mee ech wëll awer op e puer Saachen agoen. Dir wësst, datt mer et presentéiert hunn den 28. Januar an der Schoulkommissioun, firwat mer dës Ännerunge maachen oder firwat maache mer se elo? Ech mengen de Contingent wäert geschwë kommen an da muss d'Verdeelung natierlech gemaach ginn an da muss och gekuckt ginn, wat fir eng Schoul, wat fir eng Kanner huet. Dës Kéier ass et erëm eng Kéier, mir hu se eigentlech erausgeholl, mee mir musse se elo erëm eranhuelen, dat ass de Rue Benoît, Rue des Genêts, Rue Conrardy, Hansendall, Gide a Wercollier an d'Route de Zoufftgen ab der Nummer 119. Déi géife mer, do schreiwe mer elo d'Ännerung, déi do kënnt, dat ass Strutzbierg oder Lenkeschléi. Mir passen awer ëmmer gutt op, datt net scho Geschwëster an engem Gebai sinn, net fir datt d'Leit op eemol mussen do bei zwou Schoule lafen.

Bon, firwat maache mer déi? Einfach och e bësse fir d'Zuelen, well mer d'Zuelen awer gekuckt hunn. An der Lenkeschléi kéime fir d'Joer 2026-2027 just 12 Kanner bäi. Da géifen aus der Rue Zoufftgen 2 Kanner bäikommen an aus der Rue Benoît kéimen der 3 bäi. 2027-2028 géif just aus der Rue Zoufftgen, géif dann 1 Kand op d'Lenkeschléi goen. Da kommen op der Lenkeschléi 16 Kanner bäi, déi elo schonn am Ressort sinn. 2028-2029 wären et 8 Kanner an der Lenkeschléi. 3 aus der Zoufftgener Strooss, 2 aus dem Hansendall a 5 aus der Benoît, wat awer dann eng Partie

Kanner sinn. Ech mengen do musse mer da kucke wéi et sech elo virun entwéckelt. Bon, fir eis ass dat ëmmer wichteg. Mir waren eis och eens an der Schoulkommissioun, datt dat do en Outil ass, deen eis de Moyen gëtt, fir einfach opzepassen, datt keng Schoul explodéiert oder zum Beispill keng Klassen do sinn.

Wat awer och wichteg ass ze soen, hei ass e bëssen eng Entwécklung schonn en vue vun. Éischtens entlaaschte mer domadder den Däich, net den Däich, dach den Däich och, awer och de Strutzbierg. Ech mengen och de Strutzbierg ass ganz schwiereg. Do hu mer ganz vill Kanner. Ech mengen dat entlaascht déi e bëssen. An dann awer och en vue vun NeiSchmelz, wat awer och net méi sou wäit ewech ass, och do wäerten 2028-2029 déi éischt Kanner kommen. An da musse mer kucken, datt mer déi ënnerdaach kréien, soudatt mer mat Verréckele vun dëse Stroossen eigentlech schonn de Wee an déi Richtung maachen. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Just ganz kuerz. Ech fannen et einfach och flott, dass mer awer och wierklech proaktiv scho reagéieren op dat wat kënnt. An ech begréissen dat och, déi Flexibilitéit, déi mer awer un den Dag leeën, och am Dialog mat de Schoulen. Dat ass ëmmer ganz wichteg. An och an der Schoulkommissioun kënnt dat ëmmer erëm raus, dass mer do net ganz rigid sinn. An ech muss och soen, déi Elteren, déi heiansdo betraff sinn, vun engem Changement, dat ass ëmmer am Ufank e bësse Schock, Schock, Panik, Panik, wéi geet dat elo? An am nachhinein berouegt sech ëmmer alles, well een dann awer am Dialog mat de Leit awer hinne kann erklären, wéi a wat a firwat verschidden Decisioune geholl ginn.

An och dem Service do nach eng Kéier och e grousse Merci, well déi hunn ëmmer e gutt, en offent Ouer och fir d'Elteren. An heiansdo ass do och eng Flexibilitéit méiglech, wa se soen, ma mir plënneren awer d'nächst Joer dohinner, kënne mer net de Cycle awer nach do fäerdegmaachen? Also do ass awer ëmmer eng gewësse Flexibilitéit, déi och un den Dag geluecht gëtt, déi eenzel familiär Situatiounen awer och mat den Elteren zesummen ze kucken, wat dat d'Bescht ass fir d'Kand. An dat ass eis jo och de Sënn dovun, dass eis Kanner optimal encadréiert ginn. A wéi gesot, et kommen nach aner Dossieren op eis duer, wéi gesot, wann NeiSchmelz kënnt. Mee dat hei ass eng wichteg Initiativ. A wéi gesot, virun allem si mer ganz frou, dass dat ëmmer am Accord ass mat dem Léierpersonal an och mat eisem Schoulservice. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, also vu mir och ganz kuerz. Ech fannen et och gutt, dass mer eis als Gemeng déi dote Flexibilitéit ginn, fir kënnen tëschent de Schoulen och ze kucke wéi d'Effektiver sinn, well et effektiv och ganz schwiereg ass virauszegesinn, wéi déi eenzel Quartiere mat de Kanner am Fong méi al ginn. An anerer gi méi jonk. An dat bréngt awer eng Flexibilitéit, déi fir déi nächst Jore warscheinlech einfach ugepasst ass an och gutt ass. An och eis Diskussioun, déi mer an der Schoulkommissioun haten, hunn ech an deem Sënn och ganz gutt fonnt. An ech mengen do ass d'Madamm Kaiser lo drop agaangen. Duerfir, mir stëmmen dat heiten och mat. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Steffen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat der Ressort-Opdeelung hei averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an ech soen och dem Tom Michel Merci fir seng kuerz Presenz hei a seng Disponibilitéit.

# 6. Personal vum Office social

**6.1. Zoustëmmung zur d'Decisioun vum Verwaltungsrot vum Office social fir d'Schafung vun engem Gemengenemployésposten aus dem Groupe de traitement C1, administratif**

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech ka mech do relativ kuerz faassen. Dir hutt an Ären Ënnerlagen alleguerten d'Dokumenter virleien. Dat sinn alles Decisiounen, déi den CA vum Office Social scho geholl huet. An et ass un eis als Gemengerot do den Aval ze ginn. Den éischte Punkt de 6.1. ass dann effektiv d'Création de poste vun engem Gemengebeamten am C1-Grupp fir de Posten, deen elo an nächster Zäit wäert fräigi vun der Madamm Garni, déi an d'Pensioun wäert goen, fir dann do prett ze sinn, fir deen da kënnen ze besetzen, wann d'Madamm effektiv dann an der Pensioun ass.

**6.2. Zoustëmmung zur d'Decisioun vum Verwaltungsrot vum Office social fir d'Schafung vun engem Gemengebeamteposten aus dem Groupe de traitement B1, administratif**

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Den zweeten, de 6 .2. ass dat selwecht, do geet de Jacques Hansen, deen ass schonn an der Pensioun. Also hei ass et dann drëms gaang, fir dee Posten dann effektiv fräizemaachen, wéi dann net neit ze besetzen. Mer haten dat schonn eng Kéier am Gemengerot, dass mer dee nominell scho benannt hunn, mee och just hei ass dann effektiv den administrativen Akt.

**6.3. Zoustëmmung fir d'Decisioun vum Verwaltungsrot vum Office social fir d'Schafung vun engem Gemengenemployésposten aus dem Groupe de traitement A2, éducatif a psycho-social**

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): An dann deen drëtte Posten, dat ass awer eppes Neies. Dir gesitt,



do gëtt en neie Poste geschaf, respektiv de Ministère de la Famille huet dem Office social e Poste supplémentaire bewëllegt, am Kader vu sengem Logement social, dat heescht, kuerz genannt PISL hei, et ass e Poste supplémentaire au projet d'inclusion sociale pour le logement. An dat ass en neie Posten, dee kritt den Office social iwwert de Ministère zegutt. An, wéi gesot, hei ass dann d'Création de poste fir dee kënnen da méi spéit dann och mat enger Persoun, mer kommen nach eng Kéier drop zréck, mat Liewen ze fëllen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, déi Fro, déi ech am Fong ëmmer stellen. Mer hu lo déi zwee éischt Posten, well do Leit an d'Pensioun gi kreéiert. Ass et dann och esou, dass wann deen an d'Pensioun ass, dass mer dann de Poste vun deem vu virdrun ofschafen, vum Pensionnaire? Dat ass vläicht just eng Detailfro, mee ech mengen et ass awer wichteg de Leit och ze soen, dass een och esou virgeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also hei si jo Posten, déi den Office Social kreéiert huet, gell, déi mir hei avaliséieren. Et ass kee Poste vun der Stad Diddeleng. Dat ass eng Attributioun vum Conseil d'Administration vum Office Social. Gutt, kënne mer iwwert déi Posten, iwwert déi dräi Posten zesummen ofstëmmen? Also d'Decisioune vum Verwaltungsrot, kënne mer déi allen dräi avaliséieren? ***Dat ass unanime.*** Da Soen ech Iech villmools Merci.

# 7. Personal

**7.1. Schafung vun engem Vollzäit-Gemengenemployésposte am Groupe de Traitement B1, éducatif a psycho social (service Education et accueil)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer eriwwer vum Office Social, bei d'Gemengepersonal a Service Education et accueil an ech ginn dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools merci. Hei ass eng Création de poste vun engem B1, dat heescht en Diplômé, dee mer musse rekrutéieren. Wouduerjer kënnt déi Création de poste? Ech menge mir hunn d'lescht Joer jo den Agrement kritt vun der Maison Relais Brill, an deen ass méi héich ausgefall wéi mer virgesinn haten. Dat heescht, mir ware jo op 74, mir si jo eropgaangen. Dat heescht, et gëtt eis d'Méiglechkeet, fir eng Persoun weider anzestellen. A mir hunn da gewaart, also bis elo dëst Joer, fir de Budget, a mir géifen dann elo hei eng Création de poste maache vun engem Diplômé fir an d'Maison Relais Brill. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**7.2. Schafung vun engem Vollzäit-Gemengenemployésposte am Groupe de Traitement B1, éducatif a psycho social (Service jeunesse, famille et senior)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer eriwwer op den nächsten. Service jeunesse et famille.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà. Ech géif och do kuerz drop agoen. Hei ass eng Création de poste vun engem B1. Dir wësst, datt mer scho jorelaang de Service jeunesse, famille hunn. Do war bis elo ëmmer en A2 drop. Deen huet virun zwee Jore ugefaangen, hallef de Logement ze maachen an hallef de Service jeunesse, famille. Déi Persoun ass fortgaangen. Do ass den A2-Poste ganz fir Logement agesat ginn, well dat extreem wichteg war. An och do vill, also méi gebraucht ginn ass, méi Stonne gebraucht gi sinn. An elo hu mer intern ausgeschriwwe fir dee Posten nei ze besetzen. Mir hunn eng Persoun fonnt, déi sech do gemellt huet. Dat ass awer nëmmen en Diplômé. Ech wëll net soen „nëmmen" en Diplômé. Ech mengen déi Madamm, déi mer do wëlle rekrutéieren, déi huet d'Kompetenz, déi néideg Kompetenz fir dee Service dann elo gutt weiderzeféieren. A wat nei dobäi ass, dat wësst Der alleguerten, dat ass och d'Senioren. Déi ware bis elo eigentlech ni matt an deem Service dran. An et schéngt eis awer eng Evidenz, wa mer vu Famill schwätzen, da si mer vun zwëschent Null an Honnert. Duerfir kënnt déi Création vum B1.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Josiane, fir déi doten Erklärungen. Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot mat där doter Schafung vu Posten averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**7.3. Schafung vun engem Vollzäit-Gemengebeamteposte am Groupe de Traitement A2, administratif (Gas – Gestion administrative a Relation clients)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Et ass d'Schafe vun engem Poste vun engem Fonctionnaire communal, Traitement A2 am Service Gas, also am Gas- a Waasserwierk. Voilà, do geet et am Fong drëms, d'Ekipp ze verstäerken. Mir hate virdru jo hei d'Durchlaufgebühr um Ordre du jour, mengen ech déi technesch Erausfuerderungen un d'Stad, déi wierklech nach eng vun den eenzege Gemengen ass, déi nach e Gas- a Waasserwierk huet, déi huelen net of, och déi ganz Ufuerderunge vun der Regulatioun. An ech mengen dofir ass et wichteg, dass mer eis do wëlle verstäerke mat engem A2 an dofir am Fong d'Schafe vun engem Fonctionnaire communals-Poste fir déi ganze Reseausaarbechten administrativ a Facturatioun kënnen och opzebereeden.

Dofir schafe mer dee Poste. Dee gëtt och herno am Huis clos och besat. Dat ass e bëssen d'Suite logique. Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da ech Iech villmools Merci.

**7.4. Conversioun vun engem fräie Vollzäit-Gemengebeamteposten aus dem Groupe de traitement D1, Attributions particulières an e Vollzäit-Gemengebeamteposte aus dem Groupe de traitement C1, technique (Service des sports)**

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Well hei ass et eng Konversioun vun engem Posten, de Groupe de Traitement D1 an dorauser maache mer da gären en C1. Dat ass am Fong geholl och dat, wat am Kader vun der Harmonisatioun vun de Carrières inférieures virgesinn ass. Deementspriechend ass et am Fong geholl just eng Regulatioun dovunner. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ass de Gemengerot mat där doter Konversioun a Kreatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Merci villmools.

**7.5. Kreatioun vun engem Vollzäit-Gemengebeamteposten aus dem Groupe de traitement B1, administratif (Service éducation et accueil)**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà, dat wär eng Création de poste vun engem B1. Do ass et esou, datt mer eng Persoun hunn am administrative Beräich vun de Structures d'accueil, déi huet hir Exame gemaach, dat war bis elo en Employé communal, déi huet hir Exame gemaach, déi huet déi och bestanen a mir géifen elo e Fonctionnaire communal schafen, wat awer och bedeit, datt deen anere muss ofgeschaaft ginn, den Employé communal, wéi gesot, natierlech, mir wëllen déi Persoun do rekrutéieren, well mer ënnerstëtzen, datt déi Persoun och déi Exame gemaach hunn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Och mat där doter Kreatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools merci. Voilà, dann hate mer an der ëffentlecher Sitzung, wat de Volet Personal ugeet, hate mer dat ofgeschloss.

# 8. Wanterdéngscht op den Haaptvëlosachsen

**Motioun vun der Fraktioun Déi Gréng iwwert d'Prioriséierung vum Wanterdéngscht op den Haaptvëlosachsen**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da komme mer eriwwer op zwou Motiounen. Eng Motioun, déi eis eragegi ginn ass vun deene Gréngen an och eng vun der CSV. An ech géif an der Chronologie mat deene vun deene Gréngen ufänken. Dat ass effektiv iwwert eis Vëlospisten. Ech setzen nach eng Kéier hei de Kader vun der Motioun. Dat wësst Der. D'Auteure kënnen d'Motioun kuerz erklären. Dann eng Stellungnam vum Ressortschäffen, respektiv vum Schäfferot. Dann ass d'Diskussioun hei



an der Ronn, wou all Partei sech natierlech kann dozou positionéieren. Da kritt den Auteur nach eng Kéier d'Wuert. An dann d'Schäffen. An da Vott. Voilà, dat ass d'Prozedur. An ech passe strengstens drop op, dass dat esou agehale gëtt. Dofir, Här Steffen, d'Madamm Ahmedova, ech weess net, wie vun Iech d'Wuert wëll huelen. Här Steffen, Dir kritt d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, da soen ech Merci fir d'Wuert an ech géif dann och ganz kuerz op eis Motioun agoen, bei där mir dann eeben de Schäfferot opfuerderen, d'Haaptvëlosachsen als eng vun de Prioritéiten ze definéieren, wann et ëm de Wanterdéngscht geet. An deem Sënn stellt de Gemengerot fest, dass d'Personal responsabel ass, dass d'Gemeng responsabel ass fir den Entretien vun den nationalen a kommunale Vëlosweeër. Am SUMP d'Zil festgehal ass, den Undeel un Trajeten duerch aktiv Mobilitéit zu Fouss a mam Vëlo signifikativ ze steigeren, an dat esouwuel innerhalb vun der Gemeng wéi och bei den Trajeten, mat Depart-Arrivée zu Diddeleng. Dat steet am SUMP op der Säit 53, ënner anerem. Och dat gouf nach eemol ënnerstrach bei rezenten Aussoen am Kader vun der Mobilitéit ronderëm NeiSchmelz, dass dat effektiv dem Schäfferot säi Wonsch och ass, an Zukunft, wéi ech et an deem nächste Punkt dann och beschreiwen, en dauerhaft Ëmdenke bei der Mobilitéit just méiglech ass, wann ee sech op sécher Vëlosweeër verloosse kann.

Och hei hate mer begréisst, dass de Buergermeeschter op deem Infoowend zu NeiSchmelz vun engem Ëmdenke bei de Bierger geschwat huet a puncto Mobilitéit. Ma dann ass et awer och wichteg, dass dës wichteg Mobilitéitskorridoren och ronderëm d'Joer sécher ze benotze sinn, dass d'Leit sech drop verloosse kënne fir op d'Aarbecht ze fueren, Kommissiounen ze maachen, d'Kanner an d'Schoul ze féieren an all déi aner alldeeglech Trajeten, déi eeben esou ustinn, wann ee sech op ee Mobilitéitsoutil verléisst. Fir en Ëmdenke brauch et Verlässlechkeet, soss kënne keng Gewunnechten entstoen, a genau dat hätte mer jo awer gäre vun de Leit.

Da stelle mer fest, dass de Schäfferot responsabel ass fir d'Festleeë vun de Prioritéite beim Wanterdéngscht an d'Servicer dës Prioritéiten ofschaffen. Mir stelle fest, dass op de Vëlospisten déi Diddeleng a Beetebuerg matenee verbannen, just op der Diddelenger Säit kee Wanterdéngscht gemaach ginn ass, op deenen Deeg, wou dëst noutwendeg gewiescht wier. Ech hunn Iech do an d'Annex 1, et gëtt just eng Annex, hunn ech Iech d'Fotoe gesat wéi déi Situatioun elo Ufank vun dësem Joer ausgesinn hat. Dat war esou déi éischt Januarwoch, do hutt Der Beispiller,

wou dann zu Diddeleng de Schnéi nach läit, zu Beetebuerg läit en net. Zu Diddeleng gesäit een dann och, do ass eng Foto, déi ass e bësse méi, datt misst déi véiert sinn, do gesäit een, dass och en Deel vun der Vëlospist da fräi ass. An deen nächsten Deel, wou et laanscht dee groussen Akafs-, laanscht dee Supermarché geet, deen ass dann zum Beispill net méi fräi gemaach. Dat heescht och do kann ee sech net richteg drop verloossen, wat da lo propper ass a wat net propper ass. Souvill dozou. Dann hätte mer nach, voilà, dee Chemin mixte hat ech elo ugeschwat, deen dann a Richtung Ribeschpont do laanscht de Supermarché géif goen. Dat sinn alles Vëlosweeër, déi u sech vun der Gemeng Diddeleng och ausgeschëldert sinn als Vëlosweeër. Dat heescht et wier schonn, wann d'Leit sech drop verloossen, deene Schëlder nozefueren, dass dann och déi Weeër propper wieren.

Dann hu mer als leschte Punkt opgeschriwwe gehat, dass et ëmweltfrëndlech Methode ginn, d'Vëlospiste fräizemaache vun Äis a vu Schnéi. Hei wiere mer da méi spezifesch erëm um Verbindungsstéck Diddeleng-Beetebuerg, wou et dann duerch eng flott Gréngzon geet. Hei wësse mir, dass eis Servicer e gutt Gespier dofir hunn, wéi een hei en dauerhaft gudde Wanterdéngscht ka garantéieren. Et klappt jo och anerwäerts an Diddeleng. Dann invitéiere mer de Schäfferot, de Wanterdéngscht op den Haapt-Vëlos-Achsen als eng vun de Prioritéiten ze definéieren an dëst de Servicer esou matzedeelen an domat ze garantéieren, dass d'Leit sech och am Wanter op eng sécher Vëlos-Infrastruktur kënne verloossen. D'Betounung läit op eng vun de Prioritéiten. Wa mir d'Ëmklammen eescht mengen, da muss de Vëlo eng verlässlech Alternativ sinn, op Aenhéicht mam Auto an dem ëffentlechen Transport. Mat allem eebe wat derzou gehéiert.

Ofschléissend dann nach, mir wëssen, dass de Schäfferot schonn oft mat der Associatioun Vëlo Diddeleng iwwert dat Theema geschwat huet. Fir d'Komplettheet vun der Geschicht muss een och soen, dass et Jore gi sinn, do huet et geklappt. An awer stellen ech fest, dass et eng politesch Zouso am Gemengerot brauch, fir dass dëst systematesch klappt an ee sech, wéi gesot, drop verloosse kann. Eng vun den Ureegungen, déi mir op eis Motioune jo alt emol hei am Raum kréien, an ech kucken elo den Ëmweltschäffen, sënngeméiss: Kommt net fir all Iddi mat enger Motioun an de Gemengerot, bréngt d'Iddien an de Kommissiounen oder a Reuniounen un, a wann där mierkt, dass där do net weiderkommt, kënnt där nach ëmmer mat enger Motioun kommen. Mir hunn, mir hunn net a wäerten eis och net ëmmer un dee Rotschlo halen, ma fir dës Motioun passt en awer iergendwéi besser denn jee. Ech soe Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Merci och, Här Steffen, fir d'Aleedung an d'Virstelle vun Ärer Motioun, mee ech muss fir d'éischt emol e puer allgemeng Remarke maachen, fir och emol den Ënnerscheed zwëschent der Gemeng Beetebuerg an der Stad Diddeleng ze verdäitlechen, well dat jo anscheinend zu Beetebuerg esou gutt geklappt huet. D'Gemeng Beetebuerg huet ronn 11.628 Awunner an d'Stad Diddeleng der ronn 22.275. Dat heescht, mir sinn zu bal duebel esou vill. Beetebuerg huet dräi Schoulen, zwou zu Beetebuerg an eng zu Näerzeng. Diddeleng huet zwielef Schoulgebaier. An dozou kommen dann och nach Crèchen a Maison relaisen, déi net ëmmer onbedéngt um Schoulgebai dru sinn. Den Accès dozou, dee muss garantéiert sinn. Et soll propper sinn. Et soll keen ausrutschen, fir datt d'Kanner, an dacks och nach d'Elteren, wéi mer wëssen, sécher dohi kommen.

Parallel dozou, wa mer vu Prioritéite schwätzen, dozou ginn d'Weeër zu wichtege Gebaier, zum Beispill hei zu Diddeleng zum Spidol fräigemaach. Och dat huet d'Beetebuerg net. An och all Zebrasträife probéiere mer zu deem gläiche Moment matzemaachen, wou mer der doudsécher och eng Partie méi hu wéi eis Nopeschgemeng. Beetebuerg huet och keng Citybusser. An déi Busser, déi bei hinne fueren, dat sinn CFL-Busser respektiv RGTR-Busser, déi fueren och just op den Haaptachsen. A wann ech soen Haaptachsen, dann heescht dat, datt déi vun der Ponts & Chaussées mat propper gehale ginn. Bei eis fueren awer déi City-Busser, an dat wësst Der, an d'Navette fir d'Leit an de Quartieren, also muss och do iwwerall propper gemaach ginn, fir datt dee Bus duerchkënnt. An Dir wësst wéi vill Citybusser mer hunn, mir hunn déi Diskussiounen hei reegelméisseg gefouert. Déi Stroossen an déi Busarrêten, dat sinn der dann net wéineg, an ech wëll nach eemol betounen, datt ganz wéineg Gemengen iwwerhaapt esou e Citybus hunn, a wéi wichteg esou e Citybus ass bei schlechtem Wieder, dofir muss och deen zu all Moment ze erreeche sinn.

A wann ech soe mir hunn e gudden ëffentlechen Transport mat ville Busser, da muss ech och op déi 4 Quaie fir den Zuch, wat och bal kee vu sech ka behaapten, opmierksam maachen, an dat heescht dann, wéi gesot, datt d'Bushaltestellen an och d'Accèsen zu deene Quaien do, wou d'CFL et natierlech net mécht, och dat muss garantéiert a propper sinn, souvill zu Prioritéiten. Dann iwwerall do, wou Koppe sinn, do musse mer extra drop oppassen, fir datt de Bus net do hänke bleift, datt mer net e Megastau produzéieren a parallel dozou gëtt dann och eng Spuer op der Nord-Süd-Achs vum Vëloswee fräigemaach. Domat hu mer also schonn eng ganz Partie Prioritéiten ze garantéieren, fir eebe virun allem och esou vill wéi méiglech Kanner an awer och d'Usagere vum ëffentlechen Transport, sou wéi d'Vëlosfuerer, well ech hunn et dacks elo genannt, sécher a gutt ze zerwéieren.

An da kommen natierlech nach d'Vëlospisten ausseruerts als Prioritéit dobäi. An et ass op der Prioritéiteléscht, Dir hutt selwer gesot, et huet déi Jore virdru geklappt. Dat heescht, mir mussen hei weeder de Schäfferot nach deem seng Servicer zu iergendeppes hei opfuerderen. An ech probéieren awer dann och e puer Infoen ze ginn zu eisem Wanterdéngscht. Mir kënnen aktuell op zwee bis dräi Camionen, also Unimocken, zréckgräifen an op zwee bis dräi kleng Trakteren, déi dann iwwerall am Asaz sinn an all déi uewegenannte Flächen, wou ech elo scho bestëmmt fënnef Minutten amgaange sinn, opzezielen, fräizemaachen. An am Laf vun dësem Joer soll och nach ee Camion dobäikommen. An zousätzlech komme wärend den Aarbechtszäiten, an dat hutt Der warscheinlech och scho gesinn, nach Leit, déi op der Hand streeë respektiv schëppe ginn.
Ausserhalb vun den Aarbechtszäiten, muss ech lech soen,

si mer natierlech duerch d'Unzuel vun deene Leit, déi mer an eiser Permanence hunn e bësse méi ageschränkt. Mee mir kënnen awer do och ëmmer, an ech kommen dann zréck op motivéiert Personal, mir kënnen do ëmmer spontan op fräiwëlleg a motivéiert Salariéen zréckgräifen, déi eis bis elo bei Bedarf nach ëmmer ënnerstëtzt hunn.

Firwat sinn elo awer d'Vëlosweeër ausserhalb vun der Agglomeratioun esou spéit drun? Ma dat kënnt doduerch, datt et wäit d'Weeër si vun eisen Atelieren eebe bis zu deene jeeweilege Vëlos- oder respektiv och alt emol Feldweeër. Um Wee dohinner gëtt da scho villes mat propper gemaach, wa mer souwisou ënnerwee sinn an en plus kënnen d'Vëlosweeër wéinst hirer Breet, si jo vill méi enk wéi eng normal Strooss, déi kënne mer nëmme mat deene klengen Traktere fräi maachen, déi esou, dat hutt Der och warscheinlech scho gesinn, sou eng kleng Streemaschinn dann hannendrop hunn. An déi hunn natierlech vill méi e klenge Volume wéi ee vun eise grousse Camionen. Dat heescht, mir mussen da méi dacks erëm an den Atelier zréckfueren a méi dacks dann erëm eng Kéier dann do oplueden.

Dat Ganzt, kënnt Der Iech virstellen, datt dat da vill Zäit an Usproch hëlt. Mee d'Weeër ginn natierlech ëmmer sou séier wéi méiglech fräigemaach. Mir biede just ëmmer ëm e bësse Gedold. Firwat ass awer elo dee Wee laanscht d'N31 op der Beetebuerger Säit esou fréi fräi gewiescht? Ma dat kënnt dovunner, well d'Ateliere vun der Beetebuerger Gemeng hannert dem Cactus sinn, a se vun do, dat wat ech virdru gesot huet, bei eis ass et e laange Wee, datt si vun do aus eebe Richtung Zentrum fueren. Well och zu Beetebuerg maache se fir d'éischt d'Vëlosweeër innerorts fräi, ier se dann eeben op déi ausserhalb kommen. Se hunn eebe just eng aner Lag. Eng Remark sief och hei erlaabt. Dir hutt gesot, et huet déi Jore virdrun ëmmer geklappt. Vläicht huet et och dëst Joer net esou direkt geklappt, well eis Servicer grad amgaang ware mat Plënneren a par rapport zu de leschte Joren et och vill méi geschneit huet.

Wann Dir Iech kënnt erënnere wéi et déi lescht Jore war, dann hate mer vläicht en hallwen Dag en hallwen Zentimeter Schnéi. Dat war dëst Joer awer manifestement net de Fall. Et war also en Ausnamejoer, net nëmme wéint dem Plënneren, mee och wéint dem Schnéi. An iwwregens gouf de Wee och direkt nogeholl, wou da bis bei eis bekannt war an eise Servicer, datt do vergiess gi war ze streeën, respektiv de Schnéi ewechgemaach gëtt. An ech bieden ëmmer drëm, amplaz Fotoe lénks a rieds ze streeën an ze posten, rufft an de Servicer un, schéckt Är Fotoen dohinner, da kënne mer vläicht vill méi séier reagéieren. Wat mech dann awer e bëssen irritéiert, dat ass, datt d'Vëlo Diddeleng respektiv säi President sech am Service e bësse méi spéit gemellt huet, mat engem Mail, an huet dee Mail och, wéi en dat ëmmer mécht, mat enger Kopie un de Schäfferot geschéckt an en huet eis geschriwwen, mat deene Fotoen, datt et net geklappt hätt. De Service Circulatioun huet och drop geäntwert an ech ginn och mol dovunner aus, datt Der dee Mail dann och weidergeleet kritt hutt, wann Der net souguer an deem Verdeeler vum Veräi sidd. Dat weess ech net.

Also kennt Der d'Äntwert jo och scho wat geäntwert ginn ass. Fir déi aner, déi awer am Gemengerot sinn an déi déi Äntwert net kennen, wëll ech déi dann elo zitéieren. "Bonjour, ech soen Der Merci fir de Message. Mir hunn de Message nach eng Kéier un d'Ekippe viruginn, dass et wichteg ass, dass d'Vëlosweeër esou séier wéi méiglech fräigemaach ginn, minimum eng Spuer vun 1 Meter, souwéi et an de Reunioune mam Schäfferot festgehale ginn ass.

Mir wëllen awer och drop hiweisen, dass Vëlosweeër innerorts méi séier a besser propper maachen ze sinn, wéi Vëlosweeër ausseruerts. Dat hëlt méi Zäit an Usproch. Dowéinst biede mer ëmmer e bësse Gedold." Enn vum Zitat. Dat heescht am Kloertext, eis Ekippe wëssen a wossten et, datt schonn aus deene Grënn, déi ech elo opgezielt hunn, et net ëmmer direkt méiglech ass, mee wéi mer dann och Vëlo Diddeleng geäntwert hunn op hire Mail a wéi mer hinnen et och schonn dacks gesot hunn, sinn och d'Vëlosweeër ausseruerts eng Prioritéit, nieft awer all deenen aneren, déi mer nu mol eeben hunn als véiertgréisste Stad hei am Land. An dofir brauche mer dës Motioun och net ze stëmmen, well, wéi gesot, souwuel mir wësse Bescheed wéi och eis Servicer wësse Bescheed.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Merci och fir déi explizit, detailléiert Explikatioune vun der Madamm Dall'Agnol. Mir haten och dee Mail-Echange vu Vëlo Diddeleng virgeluecht kritt. An ech denken, et muss een awer hei soen, eis Servicer maachen eng exzellent Aarbecht, dat muss ee scho soen, well moies sinn d'Schoule fräi, d'Weeër fir an d'Schoulen, déi grouss Weeër, déi si fräi. A mir hunn 1.875 Schoulkanner hei zu Diddeleng. An ech denken dat ass déi absolut Prioritéit, dass déi 1.875 Schoulkanner sécher an d'Schoul kommen, plus Léierpersonal, plus d'Elteren. Dann och dat mat dem Citybus a mat dem Wee fir an d'Spidol an esou weider. Dat ass och wichteg.

An et ass jo elo net, wéi wann d'Vëlosachsen net op dem Listing stéingen. Se stinn net uewen. Mee ech denken, et muss een awer och soen, 1.875 Schoulkanner, ech weess net, ob eng Kéier Comptagë gemaach gi sinn, wéi vill Vëlosutilisateuren op den Achse sinn. Dat wär vläicht awer och emol eng Kéier interessant. Du kanns elo natierlech soen, déi däerf een net géint eneen opweien. Mee bon, da kann een awer och soen, da kommen nach déi Leit, déi de Citybus huelen. Do musse mer och kucken, d'Bushaltestelle musse propper sinn. Also déi Opléschtung vun der Madamm Dall'Agnol, ech denken dat ass déi Prioritéit, wéi den normale Bierger dat dobaussen och géif esou gesinn.

An effektiv, mat deenen zwee, dräi klenge Trakteren, déi da kënnen déi Vëlospiste fräi maachen, do hate mer och rieds driwwer, dass do eeben dann am Fong e Camion muss niewendru fueren, fir deen ëmmer erëm ze lueden, mat Salz. Dat heescht, dat ass jo och eng zäitopwenneg Geschicht. An an där Zäit musse jo awer virdru mol déi aner Saachen alleguer gebotzt sinn. A wat och dës Kéier war, et ass gebotzt ginn an du huet et nach eng Kéier geschneit. An da fänks de natierlech erëm do un, wat déi absolutt Prioritéit ass. Dat ass da wann d'Schoul fäerdeg ass. Da musse mer och ëm déi 1875 Schoulkanner sécher aus de Schoulen

heem kréien. Also, wéi gesot, ech denken, fir mech ass déi Motioun hei e bëssen iwwerflësseg, well se sti jo schonn dran, d'Vëlosachsen. A fir elo nach méi eng Prioritéit fir de Vëlo iwwert de Schüler, iwwert de Wee fir an d'Spidol, iwwert d'Zebrasträifen, iwwert de Citybus ze stellen, do hunn ech awer och e bësse meng Schwieregkeet, do hu mir e bëssen eis Schwieregkeeten.

Ech mengen et ass méi wichteg, dass d'Leit ze Fouss gutt duerch d'Diddeleng kommen, dass se sech net Hals a Bee briechen. Ech mengen, Dir wësst wéi dat ass, wann d'Fra muss bei de Bus goen an eng, oder en Här bei de Bus geet an e schonn e bëssen eeler ass an en trëllt um Äis an en huet herno d'Hëft gebrach, da si mer gehäit. Dee Risiko wëlle mer net agoen, dat et heescht, hei d'Gemeng botzt hir Stroossen an hir Trottoiren net. An ech denken, dir stitt, also d'Vëlospiste stinn dran an dann ass et da gutt dann. Esou géif ech et emol soen. Merci.

MARC MEYER (DP): Jo, merci fir d'Wuert. Also ech si ganz a voll bei der Madamm Dall'Agnol a bei der Madamm Kayser. Ech wëll just nach eppes dozou bäifügen, well wa mer elo de Vëlosweeër nach méi eng grouss Prioritéit ginn, da musse mer och all eenzel kleng Quartierssäitestrooss déi Prioritéit ginn, well déi Leit, déi mam Vëlo fueren, déi wunnen eventuell do an engem Haus, soss si se nämlech schonn dräimol gefall, bis se iwwerhaapt bei de Vëloswee kommen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. D'Schwieregkeet beim Wanterdéngscht ass jo, dass ee sech net ka preparéieren an dass een net ka virschaffen. Dat läit e bëssen an der Natur vun der Saach. Dat heescht, dee Moment, wou et sou wäit ass, da kënnt alles mateneen. An dowéinst mengen ech och wierklech, dass eis Gemengeservicer dat maachen, wat an hirer Muecht läit. A voilà, et gëtt vill Prioritéiten och do, do si mer d'accord. Ech mengen, dass d'Schoulen, Maison relaisen, den Accès zum Spidol, dat ass eis alles verständlech. Och fir de Citybus effektiv, dass do méi Stroossen da betraff sinn. Och dat versti mer. Den Accès zum Zuch och. Mee als ferventen Notzer vum ëffentlechen Transport muss ech leider umierken, dass dat éischt, wat normalerweis ausfält, wann e bësse Schnéi läit, dat ass den Zuch. An da wär et vläicht heiansdo praktesch, wann ee wéinstens kéint mam Vëlo dann aus Diddeleng erauskommen.

De Verglach mat Beetebuerg, tëschent Beetebuerg an Diddeleng, dee versti mer natierlech, dass Diddeleng duebel esou grouss ass wéi Beetebuerg, mee mir hoffen dann natierlech och dass eis Gemengeservicer awer och adaptéiert sinn do par Rapport, well soss hänke mer do vläicht och e bëssen. An där Logik misste mer jo dann och duebel esou vill Personal a Material zur Verfügung hunn, fir eis drëm ze këmmeren. Also mir verstinn, dass dat heiten net schwaarz-wäiss ass, an dass d'Personal dat mécht, wat eebe méiglech ass. Mir hunn awer kee Problem, fir déi Motioun hei matzestëmmen, well do jo eigentlech just nach eng Kéier schwaarz op wäiss gesot gëtt, dass d'Haaptvëlosachsen, net all Wee, net all klenge Vëloswee, mee d'Haaptvëlosachsen och zu enger vun de Prioritéiten zielt. Déi si elo hei opgezielt ginn. Also ech hunn ni eng Lëscht gesi mat de Prioritéite vum Wanterdéngscht. Ech weess et och net ob et esou en op engem Blat Pabeier gëtt. Ech géif et einfach symbolesch flott fannen, wa mer als Gemengerot awer géife festhalen, dass nieft de Foussgänger, nieft den Autosfuerer an nieft dem ëffentlechen Transport eeben och de Vëlostransport eng Prioritéit ass. Och wann dat schonn esou gehandhaabt gëtt, gesinn ech elo kee Problem fir déi Motioun hei awer nach eng Kéier matzestëmmen, einfach aus symbolesche Grënn.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech hu mat dëser Motioun e Problem. Well et eppes ass, wat am Kommitee Vëlo Diddeleng beschwat ginn ass. An och d'Fotoe vun hirer Facebook-Säit sinn. Entweeder sinn d'Fotoe vu Vëlo Diddeleng, déi dann elo vun de Gréngen an enger Motioun benotzt ginn, oder et si Fotoe vun de Gréngen, wou Vëlo Diddeleng benotzt an hirem Post vum 12. Januar. Wat hei geschitt, ass keng neutral Abréngung. Et ass eng problematesch Vermëschung vun de Rollen. Wann dee Member aus dem Gemengerot gläichzäiteg an engem Vëlosveräin aktiv ass, an an dësem Kader, an dësem Kontext eng Motioun vun de Grénge mat eranzitt, da muss ee sech fundamental d'Fro stellen, gëtt hei Politik gemaach oder gëtt e Veräin politesch instrumentaliséiert? Ee Veräin ass kee politescht Instrument, an et ass kee Verstäerker fir eng Partei.

D'Neutralitéit vun engem Veräin ass keng Niewesaach, si ass d'Grondlag vu sengem Vertrauen. Soubal den Androck entsteet, dass e Veräi parteipolitesch vereinnaamt gëtt, ass dëst Vertraue beschiedegt. Bei Vëlo Diddeleng steet ganz kloer Artikel 2 an de Statutten. “L 'association observe la plus stricte neutralité en matière politique et religieuse”. Wa mir ufänke Veräiner indirekt an eis politesch Strategie mat anzebauen, da schwäche mir grad déi onofhängeg Zivilgesellschaft, op déi mir eis sou gär beruffen. Hei geet et net nëmmen ëm eng Motioun, hei geet et ëm d'Glafwierdegkeet. Nodeems Der schonn aus menger Fro virun e puer Méint eng Motioun gedréit hutt an Iech op d'Schëller geklappt hutt, froen ech wierklech, hutt Der och eegen Iddien a Gedanken, déi Der hei wëllt abréngen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madamm Dimmer. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. An da kënnen d'Auteure vun der Motioun nach eng Kéier d'Wuert kréie fir eng Stellungnam an dann effektiv nach eng Kéier d'Ressortschäffin. An da gi mer zum Vott iwwer. Här Steffen, Dir hutt d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma, ech soe Merci fir d'Wuert. Et ass ëmmer flott, dass d'Madamm Thoma dann awer weist, wat ech alles gesot hunn an dass et net ëmmer esou ganz onkloer ass, wat ech dann awer esou zum Beschte ginn, wann ech esou eng Motioun stellen. Ech probéieren op alles e bëssen anzegoen an nach deen een oder aneren hei vläicht ëmzestëmmen, wéi en da wëllt ofstëmmen. Also, hei ass oft elo genannt gi vun de Prioritéiten, déi géinteneen ofgewie gi sinn. An et ass awer schonn e bësse komesch, well ech och gesot hunn, dass et eng vun de Prioritéite soll sinn an ech domat am Fong och schonn drop aginn, well mir kënnen net iwwert sécher Schoulweeër diskutéieren a soen, hei do mussen awer Leit an d'Schoul

kommen, wa mer dovun ausginn, dass déi all mam Auto sollen an d'Schoul kommen. Well, dat ass, den Accès fir an d'Schoul muss accessibel sinn, fir mat engem Vëlo dohin ze kommen, soss brauche mer de Kanner guer net ze soen, si sollten e Vëlo huelen, wa se net kënnen drop zielen, dass en geholl gëtt fir an d'Schoul. Dat heescht, wa mer dat mat der Mobilité douce eescht mengen, da musse mer och déi Vëlosachse fräihalen, och am Wanter.

Dann hat den Här Meyer an deem dote Kontext. Et ass relativ vill Hannergrondgeräich. Ech weess net firwat dat esou ass. Mee et stéiert schonn e bëssen, wann een awer schwätze wëll. Dann hat den Här Meyer nach gemengt, dass wann ee viru senger Hausdier fortfiert, géif ee jo och op engem Vëloswee am Fong stoen. Dat ass net ganz falsch. An awer mécht et jo en Ënnerscheed, ob eng Autobunn als éischt gestreet ass oder ob e Quartier als éischt gestreet ass. Do gëtt jo och e Choix getraff, wat do als éischt fräigemaach gëtt a wat net. An esou ass dat heiten am Fong och ze verstoen. Déi heite Motioun war an déi dote Richtung gedréit.

Da géif ech drop agoen, d'Madamm Thoma hat dat och scho kuerz ugeschwat, dat ass de Verglach tëscht Diddeleng a Beetebuerg. Dat ass am Fong elo net a mengem Interêt gewiescht, zwou Gemenge mateneen ze vergläichen. Et ass éischter an deem Sënn geduecht gewiescht, dass vill Trajete vun Diddeleng op Beetebuerg sinn, sief et fir en Zuch ze huelen, sief et fir op eng Aarbechtsplaz ze kommen. Mir haten elo just hei nach eng Diskussioun iwwert eng Zone industrielle, déi genau an der Mëtt läit, wou mat Vëlosweeër soll ugeschloss ginn.

An ech fannen do ass et awer schonn e bëssen, jo, et misst schonn zum Selbstverständnis da gehéieren, dass ee wéinstens vun där enger Gemeng an déi aner kéint fueren oder an d'Zone industrielle oder ob seng Gare kéint fueren, wann ee multimodal denkt an do misst u sech de Vëloswee einfach propper sinn, egal wéi grouss déi eng Stad ass a wéi déi aner Stad ass. Do ginn ech der Madamm Thoma Recht, da misst ee jo och proportional dozou méi Leit hunn, déi dat do assuréieren.

Dann hat d'Madamm Dall'Agnol nach gesot, dass dat eng Facilitéit wier, dass d'Ateliere jo schliisslech op der Haaptstrooss do wieren, direkt nieft dem, also an der Zone industrielle do wieren. Dat ass richteg. Dat ass richteg fir deen Deel. Deen aneren Deel, wou a Richtung Krakelshaff geet, dee war och propper wärend der ganzer Zäit vun der Gemeng Beetebuerg, an dee läit awer op deem anere Wupp vum Atelier. Dat heescht, och do géifen hinnen dat Argument gräifen. Och si hunn an där Nuecht, wou et nach eng Kéier drop gefruer ass, hu si nach eng Kéier preventiv propper gemaach. An dat heescht, do kann een och elo net soen, dass dat lo just opgrond vun der Proximitéit wier. Dir sot grad, et géing op der Prioritéitelëscht stoen, dofir misst een dat heiten net stëmmen. Deem ginn ech net ganz recht, well ech mer am Fong soen, dat war elo eng Woch laang, wou do Schnéi drop loung. Da froen ech mech wéi grouss, oder, quitte et steet op enger Prioritéitelëscht, mee da ganz ënnen op der Prioritéitelëscht, fir dass eng Woch näischt do geschitt, fannen ech e bësse schwiereg.

Och do ass elo d'Vermëschung komm gewiescht mat Vëlo Diddeleng. Déi hat ech elo esou en tant que tel net gemaach. D'Servicer uruffen, dat ass an der Rei, dat ass déi eng Saach. An awer, wann et op enger Prioritéitelëscht steet, misst engem jo awer trotzdeem et iergendwann eng Kéier och als Reflex ginn, déi dote Saache propper ze maachen. A genau dorëms geet et an där Motioun hei. Dass eeben net een ëmmer muss uruffen. A wann ech dovun ausginn, dass dat stëmmt, wat Der an Äre Broschüre schreift, wat Der an Äre Mobilitéitskonzepter schreift, wou Der sot: Et ass eng Prioritéit vun eis, fir op d'Mobilité douce ëmzeklammen. Da verstinn ech net dee ganzen Argumentaire, deen Der elo gebraucht, fir dat heiten net matzestëmmen, well Der vu Spideeler schwätzt, vu Schoulen, vu Crèchen, vu SEA, vun allem. An dann ass de Vëlo dann awer keng Prioritéit. Do bäisst sech e bëssen den Argumentaire, wann Der gären hätt, dass Gewunnechte bei de Leit opgebaut ginn. A genau ëm déi Gewunnechte geet et bei de Leit.

Ech kommen elo net mat groussen internationale Beispiller aus vill méi nërdlech geleeëne Länner, wou d'Wanteren definitiv méi Schnéi matbrénge wéi eng Woch hei zu Diddeleng op enger nationaler Vëlospist. Mee et misst engem awer trotzdeem och e bëssen dru leien, dass, wann et eng politesch Prioritéit ass, fir dat heiten, als Vëlosstad wëll ech et elo net nennen, mee wann ee scho wëllt, dass d'Mobilité douce an där heiter Stad soll gelieft ginn, da misst een dat doten och konsequent weiderféieren. Dat elo mol zu deem doten Deel.

Dann zu där perséinlecher Attack vun der Madamm Dimmer ginn ech de Wee och net richteg mat. Hiren Argumentaire, dee se do bruet huet, déi Fotoen, alle sechs Fotoen hunn ech gemaach. Dat heescht, et ass am Fong schon, da kéint een u sech ëmdréien, da kéint ee soen, d'Associatioun huet eng Foto vu mir geholl, wat dann och okay ass, well ech an där Associatioun dra sinn. Ech mengen et setzt ee sech fir déi selwecht Interêten an, an dat ass eng propper Vëlospist fir sécher vun A op B ze kommen. A wann ee sech dofir asetzt, a wann ee sech wierklech dofir asetzt an et konsequent wëll duerchzéien, da kënnt et vir, dass een op verschiddene Plazen zumindest dat selwecht seet an net op där enger Plaz eppes anescht seet wéi dat anert Ech denken domat hätt ech genuch gesot. Ech soe Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ganz kuerz. Also eigentlech ass alles gesot. Vu weem elo déi Fotoe sinn, amplaz Fotoen ze maachen, direkt am Service mellen, da wär et nämlech direkt opgefall, datt et do vergiess gi wär. An dann hätt et net eng Woch gedauert, bis déi Fotoen am Service erakomm sinn, vu Vëlo Diddeleng an do gesot ginn ass, oh Misär, well ze vill Schnéi louch, well mer aner Saachen ze dinn haten, well mer amgaange ware mat Plënneren, hu mer et vergiess. Da wär et warscheinlech och direkt gemaach ginn. Mee dat soll den éischte Reflex sinn, amplaz datt eng Associatioun oder mengt Der, de Fussball géif eis net direkt Bescheed soen, wann all hir Goler futti sinn? Oder de Basket géif fir d'éischt Fotoe poste vum Kierfchen, dee vreckt ass. Neen, dee rifft am Service des sports un an da gëtt dat gefléckt an da gëtt dat net fir d'éischt, wat weess ech, op Facebook an an engem Mail eng Woch méi spéit un de Service geschéckt, wou sech och nach iwwert

den Toun streide léisst. Mee dat Faass maachen ech elo mol hei net op. Dat wat Dir gesot hutt, dat war och, Dir hutt gesot, war vläicht onkloer. Neen, et war iwwerhaapt net onkloer. Mir hu ganz genau verstane ëm wat et gaangen ass. A genau esou glaskloer ass et awer och, wat ech gesot hunn, datt mir der Meenung sinn, datt déi Motioun do net muss gestëmmt ginn, well et genau esou glaskloer ass, datt et eng vun de Prioritéiten ass. A wann Der alleguerten nogelauschtert hutt, dann hutt Der jo héieren, datt ech gesot hunn, et war effektiv dëst Joer en Oubli an et ass opgefall, eebe wou sech eréischt gemellt gi war.

Déi meescht Vëlosweeër innerorts, déi féieren och duerch d'Quartieren, dat wësst Der, duerch d'Zon 30en, duerch d'Zon 20en. Dat heescht, och do musse mer kucken, datt alles propper ass. Eben aus deem Grond wou den Här Meyer gesot huet, dass de net schonn dräimol flaachläis, iers de um „richtege" Vëloswee, soe mer elo mol, fir en esou ze nennen, um Ausseruertsvëloswee ukënns. Och dat ass eng Erausfuerderung vun eis, déi mer musse maachen. Nërdlech Länner sinn absolutt net heimadder vergläichbar. Ech hunn an engem Vëlosland gewunnt, do weess ech wéi déi ausgerüst waren, an ech weess duerch Zoufall och wéi e gréissert nërdlecht Land ausgeriicht war. Dat kënnt Der iwwerhaapt net mat eis vergläichen. Aleng vun der Ausriichtung hier. Vergläicht emol eng Kéier, wann hei en Dag Schnéi läit, wat hei um Findel lass ass. An da kuckt Der zu Montreal, do fléie se op en dräi Meter Schnéi leien oder fënnef Meter Schnéi leien. Dat ass einfach eng aner Ausrüstung.

A mir kënnen awer net fir déi dräi Zentimeter Schnéi a warscheinlech mam Klimawandel an den nächste Joren nach manner alles dat doten zouleeën, wat nërdlech Nenner nu mol eeben a laanger Zäit opgebaut hunn a wat och néideg ass. A wa mer iwwert Prioritéite schwätzen, Dir hutt d'Spidol genannt. Also ech weess awer net wéi d'Ëmfro géif ausfalen, an Dir hutt et hei un der Reaktioun vun de Kolleegen am Gemengerot gesinn, wa mer géife froen, hutt Der léiwer de Vëloswee ausseruerts vu Beetebuerg bis an d'Stad gestreet oder wëllt Der léiwer sécher an d'Spidol kommen, wann Der gefall sidd? Do géif ech gär wëssen, wéi dee Sondage ausfält. Lange Rede kuerzer Sinn. Ech hunn och elo schonn ze vill geschwat. Mir allen zwee hunn ze vill geschwat. Ech bleiwen dobäi, datt déi heite Motioun net muss gestëmmt ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, ech menge mir halen hei d'Prozedur an, soss maache mer d'Faass op. Wann Dir als Auteur nach eng Kéier d'Wuert kritt, da wëllen och anerer Stellung huelen. Mir haten déi Diskussioun schonn eng Kéier. Hei ass déi lescht Stellungnam a mir ginn elo zum Vott iwwer.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci. Ech hunn op Facebook nogekuckt. Et ass keng vun de Fotoen, déi ech an d'Dokument gesat hunn, op der Säit vu Vëlo Diddeleng. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay, gutt, huele mer dann zur Kenntnis. Da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwergi vun der Motioun. ***Wien ass mat dëser Motioun averstanen? Dat sinn déi Gréng an déi Lénk. Wien ass net domadder averstanen? Dat ass LSAP, CSV, ADR an DP.*** Voilà, villmools merci, fir déi doten Diskussioun.

# 9. Projet Sportbox

**Motioun vun der Fraktioun CSV Motioun iwwert d'Participatioun um Projet « Sportbox – App and Move » an d'Mise en place vun enger Installation pilote**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op déi nächste Motioun iwwer. Dat ass eng Motioun vun der CSV zu der Sportsbox- App and Move. An hei huet d'CSV-Fraktioun Diddeleng ënnerschriwwen. Ech weess net, wie vun Iech do d'Wuert wëll huelen, d'Madamm Kemp. Da kritt Dir d'Méiglechkeet, d'Motioun virzestellen.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert, ech war e bësse schnell lo lancéiert. Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Diddeleng versteet sech schonn zënter Joren als Sportstad. Aktuell ass och en Trend, de Sport vum Indoor zum Ouddoor ze verlageren. D'Box, déi mir proposéieren, ass eng flexibel zesummesetzbar Method an ass esou ze notzen, wéi et d'Ëmgéigend et dann eeben erlaabt. D'Sportbox ass modulär, sécher a multifunktionell an huet sech schonn an anere Stied bewäert. Se ka mat Ekipement fir Fitness, Calisthenics, Ballspiller oder Koordinatiounsübungen ekipéiert ginn. Dës Sportbox gëtt et schonn a fënnef verschiddene Länner. D'Sportbox kritt een dann iwwer App op an ass mat engem Kamerasystem ausgestatt, fir Vandalismus an Déifställ ze erkennen. Mir wëssen alleguerten, Sport- a Beweegungsfërderung spillt eng zentral Roll fir d'Wuelbefannen, d'Gesondheet an de sozialen Zesummenhalt an enger Gemeng.

Fir Diddeleng als Sportstad ass eng Sportbox och en Zeechen no baussen. Si weist, datt mir eis lo net op deem ausroen, wat mir schonn hunn, mee innovativ denken. Outdoorsportanlage stäerken och d'Attraktivitéit vum ëffentleche Raum. Plazen, wou sportlech Aktivitéit ass, ginn zum Treffpunkt a si brénge Liewen an e Quartier. Dofir invitéiere mir mat dëser Motioun de Schäfferot d'Pilotinstallatioun vun enger Sportbox ëmzesetzen. Eng Pilotphas erlaabt et eis och, en eegene Bilan herno ze zéien. Eng flott Plaz wier zum Beispill de Monopolspark, do kéint een zum Beispill Volleyballsbäll dra maachen, oder d'Sportanlag Rue Centenaire mat Sportsekippement fir Calisthenics zum Beispill. Ech bieden Iech dofir, dës Motioun matzedroen an domat e konkret Signal fir eng modern, oppen a gesond Sportspolitik an eiser Stad. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Merci och der CSV, dass se dat nach eng Kéier ervirgehuewen hunn, dass mer effektiv als Sportstad ganz gutt ënnerwee sinn an natierlech oppe si fir nei Momenter. Well mer dat eebe sinn, hu mer Enn des Joers 2025 schonn d'Initiativen ergraff ronderëm dës Sportbox. Dat heescht, mir hunn dräi europäesch Ubidder ugeschriwwen, fir ze kucke wat et eebe gëtt an deem Kader, wéi eng Modeller

et gëtt. Ech mengen, mir hunn et och elo e bësse schonn héiere vun der Madamm Kemp. Do ginn et verschidde Moduller, bezéiungsweis déi verschidde Caseë kann ee fëllen, sou wéi de Fournisseur et proposéiert, bezéiungsweis wéi an deem heite Fall mir als Client da vun Interêt hätten. An da kann een dat op verschidde Plazen hisetzen.

Dat ass och eng Diskussioun, déi mer hunn. Dir hutt et och ugedeit, wouhinner kënnt et? Jee nodeems wou et hikënnt, ass en anere Public-cible concernéiert. Deementspriechend kënnt och anert Material do dran. Dat heescht, dat muss ee schonn e bëssen do sech déi Gedanke maachen.  A wat mer nach net recht wëssen, dofir hu mer nach keng Decisioun geholl: Wat ass e bëssen de Gesamtkäschtepunkt, wou op eis duerkënnt? Dat heescht et muss een e bësse kucke wou déi Këscht géing hikommen. Wat heescht dat fir déi Installatioun? Sinn do Fundamenter ze maachen? Ass en elektreschen Uschloss ze maachen? Ass eppes, mir hunn elo Internet héieren, muss een do eppes virgesinn? Wéi ass et mat der Maintenance? Gëtt déi inhouse gemaach? Oder gëtt déi vun der Firma assuréiert? An dann, wéi gesot, d'Zesummesetzung an den Uert, wou déi Box soll hikommen. An dann huet een nach d'Méiglechkeet, ob ee Locatioun oder Achat fiert. Déi Méiglechkeet huet een och nach.

A mir hunn och déi Gemengen ugeschriwwen, déi méi oder manner gutt Erfarunge gemaach hunn. Do waren och scho Saachen, déi net esou gutt gelaf sinn. Mee alles dat fléisst am Moment an eis Analys an. Mir sinn nach net duerch de ganze Bësch do komm an deementspriechend géif ech elo soen, neen, refuséieren an deem Sënn déi Motioun, well de Projet leeft schonn, mir hunn eppes, de Service setzt sech domadder ausenaner. Jo och hei hätt ee kéinten eventuell am Service froen, hutt Der schonn eppes dovunner héieren? Bezéiungsweis an der Sportskommissioun eng Kéier e Wuert doriwwer verléieren, dann hätt Der déi doten Äntwert kritt, dann hätt Der vläicht op déi Motioun verzicht, bezéiungsweis kënnt Der se jo elo nach zréckzéien, lo wou Der wësst, dass de Betrib do drun ass. A mir mussen do nach verschidden Decisiounen huelen, mee ech kann Iech awer dann hei soen, dass mer, wa mer dann d'Decisioun geholl hunn, dass mer de Gemengerot dach deementspriechend géifen au courant halen. Voilà.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Vun eiser Säit soe mer der CSV Merci fir dës Motioun. Mir ënnerstëtzen d'Installatioun vun enger Sportbox als Pilotprojet. Mer fannen et eng flott Iddi, datt d'Leit gratis kënne sech ekipéieren an hire Sport ausüben. Mer mussen dann och mol ofwaarden an och analyséieren, ob a wéi vill dat bei de Leit och ukënnt. Et ass och gutt, datt an der Sportbox Kameraen installéiert sinn, soudatt verhënnert gëtt, datt Sportmaterial geklaut gëtt oder duerch Vandalismus beschiedegt gëtt. Ech soe Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Effektiv, wou ech d'Motioun gesinn hunn, hunn ech eng flott Saach fonnt op den éischte Bléck, mee et hu mer awer richteg vill Informatioune gefeelt gehat, well déi gi wierklech net doraus ervir. Et ass esou, dass ech du mech och op d'Sich gemaach hunn, warscheinlech op deene selwechte Sitte wéi Dir alleguerten, dass dat e Projet ass, deen et schonn a méi Länner gëtt, haaptsächlech am däitschsproochege Raum, wou dann iwwer 250 Stied domat scho schaffen. Fir d'Leit schéngt et gratis ze sinn. Beim Déifstall wësse si, wien d'App als éischt deblockéiert huet. Et si Kameraen dran. Do ass mer d'Fro vum Dateschutz komm. Also wéi gutt ass dat, dass do eng Firma dann awer trotzdeem op verschidden Donnéeë kann zréckgräifen, well de Mann am Video, deen huet dat ganz houfreg du konnten erklären: Jo, wa mer eppes geklaut kréien, da gesi mer direkt, wien dat war, wéi an hei an do, an da gi mer d'Nummer weider an da kann deen do uruffen. Do hunn ech mer mol déi Fro gestallt. An och do, wou et géif hikommen, wéi vill, dass Der der gären hätt an, well et ass, wéi den Här Spina grad gesot huet, si maache Reklamm dofir, dass een dat kann an eng Schwämm stellen, dass een do ka Waasserspillsaachen dra maachen, dass een et kann op eng Spillplaz maachen, dass een do Kannerspillsaache kann dra maache fir dann am Sand ze spillen.



Do muss ee sech Slotten buchen iwwert déi App, wann ech dat richteg gesinn hu bei deem System, deen Der hei proposéiert.An dunn hunn ech mer och d'Fro gestallt, wéi et dann ass, well si maachen dann an hirem Publicitéitsclip ass et elo, wa mir 19 eis géifen e Slot buchen a mir géifen zu 19 do bei den Apparat goen an dann do eis Fitnessübunge maachen. Mee wat ass, wann ech elo do amgaange sinn, de Schaf steet op an do sinn dann awer nach aner Leit, déi iergendwéi froen, hei kann ech do matmaachen? Da kritt een awer iergendwann eng Kéier net méi esou den Iwwerbléck, well warscheinlech dee jo dann dofir haft, dee grad dee Schaf do opgemaach huet an deemno, wat een drastellt, well si hunn och Skateboarden an esou Geschier dran, kann et awer emol sinn, dass een herno awer do e bëssen deen Domme bei der Saach ass, wann een deemno op wéi eng Plazen et dann herno stellt.

D'Fro, déi ech mer och gestallt hunn, also fir kënnen anstänneg doriwwer hei ze votéieren, ob een dat elo wëllt matstëmmen oder net, vum Präis hier. Ech hu keen ee Präis erausfonnt, wat dat Dénge kascht. Ech hunn net erausfonnt, wat den Entretien dovun ass. Déi lafend Fraisen, wie këmmert sech ëm d'Instandhaltung derfir? Ech mengen Dir pocht jo ëmmer op eis Personalkäschten. Do mussen awer och reegelméisseg déi Apparater propper gemaach ginn, denken ech mer elo mol. Well wann do Leit hire Sport maachen, déi Hantelen, Dir waart bestëmmt scho mol eng Kéier an engem Fitnesszenter, déi sinn och méi appetitlech, wann d'Leit hir Hänn desinfizéieren no den Übungen oder selwer propper maachen. Dofir ass dat doten elo eppes, wat mer a priori eng flott Iddi fannen, mee och net genau

wëssen, wéi mer dat dote kéinte mat esou wéineg Infoe matstëmmen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Ech fanne wierklech, wa mer eis un d'Reglement hale mat de Motiounen, ech fannen et vill méi flott, wa fir d'éischt emol de Schäfferot Stellung bezitt, well dat hat elo wierklech en Impakt op meng Stellungnam, well, also ech sinn och éischter skeptesch vis-à-vis vun dëser Motioun gewiescht a main Haaptdéngens war awer gewiescht, dat dote wär elo wierklech eppes gewiescht, wou een hätt kënne soen: Firwat hutt Der dat net an eng Schoulkommissioun bruecht? Well ech mengen dorausser ergëtt sech jo, wou kéint een dat maachen? Dorausser ergëtt sech, wat kéint een do dra maachen? Wéi grouss misst se sinn? Wat hätt dat vu Käschten?

Just dass mer elo héieren, erëm dat Klassescht, well mer ganz oft vum Schäfferot héieren, ah dat hate mer schonn, dat ass superfetatoire, dat hate mer scho geplangt, jo, kënnt Der ëmmer elo soen, vläicht stëmmt et och. Mee dat wär natierlech och flott gewiescht, wann de Schäfferot dann domadder, oder d'Servicer, wann dat scho sou laang diskutéiert gëtt an de Servicer, eng Kéier domadder an d'Sportskommissioun komm wieren, well ech menge wierklech, dass dat heiten awer e Sujet ass, dee kéint e bëssen an der Kommissioun diskutéiert ginn, wou d'Leit vläicht ganz ënnerschiddlech Iddien hunn.

Et gouf elo hei vum Monopolspark geschwat, vun der Schwämm. Et gëtt ganz ënnerschiddlech Iddien, soudass dat och eigentlech eis Propos war, fir dat doten an d'Kommissioun weiderzeginn. Mir fannen et eng interessant Iddi. Mir hunn eis awer och all déi Froe gestallt, déi elo schonn opkomm sinn. Mir hunn eis och d'Fro gestallt, wou mer dat doten e bësse recherchéiert hunn. Dat schéngt awer just eng Entreprise ze sinn, déi dat doten ubitt? Neen, anscheinend net. Okay, et gëtt dräi Entreprisen, an der Rei. Well dat war och e bëssen e Punkt, wou mer eis geduecht hunn, okay, wa mer elo hei eng Motioun stëmme fir eng bestëmmten Entreprise, dat géife mer e bësse komesch fannen, wann et do verschidde Méiglechkeete gëtt, ass dat interessant. Dat heite ka flott sinn, mee mir hätte wierklech d'Tendenz ze froen, dass een dat heiten eng Kéier an enger Sportskommissioun kann diskutéieren.

MARC MEYER (DP): Jo, merci fir d'Wuert. Jo, ech hat mer och Gedanke gemaach zu där Sportbox, wou een déi eventuell kéint histellen an och natierlech wéi stabil déi sinn. Wann ee kuckt, wéi verschidden Toilettë schonn hei zu Diddelenger an anerwäerts demoléiert ginn, dann, wann dat just eng bleche Këscht ass, ass et just eng Saach vun der Zäit, bis een do d'Dier oprappt, fir de Skateboard oder e Ball ze klauen. D'Kamera hëlleft dann och net méi vill, wann ee sech e Buff iwwert d'Nues zitt, ass een och net méi ze erkennen. Wat awer vläicht eng Iddi wär, dat wär fir esou Saachen an eise Sportshalen ënnert der Surveillance vun de Conciergen dohin ze stellen, dass een emol eng Kéier kann e puer Frisbeeën oder e Skateboard kann ausléinen, fir dann zum Beispill ënnen am Park vum Lycée do ze spillen oder Sport ze bedreiwen. Do géif ech dat éischter esou gesinn. Merci.

DIOGO COSTA (LSAP): Jo, et gouf elo scho vill gesot. Ech mengen och mir stëmmen déi Motioun do net mat, grad de Volet vun der Pilotinstallatioun. Mir sinn eeben dofir, dass mer fir d'éischt eng Kéier d'Analys, déi amgaangen ass, ofschléissen, do kucke wat erauskënnt an eeben d'Erfarungen och vun den anere Gemengen, déi eng hunn, ofzewaarden an dann eréischt eng Decisioun huelen op, a wa jo, wou mer déi Installatioun himaachen. An och mir sinn natierlech oppen, déi Diskussioun an enger Kommissioun ze féieren, wann eeben all d'Resultater vun där Analys bis do sinn. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, effektiv, eng ganz Rei vu Froe sinn opgeworf ginn, déi mir eis och am Moment stellen. An dofir war et fir eis nach net de Moment, fir dat iergendwou unzeschwätzen oder ze presentéieren. Madamm Thoma, ech wëll awer ganz éierlech soen, wa mir, ee vun eise Memberen am Schäfferot soen, dass mer dee Projet schonn um Radar hunn, dass mer dat schonn duerchdiskutéiert hunn an iergendengem Kader, dann ass dat och esou. Do wär ech frou, Dir géift eis awer sou vill vertrauen an net do dat och, wéi Der et elo hei presentéiert hutt, a Fro ze stellen. Dat hunn ech och net ganz, fir dann am Sport ze bleiwen, fair fonnt. Wéi gesot, hei sinn eng ganz Rei vu Froen, déi sech gestallt ginn. Déi eenzel Casiere kann een och lounen oder kafen. An dat ass och dann eng Saach mam Präis. Wéi grouss gëtt herno déi Box, jee nodeem wéi vill Casieren ech eebe wëllt zur Verfügung stellen? An dat gëtt schonn e richtege konsequente Budget.

Wéi gesot, et sinn an Europa am Moment dräi Fournisseuren, déi dat doten ubidden. Mat deenen dräi si mer a Kontakt. Ech fannen d'Iddi, déi do de Moien opkomm ass, net oninteressant, fir ze soen, wann d'Analys gemaach ass vum Service, kann een déi eng Kéier an enger Sportskommissioun duerchdiskutéieren. Ech mengen dat maache mer ganz, ganz gären. An da kucke mer, wat dann do dobäi erauskënnt, fir dann eventuell iwwert e Joer emol och hei zu Diddeleng esou e Pilotprojet ze lancéieren. Awer, wéi gesot, bon, et ass elo un der CSV ze decidéieren, ob se dann awer déi Motioun do wëllen oprechterhalen no deenen Diskussiounen an Erklärungen, vläicht och déi se am Virfeld nach net haten.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Par rapport zu zréckbehalen oder bäibehalen. Absolut, do kënnt Der reagéieren. Absolut.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Jo, genau. Also mir sinn dofir, fir se weiderhin oprechtzeerhalen an se zum Vott ze stellen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: D'accord. Villmools merci fir déi dote kloer Ausso. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. An därselwechter Logik bleiwen ech da wéi virdrun. ***Wien ass fir dës Motioun? Dat ass dann d'CSV an den ADR. Wien ass géint d'Motioun? D'LSAP, déi Gréng an d'DP. Wien enthält sech, dat sinn déi Lénk.***

Gutt, dann si mer duerch. A wéi gesot, hei ass jo dann awer och d'Engagement vum Sportschäffen, dass, wa bis d'Don-

néeën um Dësch leien, dat dann eng Kéier an enger Sportskommissioun dat ze erklären.

## 10. Froen un de Schäff*innerot

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir hunn do véier Froe kritt. Zwou vun deene Gréngen, eng iwwert den Depart vum Freedefeier, eng iwwert eng Publikatioun vu Meng Stad. Dann eng vun deene Lénk iwwert Logement a Relogement. An och vun der CSV. Do waren eng ganz Rei Froen dran, wou mer mussen nach recherchéieren, och bei Externer, wou mer net alleguerten d'Donnéeën hunn, dofir wäerte mer op déi dote schrëftlech äntweren.

Et waren och deelweis Ënnerfroen oder 5, 6 Froen a souguer an enger Froen. Also, wéi gesot, et sinn net 2, 3 Froen, mee et sinn der dann deelweis e bësse méi an da musse mer och mat eise Servicer eis e bësse méi Zäit huelen, fir dat kënnen opzebereeden. Dofir wäerte mer Iech dat dann och schrëftlech natierlech ganz gären zoukomme loossen an och un de Gemengerot, wa mer alleguerten d'Donnéeën, och vun den Externen, deementspriechend och hunn. Gutt, dat gesot, war dat de leschte Punkt vun der Seance publique. An da géif ech elo proposéieren, dass mer de Huis clos iwwerginn.

**Questions du parti politique Déi Gréng concernant les feux d'artifice**

Monsieur le Bourgmestre, Mesdames et Messieurs les échevins, au nom de déi gréng Dudelange, nous vous prions de bien vouloir prendre position sur les questions suivantes lors du prochain conseil communal. Si un feu d'artifice est généralement perçu comme un moment festif, il constitue néanmoins, du point de vue de la sécurité publique et du bien-être animal, un événement présentant des risques réels. En effet, un feu d'artifice comporte des risques importants d'incendie, de blessures, de pollution, ainsi que de panique et de souffrance animale, le niveau sonore pouvant dépasser 150 dB à proximité immédiate.

Sachant, d'une part, que les feux d'artifice sont interdits sur le territoire de la commune de Dudelange en vertu du Règlement général de police de la Ville de Dudelange du 26 mai 2023, et plus particulièrement de son article 17 – Feux d'artifice, qui dispose : « Il est défendu de tirer, sur la voie publique et sur les terrains privés, des feux d'artifice à l'intérieur de l'agglomération ainsi qu'à une distance inférieure à 100 mètres de celle-ci. Toutefois, le bourgmestre peut autoriser cette activité sur demande pour un usage professionnel. » Et, d'autre part, que le bourgmestre et le collège échevinal indiquent être en étroite collaboration avec la Police grand-ducale et se réunir régulièrement dans ce cadre, nous souhaiterions obtenir des précisions sur les points suivants :

1. Disposez-vous d'informations concernant des interventions recensées autour des festivités du Nouvel An ?



2. Des suites ont-elles été données à ces faits (constatations, sanctions, poursuites) et des mesures supplémentaires sont-elles envisagées afin de prévenir ce type de comportement à l'avenir ?

3. Le collège échevinal envisage-t-il d'adapter le règlement communal dans le but de prévenir de futures infractions à ce sujet ?

4. Le collège échevinal est-il en mesure d'estimer les dégâts causés par les feux d'artifice (dégâts matériels, déchets, résidus ainsi que les heures prestées par les services communaux pour les réparations et/ou le nettoyage) ?

Dans l'attente de votre réponse, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Bourgmestre, Mesdames et Messieurs les échevins, l'expression de notre parfaite considération.

Semiray Ahmedova ,conseillère communale;
Yves Steffen, conseiller communal.

***Réponse du collège des bourmestre et échevine·es***

Madame, Monsieur, la fraction politique « Déi Gréng » a adressé en date du 9 février 2026 au collège des bourgmestre et échevins une série de questions relatives à l'organisation de feux d'artifice sur le territoire communal.
Dans votre courrier, vous soulignez que, bien que traditionnellement associés à un caractère festif, les feux d'artifice comportent des risques réels en matière de sécurité publique, notamment en matière d'incendie, de blessures et de pollution ainsi que pour le bien-être animal en raison des nuisances sonores qu'ils engendrent.

Vous renvoyez par ailleurs aux dispositions du Règlement général de police de la Ville de Dudelange, qui interdisent les feux d'artifice sur le territoire communal, sauf autorisation spécifique accordée par le bourgmestre pour un usage professionnel. Vous trouverez ci-après les réponses du collège des bourgmestre et échevins aux différentes questions soulevées.

Question 1 : Disposez-vous d'informations concernant des interventions recensées autour des festivités du Nouvel An ?

Après vérification auprès du Corps grand-ducal d'incendie et de secours CGDIS – CIS Dudelange, aucune intervention ni aucun incident en relation avec un feu d'artifice n'a été enregistré ni le 31 décembre 2025, ni le 1er janvier 2026. Selon les informations communiquées, la nuit du Nouvel An a été particulièrement calme pour les équipes concer-

nées. Du côté de la Police grand-ducale, Commissariat de Dudelange, un seul appel a été enregistré au début de la soirée du 31 décembre 2025 au sujet de coups de pétards. Il convient de préciser que, même dans le cadre de la collaboration régulière entre le collège des bourgmestre et échevins et la Police grand-ducale, les informations relatives aux

interventions policières, aux constatations, aux suites données ou à d'éventuelles poursuites sont soumises à la seule opportunité du Parquet. Il ne revient ainsi pas au collège des bourgmestre et échevins de rendre ces informations publiques de manière détaillée, mais bien aux autorités judiciaires. En ce qui concerne les services communaux, aucune réclamation ni signalement en lien avec des feux d'artifice n'a été enregistré pendant les fêtes de fin d'année, ni via l'application Report-It de la City-App. Au vu de ces éléments, aucune situation problématique particulière en lien avec des feux d'artifice n'a été constatée par les autorités sur le territoire communal lors du passage à l'année 2026.

Question 2 : Des suites ont-elles été données à ces faits (constatations, sanctions, poursuites) et des mesures supplémentaires sont-elles envisagées afin de prévenir ce type de comportement à l'avenir ?

D'après les informations transmises par la Police grand-ducale, l'unique appel enregistré le 31 décembre 2025 concernait des coups de pétards. L'intervention effectuée sur place n'a toutefois pas permis de localiser ni d'identifier le ou les auteurs des faits signalés. En l'absence d'identification des personnes concernées, aucune sanction, aucun avertissement ni aucune poursuite n'ont dès lors pu être engagés. Au vu de cette situation, et considérant qu'aucun autre incident ou signalement n'a été officiellement recensé (par dépôt de plainte) durant les festivités de fin d'année, aucune mesure supplémentaire spécifique n'est envisagée à ce stade. Le collège des bourgmestre et échevins continuera néanmoins à veiller au respect des dispositions du Règlement général de police et à maintenir la collaboration étroite avec les autorités compétentes afin de prévenir, le cas échéant, tout comportement contraire à la réglementation en vigueur.

Question 3 : Le collège échevinal envisage-t-il d'adapter le règlement communal dans le but de prévenir de futures infractions à ce sujet ?

Le collège n'envisage pas de modifier le Règlement général de police du 26 mai 2023. En effet, l'article 17 dudit règlement dispose de manière claire et explicite : « Feux d'artifice - Il est défendu de tirer, sur la voie publique et sur les terrains privés, des feux d'artifice, à l'intérieur de l'agglomération, ainsi qu'à une distance inférieure de 100 mètres de l'agglomération. Cependant le bourgmestre peut autoriser cette activité sur demande pour usage professionnel ainsi qu'à l'occasion de fêtes publiques ou privées. »

À ce jour, aucune demande au sens de l'alinéa qui précède n'a été acceptée. Par ailleurs, le règlement prévoit des mécanismes de sanction. Ainsi, l'article 75 du Règlement général de police sanctionne notamment « le fait de lancer ou de faire éclater des matières fumigènes, fulminantes ou explosives, puantes ou lacrymogènes dans les rues, voies et places publiques ». Les infractions à l'article 17 sont passibles d'une amende de police de 25 à 250 euros tandis que les infractions à l'article 75 sont passibles d'une amende administrative de 25 à 250 euros.

Il est à relever qu'aucune amende administrative ni aucune amende de police n'a été émise à la suite du réveillon de la Saint-Sylvestre et du Nouvel An 2025/2026. Au regard de la clarté juridique des dispositions existantes et de l'absence d'incidents significatifs constatés officiellement par les forces de l'ordre, le collège des bourgmestre et échevins estime que le cadre réglementaire actuel est adéquat et ne nécessite pas d'adaptation à ce stade.

Question 4 : Le collège échevinal est-il en mesure d'estimer les dégâts causés par les feux d'artifice (dégâts matériels, déchets, résidus ainsi que les heures prestées par les services communaux pour les réparations et/ou le nettoyage) ?

Les équipes de nettoyage de la Ville ont travaillé selon les horaires habituels, comme le reste de l'année. Aucune équipe supplémentaire n'a été mobilisée et aucune situation exceptionnelle liée aux résidus des feux d'artifice n'a été constatée. La première intervention après le Nouvel An a eu lieu le 2 janvier 2026.

En ce qui concerne les dégâts matériels, aucun incident sur les terrains ou bâtiments publics n'a été signalé. Enfin, le garde-champêtre et le garde-forestier indiquent qu'aucune situation problématique liée aux résidus de feux d'artifice n'a été constatée dans les zones rurales de la commune. Ainsi, le collège des bourgmestre et échevins peut conclure que les feux d'artifice n'ont entraîné ni dommages matériels significatifs, ni surcharge exceptionnelle pour les services communaux en matière de nettoyage.

Veuillez agréer, Monsieur, l'expression de notre très haute considération.

Pour le collège des bourgmestre et échevins,
le bourgmestre, Dan Biancalana,
le secrétaire communal, Patrick Bausch.

**Froe vun der Fraktioun Déi Gréng Diddeleng – Publikatioun "Meng Stad" – Rezepter vun de Restaurateuren"**

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen, am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froe Stellung ze huelen. Am Magazine vun der Stad Diddeleng "Meng Stad", dat am Numm vum Buergermeeschter a Schäfferot eraus kënnt an un all d'Stéit zu Diddeleng verdeelt gëtt, hu Restaurateuren d'Méiglechkeet e Rezept ze präsentéieren. Dës Initiativ begréisse mär als "déi gréng" ausdrécklech, well et de Bierger*Innen d'Restaurante vun Diddeleng méi no bréngt an eng flott Publicitéit ass. Allerdéngs ass an der Ausgab 3/2025 d'Rezept wat proposéiert gëtt "foie gras poché au vin rouge et sa compotée de poires à la badiane" (Annex 1). Säit 1983 ass d'Zwangsfidde-

rung vun Déieren zu Lëtzebuerg verbueden, wat mat sech bréngt, dass och d'Zwangsfidderung vu Gänse fir d'Herstellung vu Foie Gras hei am Land net erlaabt ass, well et géint d'Déiereschutzgesetz geet.

An dem Kontext wollte mär wëssen:

1. Wéi steet de Buergermeeschter a Schäfferot zu der Promotioun vu Foie Gras am Magazine, wou hien den "Editeur responsable" ass?

2. Gedenkt de Buergermeeschter a Schäfferot eng Prise de Position an der nächster Editioun ze maachen, andeems en sech vun dësem Plat distanzéiert? Foie gras gëllt driwwer eraus an der Gastronomie als Luxusproduit. An enger Zäit, wou d'Liewensmëttelkäschten an d'Lut ginn an et fir vill Famille schwéier ass d'Enner beieneen ze kréien wollte mär nach wëssen:

3. Fënnt de Schäfferot et ubruecht e Luxusproduit ze promouvéieren, wëssend dass sech dëse Magazine un all d'Bierger*Innen riichte soll, onofhängeg vun hirer finanzieller Situatioun?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,
Semiray Ahmedova ,conseillère communale;
Yves Steffen, conseiller communal.

***Äntwert vum Schäff*innerot***

Madame, Monsieur, d'Fraktioun Déi Gréng Diddeleng huet de 9. Februar 2026, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 13. Februar 2026 a gemiess dem Gemengegesetz, dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss zu der Promotioun vum Rezept vum „Foie gras" an der Editioun 3/2025 vum Magazine „Meng Stad". Déi Gréng weisen drop hin, datt d'Foie Gras-Produktioun mat Zwangsfidderung verbonnen ass, wat zu Lëtzebuerg zënter 1983 verbueden ass, an hannerfroen d'Responsabilitéit vum Editeur vun der Publicatioun. Zousätzlech stellt d'Fraktioun d'Fro, ob et ubruecht ass, e Luxusproduit ze promouvéieren an enger Zäit vu steigende Liewensmëttelpräisser, wou de Magazine sech un all Bierger*Innen riicht. Nofollegend fannt Där d'Äntwerte vum Schäfferot op Är Froen.

Fro 1: Wéi steet de Buergermeeschter a Schäfferot zu der Promotioun vu Foie Gras am Magazine, wou hien den "Editeur responsable" ass?

De Magazine „Meng Stad", als kommunal Publikatioun, ass eng Plattform, déi, ënner anerem, de lokale Commercen a Restaurateuren d'Méiglechkeet gëtt, sech virzestellen. D'Inhalter an dësem Kader reflektéieren d'Villfalt vun der Offer zu Diddeleng an d'Interesse vun der Bevëlkerung.
Obwuel de Schäfferot den Editeur ass vun der genannter Publicatioun gesäit hien et net als seng Aufgab, am Kader vun esou Presentatiounen, kulinaresch Choixen inhaltlech ze bewäerten, ze zenséieren oder no normative Critèren ze steieren, soulaang dës am legale Kader leien. D'Presentatioun vun engem Rezept an engem redaktionelle Kader stellt keng Reklamm fir e spezifesche Produit, an och keng Promotioun vun enger bestëmmter Produktiounsweis duer, mee virun allem eng Mise en avant vum handwierkleche Kënnen vum Restaurant a vu sengem Chef de cuisine.

Am konkrete Fall handelt et sech ëm e lokale Restaurant mat internationaler Reputatioun, deen ënner anerem mam Bib Gourmand am Guide Michelin ausgezeechent gouf. D'Roll vun der Stad Diddeleng besteet doranner, eng neutral an oppe Plattform ze bidden, net awer an d'kreativ Ausriichtung vun de virgestallte Rezepter anzegräifen.
Selbstverständlech ass et dem Schäfferot wichteg, datt all Aktivitéiten am Respekt vum gëltege Recht oflafen, wat an dësem Fall kloer de Fall ass.

Fro 2: Gedenkt de Buergermeeschter a Schäfferot eng Prise de Position an der nächster Editioun ze maachen, andeems en sech vun dësem Plat distanzéiert?

Wéi ënner Fro 1 ausgefouert, huet et sech bei dem betraffene Bäitrag ëm eng redaktionell Presentatioun vun engem lokale Restaurant a sengem kulinaresche Kënnen gehandelt, an net ëm eng inhaltlech oder politesch Positioun vun der Stad Diddeleng. Aus deem Grond gesäit de Schäfferot keng Noutwendegkeet, an enger nächster Editioun vu „Meng Stad", eng Stellungnam oder Distanzéierung zu dësem Rezept ze maachen.

Fro 3: Foie gras gëllt driwwer eraus an der Gastronomie als Luxusproduit. An enger Zäit, wou d'Liewensmëttelkäschten an d'Lut ginn an et fir vill Famille schwéier ass d'Enner beieneen ze kréie wollte mär nach wëssen: Fënnt de Schäfferot et ubruecht e Luxusproduit ze promouvéieren, wëssend dass sech dëse Magazine un all d'Bierger*Innen riichte soll, onofhängeg vun hirer finanzieller Situatioun?

De Schäfferot huet Versteesdemech fir d'Suerg am Kontext vun de gestigene Liewenskäschten. "Meng Stad" ass awer kee Medium, dat Inhalter nom Präisniveau oder nom wirtschaftleche Profil vun de Lieser*Innen ausselektionéiert.
Esou eng Approche géif d'Gemeng virun d'Fro stellen, no wéi enge Critèrë lokal Acteuren a Produiten nach dierften oder net méi dierften thematiséiert ginn. De Lieser behält d'ailleurs ëmmer de fräie Choix. De Magazine „Meng Stad" kann a gëtt an anere redaktionelle Kontexter bewosst och benotzt, fir ze informéieren an ze sensibiliséieren.

Bei der Presentatioun vu lokale Betriber steet awer d'Virstellung vum Kënnen an dem Know-how am Mëttelpunkt, net eng inhaltlech Bewäertung vum Produit. Wéi ënner Fro 1 erkläert, handelt et sech och hei net ëm eng Konsumempfehlung, mee ëm d'Visibilitéit vu lokale wirtschaftlechen Acteuren. De Schäfferot ass der Meenung, datt dës Approche dem oppenen, breet ugeluechte Charakter vum Magazine entsprécht.

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch.

**Froe vun der Fraktioun Déi Lénk Diddeleng – Fermeture vu chambres meublées**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot, am Dezember 2025 huet de Buergermeeschter missen unuerdnen, 3 Appartementer mat sougenannte “chambres meublées” zouzemaachen, well déi hygieenesch Zoustänn et net méi erlaabt hunn, weider do ze wunnen. D’Membere vum Gemengerot goufen an enger nächster Sëtzung och vum Buergermeeschter doriwwer informéiert. E puer Wochen dono gouf dunn an der Press iwwer dëse Fall bericht.

An dem betraffenen Haus huet ënnert anerem eng Famill mat 9 Kanner gewunnt. Déi meescht vun deene Kanner sinn am Schoulalter an d’Eltere schaffen, sou dass kann dovun ausgaange ginn, dass d’Famill e grousst soziaalt Emfeld huet. Aus deem Grond woare mir schockéiert ze gesinn, dass am zitéierten Artikel eng ganz Rei Fotoe publizéiert goufen, déi d’Zoustänn bannen am Haus gewisen hunn. Dës Fotoen am Kontext vun engem ganz konkrete Fall ze publizéieren, stellt an eisen Aan e graven Agrëff an déi intim Privatsphäre vun deene Betraffenen duer. D’Fotoe goufe vum Service Logement vun der Stad Diddeleng zur Verfügung gestallt. An deem Kontext stelle sech eis follgend Froen:

1. Hat d’Gemeng Diddeleng den Accord vun de Leit, déi bis viru kuerzem an dem Haus gewunnt hunn, fir dës Fotoen ze publizéieren?

2. Fënnt de Schäfferot et opportun, esou privat Fotoen ze publizéieren, wëssend dass dat soziaalt Emfeld vun deene betraffene Leit kann aus dem Artikel schléissen, wie bis viru kuerzem an deenen Zëmmere geliewt huet an ass en net der Meenung, dass doduerch d’Privatsphäre vun deene Leit verletzt gouf?

Aus dem uewen zitéierten Artikel geet dann ervir, dass der Gemeng schon 2021 opgefall ass, dass d’Mindestufuerderungen un d’”chambres meublées” an dësem Haus net respektéiert gi sinn. D’Servicer vun der Gemeng hätten an der Zäit och reegelméisseg Drock op de Proprietär gemat fir dass dësen d’Situatioun verbessert. Trotzdeem ass am Abrëll 2024 festgestallt ginn, dass d’Situatioun sech ënnerhalb vun 3 Joer stoark aggravéiert huet a Sécherheetsmängel virleien, déi am Fall vun engem Brand kinnten zu enger “veritabeler Katastrophe” féieren.

Laut dem Presseartikel huet et allerdéngs nach eng Kéier 18 Méint gedauert, bis am September eng Visite vum CGDIS, der Police an dem Service Logement stattfonnt huet. Eis ass bewosst, dass d’Unuerdnung vun der Fermeture vu “chambres meublées” duerch de Buergermeeschter am Kontext vun der aktueller Logementskris eng komplizéiert Optioun ass. Eis stelle sech allerdéngs follgend Froen:

3. Ass de Schäfferot net der Meenung, dass opgrond vun deenen éischten Opfällegkeeten méi reegelméisseg Kontrollen dozou gefouert hätten, dass d’Sécherheetsmängel scho virun 2024 opgefall wieren?

4. Wéi erkläert de Schäfferot sech, dass tëschent dem Entdecken vun dëse grave Sécherheetsmängel – mat deenen aut Presseartikel 18 Leit an dorënner 11 Kanner gelieft hunn- an der Visite vum CGDIS an der Police 18 Méint vergaange sinn?

5. Wëssend dass de Proprietär nach wärend engem Mound muss d’Käschte fir d’Relogement iwwerhuelen, konnt mëttlerweil eng laangfristeg Léisung fonnt gi fir déi 2 Männer, déi an engem Hotel ënnerkomm sinn a fir d’Famill mat 9 Kanner?

6. Wéi vill “logements d’urgence” besëtzt d’Gemeng Diddeleng aktuell?

An Erwaardung op Är Äntwerte verbleiwen ech mat beschte Gréiss, Carole Thoma, Gemengeréitin déi Lénk.

***Äntwert vum Schäff*innerot***

Madame, d’Fraktioun Déi Lénk Diddeleng huet de 9. Februar 2026, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 13. Februar 2026 a gemiess dem Gemengegesetz, dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss am Zesummenhang mat der Fermeture vun dräi Appartementer mat sougenannte „chambres meublées“ am Dezember 2025. Nofollegend fannt Där d’Äntwerte vum Schäfferot op Är Froen.

Fro 1: Hat d’Gemeng Diddeleng den Accord vun de Leit, déi bis viru kuerzem an dem Haus gewunnt hunn, fir dës Fotoen ze publizéieren?

D’Fotoe goufen am Accord a Presenz vun de betraffene Persoune gemaach a mat der Zouso fir eng Veröffentlechung.

Fro 2: Fënnt de Schäfferot et opportun, esou privat Fotoen ze publizéieren, wëssend dass dat soziaalt Ëmfeld vun deene betraffene Leit kann aus dem Artikel schléissen, wie bis viru kuerzem an deenen Zëmmere gelieft huet an ass en net der Meenung, dass doduerch d’Privatsphäre vun deene Leit verletzt gouf?

D’Privatsphär vun de betraffene Leit gouf net verletzt, well op de Biller keng Persoun identifizéierbar ass an och keng Detailer publizéiert goufen, déi op konkret Persounen hiweise kéinten.

Fro 3: Ass de Schäfferot net der Meenung, dass opgrond vun deenen éischten Opfällegkeeten méi reegelméisseg Kontrollen dozou gefouert hätten, dass d’Sécherheetsmängel scho virun 2024 opgefall wieren?
Et ass richteg, datt zanter 2021 Mängel festgestallt goufen. Zu deem Zäitpunkt waren dës awer net an enger Dimensioun, déi eng direkt Fermeture gerechtfäerdegt hätt. D’Situatioun huet sech no an no verschäerft.
D’Stad hat reegelméisseg Kontakt mam Proprietär, fir op d’Mängel hinzeweisen an eng Verbesserung ze erreechen.

Fro 4: Wéi erkläert de Schäfferot sech, dass tëschent dem Entdecken vun dëse grave Sécherheetsmängel – mat dee-

nen laut Presseartikel 18 Leit an dorënner 11 Kanner gelieft hunn – an der Visite vum CGDIS an der Police 18 Méint vergaange sinn?

Soubal d'Gravitéit vun de Sécherheetsmängel kloer confirméiert war, huet de Schäfferot gehandelt. Tëscht der finaler administrativer Kenntnisnam an dem Relogement vun den 18 Persounen si ronn sechs Woche vergaangen. Dëst war déi minimal Zäit, déi néideg war, fir d'gesetzlech Prozeduren anzehalen an d'Familllen net auserneen ze rappen.

Fro 5: Wëssend dass de Proprietär nach wärend engem Mound muss d'Käschte fir d'Relogement iwwerhuelen, konnt mëttlerweil eng laangfristeg Léisung fonnt gi fir déi 2 Männer, déi an engem Hotel ënnerkomm sinn a fir d'Famill mat 9 Kanner?

Fir déi zwee Männer gëtt et eng familiär Perspektiv. Fir d'Famill mat néng Kanner ass d'Situatioun leider weiderhin schwéier. De fräie Wunnengsmaart bitt keng realistesch Optiounen. De Service Logement bleift am reegelméissegem enke Kontakt mat der betraffener Famill a sicht aktiv no enger dauerhafter Léisung.

Fro 6: Wéi vill "logements d'urgence" besëtzt d'Gemeng Diddeleng aktuell?

D'Stad Diddeleng verfüügt aktuell iwwer zwee Logements d'urgence.

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch.

**Froe vun der Fraktioun CSV Diddeleng – Fermeture vu chambres meublées**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot, am Numm vun der CSV-Fraktioun bieden ech Iech am Kader vun der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froë Stellung ze huelen. No de rezente Medieberichter am Dezember iwwert onzoumuttbar Wunnkonditiounen an dräi Appartementer mat miwweléierte Kummeren zu Diddeleng, wou Mindeststandarde bezüglech Sécherheet, Hygiène a Bewunnbarkeet net agehalen goufen, stellen sech eng Rei Froen.

1. Fannt d'Gemeng et ubruecht, datt Fotoe vun der Gemeng vun der betraffener Plaz an der Press publizéiert ginn, am Hibléck op d'Privatsphär an d'Würd vun de Bewunner?

2. Ass de Proprietär scho virdrun opgefall, a ginn elo juristesch Schrëtt géint hien ageluecht?

3. Wéi oft goufen an de leschte Joren esou Fäll an der Gemeng gemellt?

4. Weess d'Gemeng, ob et nach aner Wunnengen oder Gebaier an der Gemeng ginn, wou änlech onzoumuttbar Wunnkonditioune virleien?

Mir soen am viraus Merci fir d'Äntwerten.
Mat beschte Gréiss, CSV-Fraktioun

***Äntwert vum Schäff*innerot***

Madame, D'Fraktioun CSV Diddeleng huet de 9. Februar 2026, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 13. Februar 2026 a gemiess dem Gemengegesetz, dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss am Zesummenhang mat der Fermeture vun dräi Appartementer mat sougenannte „chambres meublées" am Dezember 2025. Nofollegend fannt Där d'Äntwerte vum Schäfferot op Är Froen.

Fro 1: Fannt d'Gemeng et ubruecht, datt Fotoe vun der Gemeng vun der betraffener Plaz an der Press publizéiert ginn, am Hibléck op d'Privatsphär an d'Würd vun de Bewunner?

D'Fotoe goufen am Accord a Presenz vun de betraffene Persoune gemaach a mat der Zouso fir eng Veröffentlechung. D'Privatsphär vun de betraffene Leit gouf net verletzt, well op de Biller keng Persoun identifizéierbar ass an och keng Detailer publizéiert goufen, déi op konkret Persounen hiweise kéinten.

Fro 2: Ass de Proprietär scho virdrun opgefall, a ginn elo juristesch Schrëtt géint hien ageluecht?

D'Gebai ass schonn 2021 kontrolléiert ginn. Zu deem Zäitpunkt war d'Situatioun awer nach net an deem Mooss besuergneserreegend wéi se sech spéider entwéckelt huet. 2024 ass eng däitlech Verschlechterung festgestallt ginn.
Op Basis vun de Rapporte, déi zanter 2021 erstallt goufen, si mëttlerweil juristesch Schrëtt ageleet ginn. De Proprietär wäert änner anerem fir d'Iwwerhuele vun de Relogementskäschte haftbar gemaach ginn. Parallel dozou hunn d'Locatairen, déi duerch déi progressiv Degradatioun vum Gebai staark benodeelegt goufen, d'Méiglechkeet hir Rechter geltend ze maachen.

Fro 3: Wéi oft goufen an de leschte Joren esou Fäll an der Gemeng gemellt?

Am Zäitraum vun engem Joer goufen et véier konkret Situatioune.

Fro 4: Weess d'Gemeng, ob et nach aner Wunnengen oder Gebaier an der Gemeng ginn, wou änlech onzoumuttbar Wunnkonditioune virleien?

De Service Logement huet rezent eng weider Situatioun identifizéiert, déi änlech Problematike weist. Dat ënnersträicht d'Wichtegkeet vu reegelméissege Kontrollen.

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch. •

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# USINA 26

## NEISCHMELZ, DUDELANGE
## 30.05.2026

# GIANT ROOKS

## CHARTREUSE
## DIE SCHLAGZEUGMAFIA
## LOW DENSITY CORPORATION
## TROUNWIESSEL DANZ
## BAZZOOKAS
## NETTY HUGO
## MAMBO SCHINKI

**FREE ENTRY**

FAIRGROUND • STREET ARTISTS
WORKSHOPS • THEATER
AND MANY MORE




**PARTNERS**

**OPDERSCHMELZ • DEN ATELIER • DE GUDDE WËLLEN**

BOMBYX I CEPA I CNA I CNCI I DKOLLEKTIV
JUGENDHAUS I KANTIN I PIPAPO I VEWA

## INFO AT USINA.LU

BE LOKAL, LËT'Z KOLA
Ramborn CIDER CO.
ArcelorMittal
BOFFERDING De Béier vun hei.
Eldoradio